


# INFO BLAT

°04 25

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSËTZUNG
VUM 4. JUNI 2025




L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

# INFO BLAT °04 25

COMPTE-RENDU DU 4 JUIN 2025

5-56

VACANCES DE SKI

57

PÉDIBUS

58

**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 500 exemplaires

**© PHOTOS** Couverture: Joanna Hudyka

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 04/2025,** ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 4 JUIN 2025

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Guy Altmeisch, bourgmestre (LSAP)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Thierry Wagner, échevin (LSAP)
Jerry Hartung, échevin (CSV)
Zenia Charlé, échevine (LSAP)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Eric Cillien (DP)
Elisabeth Da Silva (DP)
Gary Diderich (déi Lénk)
Morgan Engel (LSAP)
Caroline Huberty (LSAP)
Fränz Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Claude Olten (CSV)
Laura Pregno (déi gréng)
Michel Scheuren (LSAP)
Manon Schütz (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

**Absents/excusés:** Eina Ceman (CSV)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communications du collège échevinal.**
2. **Finances communales :**
   a. Avis et titres de recettes pour l'exercice 2024 ;
   b. État des restants et décharges pour l'exercice 2024.
3. **Projets communaux :**
   a. Stade municipal Oberkorn : installation d'un écran d'affichage, bandes DEL et bâches — devis et crédit spécial, article budgétaire 4/821/221312/25034 ;
   b. Stade Jos-Haupert — travaux de drainage et renouvèlement intégral du terrain principal — devis supplémentaire, article budgétaire 4/821/221312/25013 ;
   c. Construction d'une nouvelle école et maison relais dans la cité Mathendahl à Niederkorn — décompte, articles budgétaires 4/242/221311/18002 et 4/910/221311/18002.
4. **Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers :**
   a. Modifications ponctuelles du PAG à Differdange — saisine du conseil communal suivant l'article 10 de la loi du 19 juillet 2014 concernant l'aménagement communal et le développement urbain — concernant le classement d'une partie de la parcelle 187/10125 et de la parcelle 187/10126 en tant que zone de bâtiments et d'équipements publics (BEP) au lieudit rue de l'Hôpital à Differdange, le classement d'une partie de la parcelle 218/9355 en tant que zone de bâtiments et d'équipements publics (BEP) au lieudit avenue de la Liberté à Niederkorn, le classement des parcelles 2439/8949, 2837/8950 et 2837/5122 en tant que zone spéciale 1 (SPEC-1) au lieudit route de Bascharage (site Triangolo) à Niederkorn, le classement des parcelles 2439/9782, 2439/9783, 2439/9784, 2439/9785, 2439/9786, 2439/9787, 2439/9788, 2439/9789 et 2439/9790 en zone de jardins familiaux (JAR) au lieudit rue Kelvert à Niederkorn, l'élargissement de la protection communale dans le cas de la construction localisée à Niederkorn sur la parcelle 171/1433 (no 4, rue Saint-Antoine) ;
   b. Modification ponctuelle du PAG à Differdange — vote du conseil communal suivant l'article 14 de la loi du 19 juillet 2014 concernant l'aménagement communal et le développement urbain concernant le classement de la parcelle 2400/8407 ainsi que d'une partie de la parcelle 2546/8405 en tant qu'ECO-c1 au lieudit rue Pierre-Gansen ;
   c. Modification du plan de repérage du plan d'aménagement particulier Quartier existant de la Ville de Differdange présentée par le collège échevinal pour le compte de l'administration communale et concernant des fonds sis à Niederkorn, rue Pierre-Gansen ;
   d. Demande de morcèlement de terrains situés rue du Kirchberg à Niederkorn.
5. **Enseignement fondamental : organisation scolaire pour l'exercice 2025-2026.**

6. **Personnel communal : organigramme de la Ville de Differdange — adaptation du poste de directeur adjoint de l'école de musique de 50 % à 100 %.**
7. **Actes et conventions :**
   a. Acte notarié visant l'acquisition d'une construction légère/garage, de trois garages et d'un bâtiment autre, sis à Differdange, rue du Chemin-de-Fer;
   b. Acte notarié visant l'acquisition de huit garages et d'un bâtiment autre, sis à Differdange, rue du Chemin-de-Fer;
   c. Contrats de bail établis suivant les dispositions relatives au logement abordable pour des logements locatifs sis à Niederkorn, 38, rue des Ligures et Lasauvage, 37, Balcon;
   d. Contrat de bail avec la Miami University concernant la mise à disposition de deux appartements (triplex) au sein du complexe Gravity à Differdange;
   e. Premier avenant au contrat de bail du 29 juin 2012 conclu avec la Miami University concernant notamment la mise à disposition du château de Differdange avec jardin;
   f. Contrats de bail et avenants concernant des espaces de création au 1535° Creative Hub;
   g. Avenant no 1 à la convention de service en matière de mobilité électrique visant l'équipement de divers parkings et lieux publics d'une infrastructure de recharge.
8. **Intentions de classement comme patrimoine culturel national des immeubles sis à Niederkorn aux 157 et 159, avenue de la Liberté, inscrits au cadastre de la commune de Differdange, section A de Niederkorn, sous les numéros 960/7501 et 960/7502 — avis.**
9. **Règlements communaux :**
   a. Modifications/ajouts aux chapitres B1 : Mise à disposition de matériel et G1 : Stationnement du Règlement des taxes, tarifs et prix;
   b. Règlements temporaires de circulation.
10. **Changements au sein de commissions consultatives et des groupes de travail.**

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, Iech an eisem nei amenagéierte Sall am Hall O, fir eis Gemengerotssitzung vum 4. Juni ze begréissen. Et gouf en Amenagement vum Sall virgeholl, well mer der Meenung waren, dat anert, dat wieren awer ze grouss Distanzen. Esou si mer eis méi no, mer brauchen net esou haart ze schwätzen an net esou haart een deen aneren ze luewen. Soudass mer elo e bessert Amenagement vum Sall hunn a mer och e bësse méi no beienee sëtzen.

Entschëllegt haut ass d'Madamm Ceman Emina, aus berufflech Grënn. Si huet dem Här Ulveling d'Procuratioun ofginn.

Ech froen Iech, ob Froen unzemelle sinn. Ech schreiwen op: Den Här Cillien, d'Madamm Da Silva, den Här Aguiar, d'Madamm Pregno. Ech soen Iech Merci.

Da géife mer zum Punkt 1 kommen, de Kommunikatioune vum Schäfferot. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech hunn e puer Matdeelungen ze maachen, als éischt e puer Datumen.

Muer ass d'Inauguratioun vun der Kläranlag am SIACH um 14:45 Auer. Sollt ee sech net ugemellt hunn an e wéilt gär dobäi sinn, da misst en dat haut maachen. Dat ass a Presenz vum Grand-Duc Héritier.

Den 18. Juni um 11:00 Auer ass d'Inauguratioun vum CID. An den 28. Juni ass d'Porte ouverte vum CID, vun 9.00 bis 12.00 Auer.

Souwäit zu den Datumen. Déi aner Matdeelungen: Ech wëll Iech matdeelen, mir sinn amgaangen, en Dossier an ee Konzept auszeschaffe vun de grénge Plazen an den Travée-verten, déi eis Quartieren an Uertschafte solle verbannen. Soubal vum Schäfferot guttgeheescht, wäerte mer et an de Gemengerot bréngen.

Iwwerall an eisem Tissu urbain si Luedstatiounen amgaangen opgeriicht ze ginn. Dir hutt eng Kaart virleien, wou Der gesitt, wéi vill et der in fine wäerte sinn.

Am Kader vun NetZeroCities hunn ech eng gutt Noriicht: Mir hunn een europäesche Projet gewonnen, wou mer 250.000 Euro vun der Europäescher Kommissioun kréien, fir ee Projet, wat mat Mobilitéit ze dinn huet.

An deenen nächste Méint wäerte mer Mission City ginn. Eisen Dossier, dee mer erageschéckt haten, krute mer nach net zréck. Soubal mer deen zréck hunn, wäerte mer mat Iech, dat hate mer jo gesot, driwwer debattéieren, iwwer déi 520 Säiten an déi 152 Projeten, déi mer an deem Kader annoncéiert haten. Fir dat eng Kéier guttzeheeschen.

Da si mer och amgaangen, un engem Concours vum Ministère deelzehuelen, fir verschidde Plaze méi gréng ze gestalten. Do wäerte mer zwee Projete presentéieren, ee virum neie Stadhaus, deen Eck, dee wollte mer e bësse méi gréng gestalten. Dat hate mer och scho mat de Bierger an eise Leit intern beschwat.

An deen anere Projet, ee weidere Schoulhaff, dee mer wëlle begréngen. Donieft si mer amgaangen, zesumme mat der Madamm Charlé, fir d'Place des Alliés e bëssen anescht a méi gréng ze gestalten.

Da si mer an Diskussioune mat ArcelorMittal fir d'Réckgewënnung vun der Hëtzt vun den Héichiewen. Do si mer scho relativ laang amgaangen, e puer Joer. De Problem, à ce stade, ass am Fong de Käschtepunkt. Doriwwer si mer amgaangen, nach ze verhandelen. À ce stade wär et méi deier, wa mer dat géife maachen, wéi den aktuellen Energiepräis oder vum Elektresch. Soudass mer gesot hunn, dat kënne mer jo net maachen. Dat heescht: Et gëtt gekuckt, u wéi enge Schrauwen een dréie kann, fir zumindest op dee selwechte Präis ze kommen. Well mer de Leit net wëlle méi froe wéi dat, wat se bis elo bezuelt hunn.

Dat wär alles vu menger Säit. Merci.

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ouvre la séance en saluant les participants dans la salle nouvellement aménagée du Hall O pour la réunion du conseil communal du 4 juin. Il explique que le réaménagement de la salle a été effectué, car les distances étaient trop importantes dans l'ancienne configuration. Désormais, les conseillers sont plus proches les uns des autres, ce qui permet de ne pas avoir à parler aussi fort et de mieux s'entendre.*
*Le bourgmestre signale l'absence de madame Ceman pour des raisons professionnelles. Elle a donné procuration à monsieur Ulveling.*
*Il demande ensuite qui souhaite poser des questions et note les noms de monsieur Cillien, madame Da Silva, monsieur Aguiar et madame Pregno.*

**TOM ULVELING (CSV)** *prend ensuite la parole pour faire plusieurs communications. Il annonce d'abord quelques dates importantes : l'inauguration de la station d'épuration du SIACH aura lieu le lendemain à 14 h 45 en présence du grand-duc héritier, et ceux qui souhaitent y participer doivent s'inscrire le jour même. L'inauguration du CID est prévue le 18 juin à 11 h, suivie d'une journée portes ouvertes le 28 juin de 9 h à 12 h.*
*Tom Ulveling poursuit en indiquant que la commune travaille actuellement sur des dossiers et un concept concernant les espaces verts et les travées vertes qui doivent relier les quartiers et localités. Dès que le concept sera approuvé par le collège échevinal, il sera présenté au conseil communal.*
*Des stations de recharge pour véhicules électriques sont en cours d'installation dans tout le tissu urbain, et une carte montrant leur emplacement définitif a été distribuée aux conseillers.*
*Dans le cadre de NetZeroCities, il annonce une bonne nouvelle : la commune a remporté un projet européen et recevra 250 000 € de la Commission européenne pour un projet lié à la mobilité. La commune deviendra « Mission City » dans les prochains mois. Le dossier soumis n'a pas encore été retourné, mais dès réception, il sera débattu avec le conseil, comme promis,*

*concernant les 520 pages et 152 projets annoncés dans ce cadre.*
*La commune participe également à un concours ministériel pour verdir certaines places. Deux projets seront présentés : un devant le nouvel hôtel de ville, projet déjà discuté avec les citoyens et en interne, et un autre projet pour végétaliser une cour d'école.*
*Parallèlement, avec madame Charlé, ils travaillent à repenser et verdir la place des Alliés.*
*Enfin, des discussions sont en cours avec ArcelorMittal concernant la récupération de chaleur des hauts fourneaux. Ces négociations durent depuis plusieurs années. Le problème actuel est le cout : à ce stade, ce serait plus cher que les prix actuels de l'énergie ou de l'électricité. La commune a donc indiqué que ce n'est pas viable. Des ajustements sont recherchés pour au moins atteindre le même prix, car il n'est pas question de faire payer davantage aux citoyens.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *prend ensuite la parole pour faire une communication importante concernant le logement abordable. Il explique que la commune de Differdange, en tant que promoteur social et bailleur social, permettait jusqu'à présent aux citoyens de s'inscrire sur une liste pour demander un logement abordable à travers un formulaire en ligne sur le site internet communal. Cette procédure n'est plus possible. À la place, le site propose désormais des explications sur le RENLA avec un lien direct vers l'inscription auprès du Fonds du logement.*
*Ce changement s'explique par la transition vers le RENLA, la base de données nationale unifiée des demandeurs de logement abordable, qui devrait être opérationnelle en septembre selon le ministère.*
*Actuellement, chaque bailleur social gère sa propre liste, obligeant les demandeurs à s'inscrire séparément auprès de chacun pour maximiser leurs chances. Cette situation n'est ni satisfaisante ni adaptée à l'époque actuelle. Le nouveau système présente l'avantage majeur de ne nécessiter qu'une seule inscrip-*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Matbierger, Vertrieder vun der Press, déi, déi vu baussen nolauschteren, gudde Moien. Ech hunn eng Matdeelung ze maachen, sollt Der an Zukunft drop ugeschwat ginn: D'Gemeng Déifferdeng ass jo, am Kader vum Logement abordable, souwuel Promoteur social wéi Bailleur social. Duerch lescht genannt konnten d'Bierger sech bei ons op eng Lëscht aschreiwe loossen, fir eng Demande fir e Logement abordable – virausgesat, dass si d'Konditiounen erfëllt hunn.

Dëst goung an der Haaptsaach online, iwwer ee Gemengeformulaire op dem Déifferdenger Internetsite. Dat geet awer elo net méi. Amplaz sinn op eisem Site Erklärungen zum RENLA ze fannen, mat engem direkte Link bei d'Umeldung vum Fonds du Logement.

Dat huet domadder ze dinn, well mer amgaange sinn, op de RENLA, déi eenheetlech national Datebank vun Demandeure fir Logement abordable, eriwwer ze switchen, déi vu Ministère-Säit am September soll operationell sinn.

Aktuell ass et jo esou, dass all Bailleur social seng eege Lëscht féiert. Dat bréngt mat sech, datt d'Leit sech bei jidderengem eenzel mussen umellen, wa se bei deene jeeweilegen Offere wëllen eng Chance hunn, eppes ze kréien. Dat ass jo keng glécklech Situatioun an definitiv net méi zäitgeméiss. Dofir si mer frou, wann am September just nach eng Lëscht op nationalem Niveau existéiert. Dat huet dee grousse Virdeel, datt d'Leit sech an Zukunft just brauchen eemol unzemellen a bei all Bailleur social am Land automatesch a Fro kommen, déi ee Logement ze verginn hunn, wou een d'Krittären erfëllt.

Esou huet jidderee méi Chancen, dat passend ze fannen, an et vereinfacht déi administrativ Demarchen immens fir de Bierger.

Deen neie System respektiv de Switch dohi bedeit awer och eng Sisyphusaarbecht hannendrun, well et wëll ee jo all d'Leit, déi aktuell bei iergendengem Bailleur social ageschriwwe sinn, automatesch an och korrekt mat op déi nei Lëscht iwwerhuelen.

Soudatt een all d'Doublanten, also déi Leit, déi bei ons ageschriwwe sinn, a bei engem oder méi aneren, mussen erausgefiltert ginn, fir se herno just eemol op där neier nationaler Lëscht stoen ze hunn.

Et muss ee sech jo och virstellen, datt se net iwwerall d'selwecht ugemellt sinn. Well all Persoun ka spéider verständlecherweis just nach eemol am RENLA als Demandeur optauchen. Beispillsweis kann eng Persoun net eemol fir sech selwer eleng Demandeur fir ee Logement sinn an an enger weiderer Demande optauchen, wou hien als Partner oder als Kand bei anere matgefouert gëtt.

Dofir mussen déi Lëschten am Virfeld all ofgeglach ginn, éier se an deen nationale Listing iwwerholl kënne ginn. Dat bedeit, datt mer am Virfeld mussen ee Cut maachen, wou ee seng Lëscht clôturéiert an da mam Fonds du Logement dee ganzen Exercice duerchleeft.

Dee Cut hei bréngt da mat sech, datt d'Leit sech just nach beim Fonds du Logement kënnen umellen, wa se net schonn do ugemellt sinn. Also natierlech bis am September de RENLA en place ass.

An Zukunft wäert et dann een nationale Site ginn, wou ee seng Demande stelle kann a sech do säi Bailleur social attitré selwer eraussiche kann, also dee Bailleur social, deen den Dossier herno geréiert, do dann zum Beispill och d'Déifferdenger Gemeng.

Mee, wéi gesot, all Persoun wäert an Zukunft just nach bei engem Bailleur social ageschriwwe sinn. Bei wiem ass u sech egal, well ee jo bei allen anere Bailleurs sociaux op der Lëscht optaucht, déi eppes ze verginn hunn.

Nach wichteg matzedeelen: Déi Leit op eiser aktueller Lëscht, déi jo och op anere Lëschte stinn, wäerten natierlech vun eis ugeschriwwe ginn, wou si ge-

frot ginn, vu wiem si zukünfteg wëllen hiren Dossier traitéiert kréien.

Dat als Erklärung, firwat ee sech elo net méi iwwer eise Gemengeformulaire umellen kann an eebe bei de Fonds du Logement weidergeleet gëtt. Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Dat ass eng immens Erliichterung fir déi Leit, déi Demandeur si vun esou enger Wunneng. An och eng Erliichterung fir déi Leit, déi esou Wunnenge verginn. Dat ass eng grouss Plus-value fir dee ganze Wunnengsmarché.

D'Wuert geet un d'Madamm Charlé, wannechgelift.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Ech géif gär vun der Geleeënheet profitéieren, Iech, awer natierlech och eis Bierger, a Kenntnis ze setzen, datt den Dinola, de Ruffbus fir d'Senioren, zënter dëser Woch elo och de Servior zu Käerjeng ufiert. Dëst war ee grousst Uleies vun enger Rei Senioren a Seniorinnen zënter dem Demenagement vu Servior am Mäerz.

Mir soen Emile Weber Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht an déi séier Ëmsetzung vun eiser Demande.

Da profitéieren ech gären, fir de Bierger, an och Iech hei am Sall, Bescheed ze soen, datt Mëtt Juni d'Aarbechten an der rue Camille Gira, also der Strooss laanscht d'Sportshal zu Uewerkuer, erop Richtung Hall O, ufänken. Do ginn d'Polleren no ënne Richtung Strooss versat, fir déi dach heiansdo chaotesch Situatiounen ze vermeiden, wa Veranstaltungen oder Traininge sinn.

Hei vergiesse mer natierlech net, och déi zwou PMR-Parkplazen, déi sech hei befonnt hunn, op däitlech méi gënschteg Plazen ze verleeën.

Och kënne mer matdeelen, datt am Déifferdenger Zentrum, méi genee am Parking Reggio, deemnächst 27 Parkplaze bäikommen, déi op de Mount ze verloune sinn. Déi Leit, déi op de Waardeläschte stinn, wäerten driwwer informéiert ginn.

Eng flott Nouvelle ass, datt mer am Parc Dune dee flotte Projet vun engem Sënnesgaart ëmsetzen. Dëst ass ee Projet, dee vun enger ehemoleger Studentin aus dem Service écologique ausgeschafft gouf. Dësen huet de Mataarbechter esou gutt gefall, datt mer decidéiert hunn, dësen am Parc Dune ze realiséieren.

Dem Noemie seng Erklärungen, wéi et zu deem Projet koum a wat et dozou bruecht huet, dësen auszeschaffen, si ganz interessant. An enger Welt, wou d'Kanner – an dat scho ganz fréi – hir Ëmwelt net méi wierklech wouerhuelen, well hire Kapp just nach zum Handy gedréit ass, d'Fäegkeet verluergeet, sech op hir Sënner ze fokusséieren. Wat gesinn ech? Wat richen, héieren, schmaachen oder spieren ech?

Säin Ëmfeld an d'Natur erëm méi wouerhuelen. De Sënnesgaart dréit dozou bäi, de Kanner bäizebréngen, mat hire Sënner eens ze ginn, se anzeschätzen an hinnen ze weisen, wéi eng Reizer et an der Ëmwelt all gëtt.

Als Gemeng freet et eis, datt déi Aarbechten esou gutt virukommen. Falls Der deemnächst eng Invitatioun fir eng offiziell Aweiung kritt, freet et eis, wann Der zahlreich wäert.

Eng aner flott Nouvelle ass, datt mer frou sinn iwwer déi erfollegräich Editioun vun eisem Repair Café de 17. Mee, déi am LPEM stattfonnt huet. Net nëmmen eng Rei Bierger si laanschtkomm, fir hiert Material flécken ze loossen, mee och ee ganze Grupp Schüler aus dem Lycée war present, fir do ze hëllefen.

Fir ofzeschléisse wéilt ech dem Här Reuter Philippe an dem Här Kai Lacour Merci soe fir déi flott Organisatioun. Awer och dem Lycée Emile Metz, mat deem mir eng super Zesummenaarbecht haten. Mir freeën eis, an deem Sënn, schonn op déi kommend Editiounen.

Zu gudder Lëscht wéilt ech Iech, de Gemengerot, häerzlech invitéieren, den 21. Juni mat op d'Visitt vum Jardin communautaire zu Esch ze kommen.

*tion pour être automatiquement pris en compte par tous les bailleurs sociaux du pays répondant aux critères.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie monsieur Hartung. Il exprime son soulagement pour les demandeurs de logements ainsi que pour ceux qui attribuent ces habitations, soulignant la grande plus-value que cela représente pour l'ensemble du marché du logement.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *prend ensuite la parole pour partager plusieurs informations importantes avec le conseil et les citoyens. Elle annonce que le Dinola, le bus pour séniors, dessert désormais également Servior à Käerjeng depuis cette semaine. Cette extension du service répond à une demande importante de nombreux séniors depuis le déménagement de Servior en mars. Elle remercie Émile Weber pour l'excellente collaboration et la mise en œuvre rapide de cette requête.*
*L'échevine informe également que les travaux commenceront mi-juin dans la rue Camille-Gira, la route longeant le hall sportif d'Oberkorn en direction du Hall O. Les potelets seront déplacés vers le bas, côté route, afin d'éviter les situations chaotiques qui surviennent parfois lors d'évènements ou d'entrainements. Elle précise que les deux places de parking PMR situées à cet endroit seront relocalisées à des emplacements plus favorables.*
*Concernant le stationnement au centre de Differdange, elle annonce que 27 places supplémentaires seront prochainement disponibles à la location mensuelle dans le parking Reggio. Les personnes inscrites sur les listes d'attente en seront informées.*
*Zenia Charlé présente ensuite avec enthousiasme le projet de jardin sensoriel, qui sera réalisé au parc Edmond-Dune. Ce projet, conçu par une ancienne stagiaire du service écologique, a tellement séduit les collaborateurs qu'ils ont décidé de le concrétiser. Elle explique que, dans un monde où les enfants, dès leur plus jeune âge, perdent le contact avec leur environnement en raison de leur fixation sur les téléphones, ce jardin sensoriel permet-*

*tra de les reconnecter avec leurs sens et la nature. L'objectif est d'apprendre aux enfants à apprécier et utiliser leurs sens en découvrant les multiples stimulus présents dans l'environnement.*
*Elle se réjouit également du succès de l'édition du Repair Café du 17 mai au LPM, où de nombreux citoyens sont venus faire réparer leurs objets avec l'aide d'un groupe d'élèves du lycée. Elle remercie Philippe Reuter, Kai Lacour et le lycée Émile-Metz pour cette excellente organisation.*
*Pour conclure, elle invite le conseil communal à participer à la visite du jardin communautaire d'Esch-sur-Alzette le 21 juin, afin de s'inspirer pour un éventuel projet similaire à Differdange.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *reprend la parole pour présenter le point concernant les finances communales. Il explique que la liste des recettes de 2024 a été transmise et est disponible sur Diffcloud. Cette obligation légale impose de soumettre annuellement cette liste au conseil communal.*
*La Commission des finances a émis un avis positif sur le document, qui présente des recettes totales de 277 815 351,03 €.*

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *prend la parole pour discuter du Pacte logement 2.0. Il explique que les montants alloués dépendent de plusieurs paramètres, tels que le nombre d'habitants, les logements sociaux créés et les logements abordables développés.*
*Il note qu'une des enveloppes budgétaires est peu utilisée et souhaite connaitre les réflexions du collège échevinal à ce sujet. Il détaille les trois catégories d'utilisation possibles, soulignant particulièrement la troisième catégorie concernant les ressources humaines, la communication et les dynamiques sociales, qui pose des difficultés à plusieurs communes et pourrait inclure les efforts de participation citoyenne.*
*Gary Diderich soulève la question du service logement et suggère qu'il faudrait pouvoir comptabiliser une partie de ses activités différemment. Il évoque tous les conseils externes que la commune sollicite au-*

An engem gréissere Grupp gi mer eis dee gelongene Projet ukucken an eis inspiréiere fir eventuell en änleche Projet hei zu Déifferdeng.

Villmools merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi interessant Informatiounen. De Punkt 2a) begräift d'Gemengefinanzen. Mir hunn Iech d'Lëscht zoukomme gelooss vun de Recettë vum Joer 2024. Si ass och op der Diffcloud. Dat ass eng Obligatioun, déi eis opläit vum Legislateur, déi Lëscht järlech duerch de Gemengerot ze bréngen. D'Finanzkommissioun huet se positiv aviséiert. Dir hutt d'Lëscht virun Iech leien, do gesitt Der insgesamt Recettë vun 277.815.351,03 Euro.

Gëtt et Wuertmeldungen oder Froen zu deem Punkt? Wa jo, wier ech frou, Iech déi Froen ze beäntwerten. Den Här Diderich, wannechgelift.

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, ech wollt op e puer méi gréisser Poste-Recetten agoen. Et ass jo esou, wat de Pacte Logement 2.0 ugeet, mer eréischt, à ce stade, wëssen – oder Dir wësst et scho méi laang, mee mir als Gemengerot eréischt elo –, wat do erakënnt.

Do gi jo opgrond vun e puer Parameteren, zum Beispill d'Awunnerzuel, wéi vill GLS-Wunnengen hei um Terrain geréiert ginn a wéi vill Logement abordable geschafe gëtt, gëtt do een Dëppe gefëllt. An dat Dëppe kann an dräi Kategorië benotzt ginn.

Aus der Logementskommissioun hunn ech matkritt, dass ee vun deenen Dëppen zimmlech voll ass an net besonnesch genotzt gëtt. Ech wollt nofroen, wat do d'Iwwerleeunge vum Schäfferot sinn.

Ech erkläre vläicht: Déi éischt Kategorie, déi méi bekannt ass aus dem Pacte Logement 1.0, déi gëtt vill genotzt. Dat ass déi vun den Acquisition d'immeubles et projets d'équipements publics et collectifs. Dat heescht: Wann ee Wunnraum schaaft, da muss ee jo och Schoulen hunn, da muss ee Parkanlagen hunn, da muss ee Stroossen hunn, da muss een och eppes am Beräich Kultur maachen, am Sport. All déi Saache kënnen zum Deel dorënner lafen.

Déi Kategorie 1, déi war am Pacte Logement 1.0 scho ganz vill an huet eeben zum Deel dozou gefouert, dass d'Gemengen domadder einfach hir normal Saache finanzéiert hunn an net onbedéngt vill fir de Logement gemaach hunn. Dat war op jidde Fall deemools d'Kritik.

Am Pacte Logement 2.0 ass et dann drëm gaangen: Wat setze mer en place, dass d'Gemengen awer och méi geziilt an de Logement investéieren an an d'Qualitéit vum Logement, also am Fong, wéi wunne mer zesummen?

Et gëtt eng Kategorie 2: Cadre de vie et rénovation urbaine. Do geet et ëm Saache wéi Jardins publics, Parken, Places publiques, Aires de jeux, Lieux de rencontres, Mobiliers urbains, Réaménagement d'une place publique. Ech denken, dass mer an där Kategorie och éischter genuch hei zu Déifferdeng hunn. An dat och warscheinlech esou gebucht gëtt, dass mer dat doriwwer kënne finanzéieren.

Da gëtt et d'Kategorie 3: Ressources humaines, communication et dynamiques sociales. Dat ass eng Kategorie, déi a ville Gemenge fir Kappzerbrieches suergt. Huele mer just als Beispill d'Gemeng Kielen, wou ee ganze Projet wéi Elmen bäikënnt. Do si ganz vill Suen an deem doten Dëppen. An dat Dëppe kann een nëmme benotzen, wann een doranner investéiert.

Eng ganz Rei Gemenge schaffen drop hin a maachen Drock beim Ministère. Eis Regierung huet sech jo op de Fändel geschriwwen, alles méi einfach ze maachen, dat heescht awer och, alles manner cibléiert ze maachen a dass een herno, iwwerdriwwe gesot, egal wat ka maachen. An da géif dat heite vläicht opgehuewe ginn. Esou Iwwerleeunge si jiddefalls ënnerwee um Niveau vum Ministère. Mee dat alles dauert jo awer och nach. Ech wollt de Schäfferot froen, wat do geplangt ass.

Well, et muss ee wëssen d'Kategorie „Ressources humaines, communication et dynamiques sociales" begräift och Biergerbedeelegung, dat heescht all Effort, deen d'Gemeng am Kader vun der Biergerbedeelegung mécht. Et gëtt scho Saachen, déi eis Gemeng mécht, wou ech net weess, ob mer déi doriwwer buchen. D'Noperschafts App Hoplr zum Beispill. Do gëtt et Gemengen, déi d'Käschten dovun iwwer déi dote Linn huelen.

De Service logement, dee misst een zum Deel, mengen ech, doriwwer kënnen ofrechnen. Ech weess net, ob dat gemaach gëtt. Dir wénkt Nee. Mee op jidde Fall all Conseil, deen ee vu baussen hëlt, Conseil vun Urbanisten, Architekten, Ingenieuren, Geometeren, Juristen, Gestionnaires de projets, Gestionnaires de quartiers, alles dat kann een doriwwer huelen.

Dann ass et vläicht just fir extern Ressources humaines. An do wollt ech dann ureegen, dass een dat wierklech emol kuckt, ob mer dat wierklech ausnotzen, iwwerall do, wou mer Etüde maachen. Mir hu vill Etüden an eisem Budget stoen.

Hei steet awer och ganz kloer dran: „La création d'un emploi spécifique, par exemple, avec la mission de faire l'entretien des espaces verts." Och an deem Beräich kann een déi dote Linn benotzen.

Pré-études, études de faisabilité, och urbanistesch an architektural Concoursen, Études de sols, alles dat kann een heiriwwer maachen. Dat ass am Beräich vum Amenagement vun de Ressources humaines.

De Volet Kommunikatioun mat de Bierger, do kann een och Baulücken a Leerstandsprogrammer doriwwer féieren aktiv. Ech gesinn elo net, wat zu Déifferdeng am Beräich vum Leerstand gemaach gëtt. An op där anerer Säit héieren ech awer, dass mir eng Millioun Euro an engem Dëppen hunn, déi net genotzt ginn. Hei gi mer dozou invitéiert, am Beräich vun de Baulücken a vum Leerstand eppes ze maachen.

D'Promotioun vun der Gestion locative sociale ass mat der AIS Kordall, zum Deel, gemaach ginn. Do hunn ech awer och elo an der Lescht keng Initiative méi gesinn.

Dann dee ganze Volet vun der Mobilisatioun vum Foncier, also vum Bauterrain, deen am PAG ass, a wou kéint bebaut ginn. Alles dat kann een iwwer dee Volet vun der Kommunikatioun maachen.

Dee leschte Volet ass dee vun der Verstäerkung vun der Biergerbedeelegung. Do kann een all participativ Prozesser doriwwer finanzéieren. Fir mech heescht dat, dass de Budget participativ doriwwer lafe kéint. Ech weess net, ob dat gemaach gëtt. D'Fro un Iech: Gëtt dat gemaach oder net?

Wann net, da géif ech dat awer emol kucken.

Souguer Saache wéi een Noperschaftsfest ze promouvéieren, Animatioune vun de Jugendhaiser, Biergeratelieren, alles dat kann iwwer déi Linn gemaach ginn. Gëtt esou gemaach? Weess ech net. Ginn do extra Initiative geholl? Do sinn ech mer net sécher. Op jidde Fall géif ech ureegen, dat wierklech eng Kéier ze kucken.

Dat Ganzt hänkt natierlech och zesumme mam Plan d'action logement, mam PAL, deen awer net méi aktuell ass. An der Logementskommissioun hunn ech ugereegt, deen ze iwwerschaffen. Dat heescht, mir wäerten deen an den nächste Sëtzunge Kapitel fir Kapitel duerchhuelen. Well déi Saachen, déi een herno wëll finanzéieren, mussen de près ou de loin, och an deem PAL stoen. Do kann een elo net soen, mir maachen elo XY an am PAL ass guer keng Spuer dovunner, dass een dat kéint maachen.

Déi Froe wollt ech emol opwerfen a kucken, wat dem Schäfferot seng Iwwerleeungen dozou sinn.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech soen Iech Merci, Här Diderich, fir déi Ureegungen do. Leider ass net alles subventionabel vum Staat, well soss wier eis Lëscht vun de Recetten zweemol méi laang. Gleeft mer eent: Mir froen alles un, wat mer subventionéiert kréien. Ech géif dem Här Hartung

*près d'urbanistes, d'architectes, d'ingénieurs, de géomètres, de juristes, de gestionnaires de projets et de quartiers. Il propose d'examiner si ces ressources humaines externes sont véritablement exploitées de manière optimale, notamment dans le cadre des nombreuses études inscrites au budget. Il cite explicitement la possibilité de créer un emploi spécifique pour l'entretien des espaces verts et mentionne que les préétudes, études de faisabilité, concours urbanistiques et architecturaux, ainsi que les études de sols peuvent être réalisés dans ce cadre.*
*Concernant le volet communication avec les citoyens, Gary Diderich indique qu'il est possible de mener des programmes actifs sur les dents creuses et les logements vacants. Il constate qu'il ne voit pas d'actions menées à Differdange dans le domaine des logements vacants, alors qu'il entend dire qu'un million d'euros restent inutilisés dans une enveloppe budgétaire.*
*Il évoque la promotion de la gestion locative sociale, partiellement réalisée avec l'AIS Kordall, mais déplore l'absence d'initiatives récentes.*
*Il aborde également la mobilisation du foncier constructible inscrit au PAG et suggère que le volet communication pourrait servir à cette fin.*
*Pour le renforcement de la participation citoyenne, il propose que le budget participatif puisse être financé par cette ligne budgétaire et s'interroge sur sa mise en œuvre actuelle.*
*Il mentionne la possibilité de promouvoir des fêtes de voisinage, des animations dans les maisons de jeunes et des ateliers citoyens. Il lie l'ensemble à la nécessité de réviser le Plan d'action sur le logement, qu'il juge obsolète, et qu'il propose de revoir chapitre par chapitre lors des prochaines séances de la Commission du logement.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie monsieur Diderich pour ses suggestions. Il précise que, malheureusement, tout n'est pas subventionnable par l'État ; sinon, la liste des recettes serait deux fois plus longue. Il assure que la commune demande toutes les subventions*

*possibles et passe la parole à monsieur Hartung pour des détails supplémentaires.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *reconnait que monsieur Diderich se donne souvent les réponses lui-même. Il confirme que tout n'est pas subventionnable selon les décideurs. Il indique que les deux premières enveloppes budgétaires sont bien utilisées, mais que la troisième pose effectivement problème. Cette situation cause des difficultés à de nombreuses communes, car les demandes sont souvent rejetées. Il explique que même les employés du service du logement travaillant exclusivement pour aider les citoyens ont vu leur financement refusé.*
*Il souligne la complexité du processus, où les demandes doivent être soumises une par une, avec des délais de traitement importants et des résultats incertains. Il confirme que des fonds restent effectivement inutilisés et que les instances politiques compétentes ont été interpelées.*
*Ces sommes proviennent des efforts communaux dans le logement abordable. Il précise que les deux premières enveloppes, les plus importantes, ont été utilisées, mais que la troisième, représentant 25 % du total, reste problématique. Il rassure en indiquant que ces sommes ne sont pas perdues et peuvent être reportées. Il espère qu'une nouvelle règlementation simplifiera la procédure administrative et permettra d'utiliser tous les fonds disponibles.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *reprend la parole pour souligner que, malgré les promesses de simplification administrative, la mise en œuvre tarde. Les communes attendent ces simplifications, qui rendront les procédures plus attractives.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *intervient pour saluer le résultat record des titres de recettes atteignant environ 278 millions d'euros. Au nom de sa fraction, il remercie tous ceux qui travaillent toute l'année pour établir ces chiffres, rappelant que, derrière les recettes se trouvent aussi des dépenses et de nombreuses opé-*

d'Wuert ginn, fir do méi an den Detail ze goen. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Villmools merci. Här Diderich, Dir gitt Iech meeschtens schonn d'Äntwert selwer. Et ass wéi den Här Altmeisch grad gesot huet, et ass net alles subventionabel. Respektiv déi, déi dat entscheeden, gesinn dat op jidde Fall emol esou.

Déi éischt zwee Dëppen, déi Der ernimmt hutt, ech mengen, do leie mer zimmlech gutt.

Effektiv, dat drëtt Dëppen ass zimmlech schwiereg, fir et emol esou auszedrécken. Dat hutt Der ganz richteg gesot, dat mécht ville Gemenge Kappzerbrieches, well een ëmmer erëm Saachen eragëtt an da gesot kritt, nee, dofir ass et dann awer erëm net geduecht.

Esou hate mer, zum Beispill, ech mengen, am Service logement hu mer Leit schaffen, déi wierklech exklusiv do sinn, fir de Bierger ze hëllefen. An dat hate mer eeben dann och do eraginn. Dat krute mer awer och verworf.

Et ass och esou, datt een net vill Saache beienee kann eraginn. Et muss een ëmmer eent nom aneren eroplueden, an da braucht dat eng gewëssen Zäit, bis dat traitéiert gëtt a bis een dann do dat eent vläicht akzeptéiert kritt, dat anert erëm net akzeptéiert kritt.

Mir gehéieren och zu deenen – do hutt Der komplett Recht, do si Suen, déi iergendwou stinn, déi mer net kënnen direkt notzen. Wat u sech schued ass. Mir hunn déi zoustänneg politesch Instanzen drop ugeschwat. Do waarde mer effektiv drop – ech mengen, Dir hutt selwer gesot, datt déi Dëppen endlech sollen opgeléist ginn. Ech mengen, déi Gemengen hu jo déi Suen do op deem soi-disant Kont stoen, well se vill am Logement abordable gemaach hunn. Mir hunn do och ganz vill Suen drop stoen.

Wéi gesot, aus den éischten zwee Dëppen, wat och déi gréissten Dëppe sinn, wou mer kënne Suen erauszéien, déi hu mer jo och erausgezunn. Mee dat drëtt Dëppen ass, effektiv, wou, och wann een nofreet, wat kënne mer dann, da kritt ee just déi pauschal theoreetesch Begrënnungen, déi eeben do stinn. Awer konkreet kritt een dann net genee gesot, fir dat a fir dat.

Wichteg ass de Message: Déi Sue si jo net verluer. Déi Suen, déi bleiwen op deem Kont do stoen. Et ass net, datt, wann ee se ee Joer net gezunn huet, datt se da fort wären. Nee, déi kann een op dat nächst Joer reportéieren. Soudatt mer se ëmmer nach kënnen zéien.

Spéitstens no där neier Reglementatioun, wat dann och hoffentlech eng Simplification administrative duerstellt, wäerte mer dann all d'Sue kënnen huelen. Also de Gros vun de Suen, mengen ech, déi kréie mer awer eraus. Et ass eebe just dat drëtt Dëppen, wat 25 % ausmécht, wou et do e bësse méi schwiereg ass. An, wéi Der selwer gesot hutt, dat ass net nëmmen hei zu Déifferdeng, dat ass op nationalem Niveau esou. An duerfir ass et jo dann och gutt, wann op nationalem Niveau eng Léisung kënnt.

Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Ech wëll dozou nach soen, wa Simplification administrative um Fändel steet, dat ass ganz richteg, Här Diderich, dann ass dat nach net ëmmer alles esou ëmgesat, wéi dat um Fändel steet. D'Gemenge wiere frou, wann dat méi séier goe géif. Mee mir wëssen, dass dat heiansdo e bësse méi laang dauert.

Mee ech si scho frou, dass et um Fändel steet, da wësse mer schonn, a wéi eng Direktioun mer ginn. An do sinn awer scho verschidde Simplificatiounen, déi sech och um Terrain duerchgesat hunn. Mee mir waarden awer nach op déi grouss Simplificatiounen, déi eis d'Saach dann och méi attraktiv maache fir eis als Gemeng.

Den Här Muller mellt sech zu Wuert. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif

alleguerten, déi dëser Sitzung vu baussen nolauschteren, erlaabt mer, och e puer Wuert ze soen zu den Titres de recettes, déi dës Kéier e rekordverdächtegt Resultat duerstellen, mat ronn 278 Milliounen.

Dofir wëll ech, am Numm vun eiser Fraktioun, emol direkt all deene Merci soen, déi dës Chiffere musse verschaffen, dat ganzt Joer. Well ech mengen, dat hei si jo nëmmen d'Recetten, mee op där anerer Säit sti jo och Depensen, an dann hu mer do och nach ganz vill Operatiounen ze maachen, bis mer déi 278 Milliounen do erfaasst hunn.

Ech wäert net esou an den Detail goe wéi den Här Diderich, dat war alles berechtegt. Ech hat mer och eng Notiz gemaach, am Pacte Logement, dass déi Chifferen ëmmer méi zréckginn. Bon, mir wësse firwat. Well déi jo eng komplett aner Struktur kritt hunn, déi Aiden. Dat ass alles bekannt. Mee trotzdeem sinn der nach do. Dat ass och gutt. An den Här Diderich huet drop higewisen, dass mer awer sollen, dat wat bleift, nach maximal ausschëpfen.

Ech wëll awer ee Wuert soen allgemeng zu der Politik, déi een hei kann erausliesen. An ech mengen, do muss ech felicitéieren deene Politiker, déi déi lescht Joren – ech mengen net nëmmen elo aktuell, mee iwwer déi lescht Joren – dozou bäigedroen hunn, dass mer Gelder investéiert hunn. Dat heescht, a Form vu Prefinancement hu mer eis Stad no vir bruecht. Mir hunn Infrastrukture geschaaft, déi der Stad immens nëtzlech sinn. A schafen och anerer, d'Mall, de CID oder elo d'Stadhaus, deen administrativen Trakt vum Stadhaus, deen nach gebaut gëtt. Duerfir hu mer och missen ee Prêt ophuele vu 26 Milliounen. Wat sech awer och hei an deenen 278 Milliounen erëmspigelt.

Do derniewent gesi mer dann d'Polizeigebai mat 18,5 Milliounen, dat zréckbezuelt ginn ass un d'Gemeng. Ee vun deene wichtegen Akzenter, wou ech soen, wou mer et fäerdegbruecht hunn, duerch politesch Decisiounen eis Stad no vir ze bréngen. An hei ass, zum Beispill, eng, déi dréngend néideg war fir d'Sécherheet. Elo ass et jo fir eis eng Selbstverständlechkeet, dass dat Kommissariat do steet, wou et elo ass. Mee dat war an der Zäit net esou evident. Op jidde Fall ass dat eng gutt Initiativ gewiescht.

An eng selwecht gutt Initiativ ass d'Entwécklung vun der École Internationale, der EIDE, wou mer 34,4 Milliounen dra stoen hunn, och erëm fir Remboursementer respektiv d'Cessioun vun der École primaire vun der EIDE. Déi komplett virfinanzéiert ginn ass vun der Gemeng an elo integral zréckbezuelt gëtt.

Mee dann ass do awer nach ee Chiffer, an dat ass den Haaptchiffer. Dat ass am Fong eis Vitalitéit, déi mer brauchen och, nieft allem. Dat sinn déi 132 Milliounen u Fonds de Dotation globale des communes (FDGC). Dat war 2024 een héije Chiffer. Mee deen huet eis och vill Sauerstoff ginn, fir aner Saachen ze maachen. An ech mengen, dass eng Stad wéi eis, an där Gréisstenuerdnung, an déi esou eng rapid Entwécklung matmécht, wierklech och esou Montante brauch.

Mee do musse mer oppassen, wann et net sollt an déi Richtung virugoen, wann do Ännerunge komme sollen, dass mer do gefeit sinn, fir eventuell esou Saachen entgéintzewierken oder eis, op där anerer Säit, mat alle Mëttelen ze wieren, fir dass mer déi Moyenen awer behalen.

Ech wollt soen, politesch gesi gëtt deen Titre de recettes mer ganz vill Satisfaktioun a mir wënschen eis, dass Initiativen, déi am Interesse vun eiser Stad sinn, kënne virugefouert ginn. An domadder hätt ech dann alles gesot. Ech soen Iech Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Et gëtt keng weider Wuertmeldung. Mir kommen zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les avis et titres de recettes pour l'exercice 2024.*

---

Ech soen Iech Merci. Mir kéimen zum Punkt 2b), do geet et ëm ee Montant restant an héicht vun 744.807,55 Euro.

*rations nécessaires pour atteindre ce montant.*

*Erny Muller n'entrera pas dans les détails, comme l'a fait monsieur Diderich, reconnaissant que ses remarques étaient justifiées. Il constate que les données du Pacte logement sont en baisse progressivement, une tendance qui s'explique par la refonte globale des subventions. Néanmoins, des fonds subsistent, ce qui reste positif. Il souligne que monsieur Diderich a raison d'insister sur la nécessité d'exploiter au maximum ce qui reste disponible.*

*Erny Muller souhaite s'exprimer sur la politique générale qui transparait dans ces documents. Il félicite les politiciens qui, au cours des dernières années, ont contribué à investir des fonds sous forme de préfinancement pour faire progresser la ville. Ces investissements ont permis de créer des infrastructures extrêmement utiles, notamment le Mall, le CID et le volet administratif de l'hôtel de ville actuellement en construction. Cette stratégie a nécessité la souscription d'un prêt de 26 millions d'euros, montant qui se reflète dans les 278 millions mentionnés.*

*Il met en évidence le bâtiment de police, représentant 18,5 millions d'euros remboursés à la commune, comme exemple de décision politique ayant fait progresser la ville. Cette infrastructure était urgente pour la sécurité publique. Aujourd'hui, la présence du commissariat à son emplacement actuel parait évidente, mais ce n'était pas le cas à l'époque.*

*Il cite également le développement de l'école internationale EIDE, avec 34,4 millions d'euros inscrits pour les remboursements et la cession de l'école primaire, entièrement préfinancée par la commune et désormais intégralement remboursée.*

*Le chiffre principal reste les 132 millions du Fonds de dotation globale des communes pour 2024. Ce montant élevé procure l'oxygène nécessaire pour réaliser d'autres projets. Une ville de cette envergure, connaissant un développement aussi rapide, nécessite véritablement de tels montants. Il met en garde contre d'éventuelles modi-*

*fications futures et insiste sur la nécessité de défendre le maintien de ces moyens financiers.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie monsieur Muller et procède au vote.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch présente ensuite le point 2b concernant le montant d'impayés de 744 807,55 €, inférieur à celui de 2023. Ce montant provient d'entreprises facturées par la commune qui ont fait faillite, de procédures judiciaires en cours et de personnes parties sans laisser d'adresse. Les conseillers souhaitant plus de détails sont invités à contacter le receveur, les informations n'étant pas rendues publiques par respect et pour la protection des données.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *reprend la parole, constatant que la situation reste stable, bien que négative. La tendance observée pendant la pandémie s'est stabilisée.*
*Il signale une omission technique : le total des décharges proposées (39 099,19 €) n'apparait pas dans le document initial, laissant 705 000 € de montant restant.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *observe que le montant total dû diminue par rapport à 2023, mais reste supérieur aux années précédant 2019. Le montant des décharges augmente d'environ 12 000 € à 13 000 € comparé aux deux dernières années. Il demande une analyse approfondie pour identifier s'il s'agit plutôt d'entreprises ou de particuliers, les secteurs concernés et les types d'impayés. Il suggère une actualisation annuelle permettant de suivre les tendances.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *comprend les préoccupations de monsieur Diderich et s'engage à demander au receveur une analyse anonyme détaillant la répartition des montants, qui sera transmise à tous les conseillers.*
*(Vote)*

Gott sei Dank si mer ënner dem Montant bliwwe vun 2023. Dir wësst, dee Montant entsteet doduerch, dass Firmaen, déi Rechnungen zougestallt kritt hu vun der Gemeng a faillite sinn, dass mer do a Procédures judiciaires sinn, fir Suen anzedreiwen, an déi Sue bis dato awer nach net kritt hunn. Dat hei ass den Ist-Zoustand, wou et dann ofgeschloss gëtt.

Wat opfält, do si Leit, déi Facturë kréien, déi geplënnert sinn a keng Adress hannerlooss hunn, wou een nach u si kënnt. An doduerch entsteet dee Montant.

Déi Conseilleren, déi elo gäre méi Detailer zu där Lëscht hätten, deene géif ech proposéieren, sech mat eisem Receveur a Kontakt ze setzen. Aus Dateschutzgrënn an och aus Respekt zu deene Leit, déi op deene Lëschte stinn, ass net geduecht, fir dat publik ze maachen. Mee déi Detailer kritt Der awer gär vun eisem Receveur.

Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Fir d'éischt kënne mer feststellen, dass sech d'Situatioun net dramatiséiert/verschlechtert huet, mee stabil bleift, och wa se negativ ass. Warscheinlech gëtt et Grënn, firwat déi Leit oder déi Firmen nach Rechnungen opstoen hunn.

Mee mir gesinn emol, déi Tendenz, déi mer wärend der Pandemie haten, wou ee groussen Ausräisser war, déi huet sech erëm stabiliséiert.

Ech wollt zum Dokument selwer nach eppes soen. Wéi ech dat duerchgekuckt hunn, ass mer opgefall: Total des décharges proposées steet guer näischt dran am Dokument, wat mer am Ufank kritt hunn. Elo natierlech, wësse mer dat; elo sinn d'Chiffere jo bekannt. Dat heescht, dat ass 39.099,19 Euro, wat Décharge ugeet. An da bleiwen nach déi 705.000 Euro, dat ass dann de Res tant. Mee d'Décharge ass net am Tablo. Deen ass nach ze complétéieren.

Dat zu der technescher Saach. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. En effet geet de Gesamtmontant, vun deem, wat opsteet, der Gemeng ze bezuelen, erof par rapport zu 2023, mee ass awer nach ëmmer méi héich wéi all déi Jore virdrun, bis op d'COVID-Joer 2019.

Wat awer eropgeet par rapport zu deene leschten zwee Joer, dat ass dee Montant, deen am Tablo gefeelt huet, déi total en décharge sinn, dat heescht déi Suen, déi mer kënne vergiessen. Dat sinn awer ronn 12.000, 13.000 Euro méi wéi déi lescht zwee Joer.

Et wär wierklech un der Zäit, emol eng Analys ze maachen. Dat ass natierlech ëmständlech, wann een do extra bei de Receveur muss goen, fir ze kucken, sinn et éischter Firmen, sinn et éischter Privatleit, déi mat klengen awer vläicht ville Montanten dat do ausmaachen?

Et wär awer scho gutt, wann ee fir deen heite Punkt eng Analys kéint maachen, ouni eeben, wéi Der sot – d'Protection des données soll ee bewahren. Et geet wierklech net drëm elo ze wëssen, wien ass deen, deen net bezuelt huet. Et geet drëm ze wëssen: Sinn et vill Entreprisen? Si vill Faillitten, déi am Moment matspillen? A wéi engem Beräich sinn déi? Sinn dat éischter Entreprisen, deene mir Saache verlounen, zum Beispill, wou mer dann d'Loyeren net erakréien? Sinn et éischter Entreprisen, déi hir Taxen net bezuelen?

Dat si Parameteren, wou et gutt wär, einfach eng Kéier eng Analys ze maachen a vläicht déi och vu Joer zu Joer ze aktualiséieren, dass een esou Tendenzen awer ka gesinn. Well wann een esou ee globale Montant huet, als Gemengerot, da kann een och net esou vill dozou soen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech verstinn Är Bedenken, Här Diderich. Ech wäert mam Receveur schwät-

zen, dee léisst Iech dann eng Lëscht zoukomme mat enger Analys, wou déi Beträg dann e bëssen opgedeelt sinn. Awer déi wäert anonym sinn, ouni dass mer Firmen oder Leit do erwänen. Mee ech kucken, dass Der awer eng Lëscht kritt mat deenen Opdeelungen, wat Der elo gefrot hutt, déi déi Zomm dann do wäert erklären. Ech maachen Iech dat an d'Rei, dass all Conseiller dat zougestallt kritt.

Merci fir déi Froen. Keng aner Wuertmeldung. Kéime mer zum Vott vum Punkt 2b).

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'état des restants et décharges pour l'exercice 2024.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 3, dat sinn déi verschidde kommunal Projeten. Un Iech, Här Wagner, wannechgelift, fir eis de Punkt 3a) ze erklären.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, schéine gudde Moien och vu menger Säit un eis Nolauschterer. Dësen Devis passt an eis Prioritéit, punkto sportlech Infrastrukturen ëmmer weider um Ball ze bleiwen an eis Installatiounen op den neiste Stand ze bréngen.

Virun allem am Outdoor-Beräich hu mer Nohuelbedarf. Wuel wëssend, dass an eise Sportshale villes an de leschte Jore geschitt ass. Déi goufe mat LED-Banden an neien Ecranen opgerëscht. Esou dass mer och do fit sinn. An et gëllt och, op eise Fussballterraine weider an déi nei Technologien ze investéieren.

Vu dass mer vun der Fussballfederatioun den Accord kruten, dass de syntheeteschen Terrain nach ee Joer gutt wär, a well mer verhënnere wollten, gläichzäiteg e puer Terraine missen zouzemaachen, gëtt de syntheeteschen Terrain um Stadion eréischt 2026 gemaach. Dat erlaabt eis, elo um Haaptterrain 19 Meter LED-Banden ze installéieren, plus een neien Ecran fir de Score ze affichéieren. Zousätzlech gi ronderëm den Terrain nei Badgë gemaach, wat dem Terrain een neien, méi uniforme Cachet gëtt.

Fir all déi Aarbechte leie mer bei engem Devis vun 130.000 Euro. Wéi gesot, et reit sech an an Investissementer an eis Fussballinstallatiounen. Den Terrain zu Lasauvage an op der Luna krute jo schonns ee Facelifting. Mir hunn den CSO gesinn, kucken, woura mer elo nach um Woiwer mussen investéieren, vu dass de Veräin den Opstig an déi iewescht Divisioun gepackt huet.

Op de Progrès wäert ech am nächste Punkt agoen. Merci, fir dat esou matzestëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner, fir déi Erklärungen. Den Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci fir d'Wuert. Schéine gudde Moien.

Mir hunn d'Chance, eng ganz Rei Sportveräiner an der Gemeng ze hunn, déi op héijem Niveau fonctionéieren an exzellent Resultater erzilen. Punkto Zuschauerzoulaf a Mediepresenz sinn et haaptsächlech eis Fussballveräiner oder och den Handball, déi do an d'Ae sprangen.

Am Fussball stelle mer den aktuellen Doublé-Gewënner, wou Lëtzebuerg wäert an der Championsleague vertrieden, domadder och eis Stad Déifferdeng no baussen.

Eise Stade municipal hei niewendrun ass UEFA-konform. An dach, fir ganz uewe matzespillen, dränge sech verschidden Adaptatiounen op. Mir hunn et schonn héieren, d'Anzeigetafel war vun Ufank un net ideal a fonctionéiert och net méi perfekt. LED-Bande laanscht den Terrain si mëttlerweil internationale Standard.

Mir kennen dat aus dem Fernsee oder aus dem Stade national oder och, änner anerem, aus der Uewerkuerer Sportshal, déi mëttlerweil domadder ekipéiert ass. Hei geet et ëm plus/minus

*Guy Altmeisch annonce le point 3 concernant les projets communaux. Il passe la parole à monsieur Wagner pour expliquer le point 3a.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *prend la parole et salue les membres du conseil communal ainsi que les auditeurs. Il explique que ce devis s'inscrit dans la priorité de la commune de maintenir les infrastructures sportives au meilleur niveau et de les moderniser constamment. Il souligne que, si beaucoup a été fait dans les halls sportifs ces dernières années avec l'installation de bandes DEL et de nouveaux écrans, il existe un besoin de rattrapage dans les installations extérieures. Il mentionne qu'il faut continuer à investir dans les nouvelles technologies sur les terrains de football.*
*Thierry Wagner précise que la fédération de football ayant accordé une année supplémentaire d'utilisation pour le terrain synthétique, et pour éviter de fermer plusieurs terrains simultanément, la rénovation du terrain synthétique du stade est reportée à 2026. Cela permet d'installer maintenant 19 m de bandes DEL sur le terrain principal, ainsi qu'un nouvel écran d'affichage du score. Des bâches seront également installées autour du terrain pour lui donner un aspect plus uniforme.*
*Le devis total s'élève à 130 000 €. Il rappelle que cet investissement s'inscrit dans une série d'améliorations des installations de football, après les rénovations déjà effectuées à Lasauvage et au LUNA, et qu'il faudra examiner les besoins à Woiwer à la suite de la montée du CSO en division supérieure.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *souligne la chance de la commune d'avoir plusieurs associations sportives fonctionnant à haut niveau avec d'excellents résultats. Il note que ce sont principalement les clubs de football et de handball qui attirent spectateurs et médias. Il rappelle que Differdange accueille l'actuel vainqueur du doublé, qui représentera le Luxembourg en Champions League, portant ainsi le nom de la ville à l'international.*
*François Meisch confirme que le stade municipal est conforme aux*

*normes UEFA, mais que pour jouer au plus haut niveau, des adaptations sont nécessaires. Le tableau d'affichage n'était pas idéal dès le départ et ne fonctionne plus parfaitement.*
*Les bandes DEL sont devenues un standard international. Il propose d'acheter des sections supplémentaires chaque année pour maintenir un des stades les plus modernes du football luxembourgeois.*
*Il mentionne également l'installation de bâches microperforées derrière les buts et le remplacement des panneaux publicitaires vétustes.*

**CLAUDE OLTEN (CSV)** *intervient brièvement pour confirmer que ces écrans d'affichage et bandes DEL pour 130 000 € sont aujourd'hui un standard nécessaire et vote favorablement.*

**MICHEL SCHEUREN (LSAP)** *exprime sa satisfaction de voir la commune continuer à investir dans le sport, ce qui apporte une excellente réputation à Differdange. Il souligne que ces nouvelles technologies devront tôt ou tard équiper tous les terrains et qu'il est logique de commencer par celui qui sera représenté en Champions League.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *soutient le projet et félicite le club pour son doublé, soulignant l'importance d'investir dans les nouvelles technologies pour les infrastructures sportives.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *soutient cet investissement, rappelant que le stade de Differdange est le deuxième meilleur du pays et accueille régulièrement des compétitions internationales, justifiant pleinement ces améliorations.*
*(Vote)*

19 Meter. Wat ee gudden Ufank ass. Doriwwer kann een Deel vum Sponsoring da lafen.

Mir proposéieren, all Joer ee weideren Deel bäizekafen. Dat, fir och weiderhin ee vun de modernste Stadien am Lëtzebuerger Veräinsfussball zu Déifferdeng ze hunn.

Schlussendlech geet et nach ëm Bâches microperforées hanner den zwee Goler. Et geet drëms, dem Stadion ee gewëssenen Timber ze ginn an déi Hellewull Reklammepannoen, zum Deel ural an net méi aktuell, ze eliminéieren. Déi kommen da jo deelweis iwwer d'LED-Banden.

Mir stëmmen dësen Devis gäre mat, wuel wëssend, dass och aner Sportsinfrastrukturen an der Gemeng nach Besoin hunn. Mir hunn et héieren, wéi, zum Beispill, deen nächste Punkt um Ordre du jour weist. Wat mer och gäre matdroen; dat elo scho gesot. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Meisch. Den Här Olten, wannechgelift.

**CLAUDE OLTEN (CSV):**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, esou Écrans d'affichage an LED-Banden, déi Installatioun fir 130.000 Euro, dat ass haut einfach Standard op esou engem Terrain, wéi den Här Meisch gesot huet. Mir stëmmen dat mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Olten. Här Scheuren, wannechgelift.

**MICHEL SCHEUREN (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Léif Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Leit dobaussen, d'LSAP freet et, dass weider an de Sport investéiert gëtt. Mir hu gesinn, dass dat eiser Gemeng no baussen e fantastesche Ruff abréngt. Déi nei Technologië mussen, fréier oder spéider, op alleguer eisen Terraine sinn. An natierlech fänke mer mat deem Terrain un, deen d'nächst Joer wäert an der Championsleague vertruede sinn.

Mir stëmmen dat selbstverständlech mat.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Scheuren. Den Här Aguiar.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, pour la parole, monsieur le bourgmestre. Mesdames et messieurs du collège échevinal, respectivement du conseil communal, nous soutenons ce projet et profiterons pour féliciter le club pour ce doublé. Investissements dans les nouvelles technologies, c'est une bonne chose, dans le cadre des infrastructures sportives. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Aguiar. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Déi Lénk ënnerstëtzt dëst Investissement. Eise Stadion zu Déifferdeng ass u sech deen zweetbeschte Stadion, deen et hei am Land gëtt, wou och aner Kompetitiounen oft duerchgefouert ginn, wann international gespillt gëtt. Aus där Hisiicht ass et méi wéi ubruecht, Investissementer virzehuelen. Eise Veräin, deen do den Doublé geholl huet fir d'ganz Saison, awer och fir wann national gespillt gëtt oder aner Veräiner international spillen, ass et nëmmen ubruecht, dat Investissement ze maachen an ze kucken, dass do ee gudden Affichage ass, a villen Hisiichten. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir Är Informatiounen. Et gëtt keng weider Wuertmeldung. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis et le crédit spécial pour l'installation d'un écran d'affichage, de bandes DEL et de bâches au stade municipal d'Oberkorn.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 3b), mir bleiwen um Fussballstadion. Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci nach eemol fir d'Wuert. Wéi schonns gesot, komme mer elo bei de Stade Haupert zu Nidderkuer. Do ass ze soen, dass mer beim Drainage vum Haaptterrain Upassungen hu misse maachen, leider, dann ëmmer no uewen. No der Soumissioun hate mer jo just een Entrepreneur fir d'Aarbechten duerchzeféieren, obwuel mir et souguer europäesch ausgeschriwwen haten.

Den Devis ass elo ugepasst, soudass de Fournisseur d'Useéie muss maachen, respektiv déi éischt Entretiensaarbechten, wéi d'Aération, de Sablage mee och déi éischt Düngungsmesuren, esoudass mer och kënnen eng Garantie spille loossen duerno.

Deen neien Devis supplémentaire beleeft sech op 300.000 Euro. Domadder leie mer bei 1.220.000 Euro fir dee ganze Projet.

Donieft, à titre d'information, schaffe mer jo och um Haupert un neie supplementäre Vestiären an Toiletten. Selbstverständlech gëtt och de syntheeteschen Terrain erneiert. Déi Aarbechte fänken a 14 Deeg un.

De Problem mat der Elektronik ass behuewen. Esoudass mer och do gutt sinn. Merci, fir dëst esou matzestëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Detailer. Wuertmeldungen? Den Här Aguiar, wannechgelift.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Nous voulons commencer par dire clairement que rénover les terrains des infrastructures sportives est nécessaire pour les clubs. Nous sommes les premiers à soutenir.

Mais aujourd'hui, on nous présente un devis supplémentaire de 300 000 € et là, nous exprimons vraiment une série de réserves importantes. La réfection du terrain ne va plus couter 920 000 €, comme prévu au départ, mais au total 1 200 000 €.

Si on regarde ce devis supplémentaire, le poste principal est de 167 000 € hors TVA, tout cela pour l'entretien d'une pelouse en gazon naturel.

On estime qu'on a un service des sports compétent pour tout ce qui est entretien des pelouses. On s'est posé la question s'il y avait d'autres techniques auxquelles il fallait s'adapter. Pourquoi ne pas envoyer nos techniciens ou nos ouvriers faire une formation continue pour laquelle on a également un budget spécifique ?

On part du principe qu'on fait confiance à nos équipes, qui, jusqu'à maintenant, ont fait un très bon travail. Et investir 300 000 €, on a vraiment de réserves.

Monsieur Wagner vient de parler de la garantie. Est-ce une habitude qu'on nous impose les entreprises privées pour la garantie sur les nouveaux terrains ?

Parce que dans ce cas-là, on se pose d'autres questions. Si, demain, on doit aménager une aire de jeux, par exemple, le constructeur va-t-il nous imposer aussi ses entreprises privées pour en assurer l'entretien au cours des quarante premières semaines ou whatever ?

On a vraiment une réserve par rapport à ce devis supplémentaire. Encore une fois, on estime qu'on a des équipes

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au point 3b) concernant toujours un stade de football.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *reprend la parole pour évoquer le stade Haupert à Niederkorn, expliquant que des adaptations ont dû être apportées au drainage du terrain principal, avec malheureusement des couts supplémentaires. Il précise qu'après l'appel d'offres européen, un seul entrepreneur s'est présenté pour réaliser les travaux.*
*Thierry Wagner explique que le devis est maintenant ajusté afin que le fournisseur effectue l'ensemencement ainsi que les premiers travaux d'entretien, notamment l'aération, le sablage et les premières mesures de fertilisation, ce qui permet d'activer la garantie par la suite. Le nouveau devis supplémentaire s'élève à 300 000 €, portant le montant total du projet à 1 220 000 €.*
*Il informe également que des travaux sont en cours au stade Haupert pour de nouveaux vestiaires et toilettes, et que le terrain synthétique sera renouvelé, les travaux commençant dans 14 jours. Le problème électronique est résolu.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *affirme que rénover les terrains des infrastructures sportives est nécessaire pour les clubs et que les écologistes sont les premiers à le soutenir. Cependant, face au devis supplémentaire de 300 000 € présenté, il exprime une série de réserves importantes.*
*La réfection du terrain ne coutera plus 920 000 € comme prévu initialement, mais au total 1,2 million d'euros. En examinant ce devis supplémentaire, le poste principal représente 167 000 €, hors TVA, uniquement pour l'entretien d'une pelouse de gazon naturel.*
*Il souligne que le service des sports est compétent pour l'entretien des pelouses et fait un excellent travail. Il se demande pourquoi ne pas envoyer les techniciens et ouvriers en formation continue, sachant qu'un budget spécifique existe pour cela. Il s'interroge sur l'investissement de 300 000 € supplémentaires uniquement pour garantir la garantie, se demandant si c'est une habitude imposée par les entreprises privées.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *exprime sa surprise, estimant que l'ensemencement fait partie intégrante d'un projet de réfection de terrain. Il partage l'avis que leurs employés pourraient effectuer l'entretien eux-mêmes, garantie ou non. Il note que les entreprises trouvent toujours des moyens d'échapper à leurs obligations de garantie. Il reconnait qu'une entreprise spécialisée est nécessaire pour l'ensemencement, car le service technique n'est pas équipé pour cela. Mais il ne comprend pas comment Schroeder & Associés a pu oublier d'inclure l'ensemencement dans la planification initiale.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *répond que les remarques ne sont pas fausses, et qu'il s'avère particulièrement que celle de monsieur Tempels est correcte concernant le bureau d'études, qui aurait dû planifier cela dès le début. Il reconnait que c'est un lapsus dont il n'est pas satisfait.*
*Concernant la remarque de monsieur Aguiar, il précise que cela n'a rien à voir avec la compétence de l'équipe du service des sports, dont il connait bien la qualité du travail. Il explique que l'ensemencement et les premiers travaux d'entretien sont normalement effectués par l'entreprise installatrice, même à l'étranger. Il fait référence aux problèmes rencontrés au stade municipal concernant le drainage et les inondations, et souhaite éviter les discussions sur les responsabilités. L'objectif est de protéger les employés du service des sports contre d'éventuels reproches injustifiés.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute que, lorsqu'ils construisent des routes avec des plantations d'arbres, ils établissent toujours un contrat d'un an avec l'entreprise qui plante, permettant le remplacement gratuit des arbres morts et leur entretien pendant un an par l'entreprise.*

compétentes pour le faire. Pourquoi maintenant investir 300 000 € dans ce projet ?

Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Nach eng aner Wuertmeldung? Den Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Gudde Moien alleguerten, deels war ech och e bëssen erféiert. Ech mengen, wann een ee Projet mécht, fir en Terrain frësch ze maachen, do gehéiert d'Uséien dozou. Dat denken ech schonn.

An ech sinn och der Meenung, dass eis Jongen och kéinte méinen, dat selwer maachen – Garantie hin oder hier. Ech weess, dass herno trotzdeem grouss Diskussioune kommen, well déi fannen all Méiglechkeet, fir aus hirer Garantie eraus ze kommen: Et war ze dréchen, et war ze naass, iergendwéi fanne se ëmmer eppes, fir net brauchen ze bezuelen oder herno riichtzestoen. Ech sinn och där Meenung. Et ka sinn, datt et verschidden Erklärunge gëtt. Ech denken, datt eise Service technique net ekipéiert ass fir unzeséien, do muss eng spezialiséiert Firma kommen, mee ansonsten …

Natierlech muss den Terrain an d'Rei gemaach ginn, mee ech verstinn net, wéi Schroeder & Associés ka vergiessen, d'Séie matanzeplangen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Tempels. Här Wagner nach eemol, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Déi verschidde Remarke sinn net falsch, dat soen ech ganz kloer. Virun allem dem Här Tempels seng Remark vis-à-vis zum Büro. Effektiv hätt dat vun Ufank u missen ageplangt sinn. Dat war net de Fall. Duerfir stëmme mer dat jo och elo no. Dat ass ee Lapsus gewiescht, dat ass ganz kloer. An doriwwer sinn ech net frou.

Op där anerer Säit, fir dem Här Aguiar ze äntwerten, dat huet guer net mat der Ekipp ze dinn, mam Service des Sports. Also ech si gutt placéiert, dat ze soen, wéi se schaffen a wéi gutt se schaffen, an och den Interim, alles gutt maachen. Mee d'Uséien an déi éischt Entretiensaarbechten, dat gëtt normalerweis, och souguer am Ausland, vun der Firma gemaach. Wa Rollrasen geluecht gëtt, si si zoustänneg, fir déi éischt Méiaarbechten ze maachen, ze düngen. Dat gehéiert einfach dozou.

Wann ech op de Stade municipale verweisen, do hate mer dat, wou duerno gesot ginn ass, jo, mee hei an do, wien ass dann elo schold un där ganzer Geschicht, dass den Drainage net fonctionéiert, dass den Terrain ënner Waasser steet.

Deenen Diskussioune wëlle mer einfach aus de Féiss goen, dass mer ganz kloer soen: Dee ganzen Entretien soll am Ufank vun der Firma gemaach ginn. Net dass duerno Diskussiounen opkommen: „Et ass falsch geméint ginn", „Dir hutt net genuch Sand drop gehäit", „Dir hutt net genuch beléft" an esou weider an esou fort. Dofir si si zoustänneg.

Dat och, fir eis Jongen, déi am Service des sports schaffen, ze schützen. Dass si net duerno de Schwaarze Péiter erëm zougeschoustert kréien, wéi wa si Schold dru wären. Dat wëlle mer einfach verhënneren. Wéi et och üblech ass op anere Sitten. Et ass jo net nëmme bei eis esou, dat ass och op anere Sitten esou, dass de Privaten dat soll bei der Installatioun vum Chantier virgesinn, respektiv den Entretien duerno selwer soll iwwerhuelen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Den Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wëll nach ergänzen, wa mer Stroosse bauen, Anlage mat Beem an esou, do hu mer och ëmmer ee Kon-

trakt vun engem Joer mat deem, dee se da planzt, fir, zum Beispill, wann d'Beem futti ginn, da kréie mer déi gratis ersat. An dass déi Beem, déi vun der Firma gesat gi sinn, nach ee Joer laang vun där Firma betreit ginn, fir dass net duerno, wa se futti sinn, no engem hallwe Joer oder esou, erëm Sträit opkënnt, wien huet genat, oder ze vill genat, ze wéineg genat.

Dat ass, mengen ech, awer eng Pratique courante, déi mer hunn, fir eis och ofzesécheren, wéi gesot, an net an onnéideg Diskussiounen do ze kommen. An dat kascht e puer Su, mee ech mengen, déi sinn awer finalement gutt ugeluecht.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Weider Wuertmeldungen oder Froen? Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis supplémentaire pour les travaux de drainage et le renouvèlement intégral du terrain principal du stade Jos-Haupert.*

Ech soen Iech Merci. Kommen zum Punkt 3c), wou ech dem Här Ulveling d'Wuert ginn, fir eis den Dekont ze presentéiere vun där neier Schoul am Mathendahl zu Nidderkuer. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dir Dammen, Dir Hären, et freet mech, Iech dësen Dekont elo däerfen ze presentéieren. Villmools Merci soen ech der Madamm Elke Peterhänsel, déi dee ganze Chantier hei begleet huet. Och dem Architekt, dee ganz räsonabel matgeschafft huet. Et war eng schwiereg Zäit, et war d'Zäit vu COVID, a wa mer d'Resultat kucken, da kënne mer soen, et ass exzellent.

2018 war e Käschtepunkt vun der Schoul Mathendahl virgesi vu 14.096.000 Euro. D'Dépense globale ass 14.319.723 Euro. Dat ass ee Supplement vun 223.000 Euro. Considérant, dass mer an der Pandemie waren, dass déi Zäit d'Präisser erop- an erofgaange sinn, dass et engem schwindeleg ginn ass, fannen ech dat Resultat exzellent. An ech mengen, dofir hunn ech och deene Leit Merci ze soen, déi un deem Projet geschafft hunn.

Vun deene 14,3 Millioune kréie mer ongeféier sechs Millioune vum Staat als Subsid, esoudass mer am Fong 8.300.000 do mussen eege Mëttelen opbréngen.

Dir gesitt d'Wichtegkeet vun dësem Dekont. Well wa mer dee gestëmmt hunn, da kréie mer nach zwou Millioune vun deene reschtleche Subsiden ausbezuelt, déi nach net ausbezuelt gi sinn. Dofir ass et wichteg, dass mer deen Dekont hei stëmmen.

Ech wëll ze bedenke ginn, dass hei 4.000 Meterkaree gebaut gi sinn, dass zéng Klassesäll an där Schoul sinn, 240 Still an der Maison relais, an eng Produktiounskichen, fir 700 Iesse pro Dag ze produzéieren an auszeliwweren. A wann ech da rechnen, wat dat kascht huet, dann, Här Krecké, ass dat 3.623 Euro pro Meterkaree. Wat, mengen ech, een exzellent Resultat ass. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Wuertmeldungen zu deenen Detailer? Nee. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le décompte pour la construction d'une nouvelle école et d'une maison relais dans la cité Mathendahl à Niederkorn.*

Ech soen Iech Merci. De Punkt 4 um Ordre du jour, dat si verschidden Detailer iwwer de PAG a PAP. Géife mer ufänke mat deene punktuelle Modifikatioune vum PAG hei an der Gemeng. D'Wuert geet nach eng Kéier un den Här Ulveling. Här Ulveling, wannechgelift.

*Cette pratique courante permet d'éviter les disputes sur l'arrosage et constitue un investissement judicieux pour la sécurité juridique.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au point 3c. Il donne la parole à monsieur Ulveling pour présenter le décompte de la nouvelle école du Mathendahl à Niederkorn.*

**TOM ULVELING (CSV)** *se réjouit de présenter ce décompte. Il remercie vivement madame Peterhänsel, qui a accompagné tout le chantier, ainsi que l'architecte, qui a travaillé de manière très raisonnable. Il souligne que c'était une période difficile, celle de la COVID, mais qu'en regardant le résultat, on peut dire qu'il est excellent.*
*Il explique qu'en 2018, le cout prévisionnel de l'école Mathendahl s'élevait à 14 096 000 €. La dépense globale atteint 14 319 723 €, soit un supplément de 223 000 €. Considérant qu'ils étaient en pleine pandémie et que les prix fluctuaient au point d'en donner le vertige, il trouve ce résultat excellent. Il remercie donc les personnes qui ont travaillé sur ce projet.*
*Sur ces 14,3 millions, environ 6 millions seront reçus de l'État comme subside, ce qui fait qu'ils doivent apporter environ 8 300 000 € en fonds propres. Il souligne l'importance de ce décompte, car une fois voté, ils recevront deux-millions d'euros de subsides restants non encore versés.*
*Il précise que 4000 m² ont été construits, comprenant 10 salles de classe, 240 places dans la maison relais et une cuisine de production capable de préparer et livrer 700 epas par jour. Le cout au mètre carré s'élève à 3623 €, ce qu'il considère comme un excellent résultat.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *introduit ensuite le point 4 concernant diverses modifications du PAG et PAP, et redonne la parole à monsieur Ulveling.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique qu'il s'agit de petites modifications du PAG voté le 29 juin 2021 et approuvé par le ministre le 9 juin 2022. Il précise que de nouvelles visions apparaissent toujours en cours de route pour aménager certains endroits différemment.*
*Il détaille plusieurs modifications : le site de l'ancien hôpital (foyer de réfugiés) doit être reclassé de zone HAB-2 en zone BEP pour permettre la réalisation d'un campus scolaire.*
*Le campus de Niederkorn doit être reclassé de zone mixte urbaine en zone BEP pour un nouveau complexe scolaire.*
*Le site Triangolo à Niederkorn doit passer de zone SPEC-2 à SPEC-1 pour permettre la construction de garages pour un vendeur de voitures d'occasion.*
*De petits terrains rue Kelvert doivent être reclassés de zone récréative en zone de jardins familiaux.*
*Une erreur matérielle rue Saint-Antoine doit être corrigée pour protéger correctement le quatrième bâtiment d'un ensemble.*
*Enfin, quelques corrections mineures concernent l'installation de panneaux photovoltaïques, notamment rue de l'Eau et au parking Woiwer.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *demande des précisions sur ce que monsieur Ulveling a mentionné concernant la rue de l'Eau. Elle constate que ce point ne semble pas figurer dans le dossier et s'enquiert de modifications et d'erreurs matérielles mineures.*

**TOM ULVELING (CSV)** *lui répond que ces éléments concernent effectivement la partie écrite du dossier.*
*(Discussions)*

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir hutt et scho gesot, et si kleng Modifikatioune vun engem PAG, deen den 29.6.2021 hei gestëmmt ginn ass an den 9.6.2022 vum Minister approuvéiert ginn ass.

Dir wësst, dass en cours de route ëmmer nei Vuë kommen, fir verschidde Plazen anescht ze gestalten, wéi et vläicht initialement virgesi war. An dofir hu mer och hei déi puer Punkten um Ordre du jour.

Deen éischten ass de Site ancien vum Hôpital de la Ville de Differdange, dat Flüchtlingsheim. Dat ass als Zone HAB-2 klasséiert. Vu dass do an Zukunft ee Campus scolaire geplangt ass, musse mer dat ëmklasséieren an eng BEP, fir esou eppes kënnen duerno ze realiséieren.

Dat ass eng wichteg Saach, well mer jo och amgaange sinn ze plangen, ee Concours auszeschreiwe fir dee Site als neie Campus fir d'Déifferdenger Schoul. Déi jo wierklech ze kleng ass. Fir dat kënnen unzegoen. Ech wär frou, wann Der dat géift stëmmen.

Soll ech d'Punkten all duerchgoen oder wëllt Der se een nom aneren?

(Diskussiounen)

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech mengen, déi kleng Modifikatioune kënne mer mateneen ofstëmmen, herno wann een d'Wuert kritt, kann een nach eenzel op déi verschidde Punkten agoen. Mee ech mengen, mir kënnen alles mateneen ofstëmmen. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Deen zweete Punkt ass de Site Campus Nidderkuer, dee Site vis-à-vis vun der Senioreresidenz, wann een an de fréieren HPMA erafiert, wou elo dee Parking ass. Dat ass eng Zone mixte urbaine. An dat wëlle mer och ëmklasséieren an eng BEP, well mer och do ee Schoulcampus envisagéieren. Zu Nidderkuer ass zwar vill geschitt an de leschte Joren: D'Jongen- an d'Meederchersschoul sinn erweidert, d'Schoul Mathendahl ass bäikomm, mee dat geet anscheinend awer nach net duer. Soudass mer virgesinn, mat där Modifikatioun hei, een neie Schoulkomplex do opzeriichten. Dofir wär ech och frou iwwer Är Zoustëmmung heifir.

Dann hu mer de Site Triangolo zu Nidderkuer. Dat ass do, wou fréier den Dimmi Si war, an déi Partie hannendrun, wat elo deelweis Parking ass. Do hu mer een Interessent, dee wëll do Occasiounsautoe verkafen, dofir d'Ëmklasséierung vun der Zone SPEC-2 an eng Zone SPEC-1.

Déi eng Zon erlaabt net, Garagen dohinner ze bauen, an déi aner Zone erlaabt dat. Soudass mat dëser Modifikatioun kënne Garagen dohinner kommen. Si géifen da vir en administratiivt Gebai maachen, wou elo de Restaurant ass, an hannenaus dann hir Autoen ausstellen, respektiv eng kleng Werkstatt, fir kleng Reparaturen un deenen Autoen ze maachen. Et wär flott, wann Der dat och géift stëmmen.

Da si mer an der rue Kelvert zu Déifferdeng. Dat sinn déi kleng Terrainen, déi niewent der Vëlospist do sinn, wou mer gefrot si gi vu verschiddene Proprietären, ob mer gewëllt wären, hinnen déi ganz kleng Sträif ze verkafen. Do hu mer gesot, wann all Mënsch domat d'accord wär, géife mer dat maachen. Si waren all d'accord.

Soudass mer dat och ëmklasséieren, fir datt déi Leit kënnen elo hire Gaart méi grouss maachen, a mir brauchen dee klengen Eck net méi ze ënnerhalen. Wat eis am Fong och entgéintkënnt. Dofir wär ech frou iwwer Är Zoustëmmung, fir dës Zon vun enger Zone sports et loisir an eng Zone de jardins familiaux ëmzewandelen.

An da war ee klenge Lapsus geschitt an der rue St. Antoine zu Nidderkuer. Et si just dräi Haiser klasséiert ginn, dat véiert Haus ass vergiess ginn. Do ass just de Garage klasséiert an net d'Entrée vum Haus. Esoudass mer elo dee ganzen Ensembel, déi véier Haiser klasséieren. Déi sinn de Moment an enger Zone HAB-1. Wéi gesot, et ass eng Erreur matérielle geschitt bei der Refonte vum PAG. Déi dräi éischt Haiser si geschützt, dat véiert soll och geschützt ginn. Wat nëmme logesch ass,

well à ce stade ass just de Garage geschützt, awer net d'Haus selwer.

Da sinn an der Partie écrite e puer kleng Feelerquellen, déi musse mer och riichtbéien. Et geet haaptsächlech drëm, fir am PAP Quartiers existants Photovoltaikanlagen, notamment an der rue de l'Eau an um Parking Woiwer, kënnen ze erlaben.

Dir hutt d'Pläng virleie mat den Explikatiounen. Ech wär frou, wa mer dat kéinten en bloc ofstëmmen. Wann ee gär hätt, dass ee Punkt erausgeholl gëtt, da misst en dat elo soen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Vill Wuertmeldungen. Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Gudde Moien u jiddereen, dee lauschtert an deen hei ass. Ech hunn eng Fro an eng Remark. D'Fro ass: Dat, wat Der elo zum Schluss sot, Här Ulveling, weess ech elo net, vu wat Der geschwat hutt. Dat wär d'Fro. Also vun der rue de l'Eau. Et ass nämlech, mengen ech, net am Dossier.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech hu gesot, et ass fir do verschidden …

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Modifikatiounen, kleng Erreurs matérielles.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

An der Partie écrite, fir eeben, wéi gesot, …

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech mengen, et ass net haut am Dossier.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Okay, dann hate se dat erëm erausgeholl. Mee hei hunn ech …

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Dir waart ze gutt preparéiert.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Okay. Gutt.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Et ass jo an der Rei.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Et war e bësse séier gaangen. Dofir war den, ...

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Soss wär ech elo net gutt preparéiert gewiescht.

(Gelaachs)

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Nee, dat ass ganz richteg.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wollt näischt verheemlechen, Madamm Pregno.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Nee, et ass keng Questioun vu Preparatioun, et ass eng Questioun vun Interpretatioun.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Gutt. Dann ass dat jo emol gekläert. Merci.

*Tom Ulveling confirme que les documents ont été retirés du dossier actuel.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *note avec humour que l'échevin était particulièrement bien préparé.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *intervient pour expliquer que le processus s'est déroulé rapidement, ce qui justifie cette situation.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *plaisante sur sa propre préparation.*

**TOM ULVELING (CSV)** *assure qu'il ne cherche nullement à dissimuler quoi que ce soit.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *précise qu'il ne s'agit pas d'une question de préparation, mais plutôt d'interprétation.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *poursuit avec une remarque et une suggestion concernant le premier point relatif au BEP dans la rue de l'Hôpital. Elle explique que le ministère de l'Environnement recommande d'établir une servitude sur les arbres présents sur le site. Quatre arbres sont considérés comme dignes de protection par le ministère sur cette parcelle.*

*Elle comprend les réticences du collège échevinal à mettre en place cette servitude, reconnaissant la complexité de construire une école tout en intégrant ces quatre arbres. Elle admet qu'un concept prévoyant de construire autour d'un arbre peut être séduisant pour un seul spécimen, mais devient extrêmement difficile avec quatre arbres. Néanmoins, Laura Pregno encourage vivement le collège à faire de son mieux pour préserver autant d'arbres que possible. Elle suggère qu'il serait peut-être difficile de sauvegarder les quatre arbres, mais qu'il pourrait être envisageable d'en conserver 50 %. Elle souligne que les arbres anciens possèdent un potentiel important et apportent davantage au quartier. Même si des compensations sont prévues sur le site même, elle insiste sur le fait qu'il s'agit d'un patrimoine différent. Dans le cadre de l'initiative NetZeroCities, elle demande de veiller autant que possible à la préservation de ces arbres et à leur intégration dans le nouveau projet.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond avec humour que madame Pregno a déjà fourni la question et la réponse. Il confirme que le collège échevinal partage cette préoccupation et souhaite préserver au maximum l'ensemble du parc et de ses installations. Il précise que, lors du lancement du concours d'architecture pour le projet, des efforts seront déployés pour minimiser l'abattage d'arbres. Il explique que c'est précisément pour cette raison qu'ils préfèrent ne pas protéger immédiatement ces arbres, souhaitant d'abord examiner toutes les possibilités. Il assure cependant que tous comprennent la valeur des arbres et qu'ils s'efforceront de les préserver autant que possible.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *prend ensuite la parole pour poser ses deux questions habituelles concernant les modifications ponctuelles du PAG. Il s'interroge d'abord sur l'absence de modification concernant les places de stationnement obligatoires pour les logements abordables. Il rappelle que le ministère du Logement propose une formulation claire, qui ne nécessite*

Dann hätt ech eng kleng Remark oder eng Suggestioun. Am éischte Punkt, wou et ëm d'BEP an der Spidolsstrooss geet, do ass et jo esou, dass de Ministère de l'Environnement Iech eng Servitude op de Beem recommandéiert. An deem Areal, soen ech elo mol, si véier Beem, déi de Ministère als schützenswäert ugesäit.

Ech kann novollzéien, dass Der dat als Schäfferot net wëllt maachen, well et warscheinlech komplizéiert ass, eng Schoul ze bauen an all déi véier Beem ze integréieren. E Konzept ronderëm de Bam ass ëmmer immens flott, wann et ee Bam ass. An ech denken, bei véier ass et ganz schwéier.

Ech leeën Iech awer un d'Häerz, wannechgelift, et esou gutt wéi méiglech ze maachen. Vläicht dann een, zwee, dräi Beem … Also véier gleewen ech schwéier, dass et machbar ass. Mee vläicht bréngt Der et jo fäerdeg, 50 % ze erhalen, well awer al Beem méi ee grousst Potenzial hunn an dem Quartier op jidde Fall méi bréngen. Och wann Der herno kompenséiert um Site selwer, et ass awer een anert Patrimoine, wat do weidergeet, wann Der Iech vläicht d'Méi gitt, och am Kader vun NetZeroCities, sou gutt wéi méiglech op déi Beem opzepassen an an deen neie Projet ze integréieren.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dir hutt d'Fro an d'Äntwert scho ginn.

(Gelaachs)

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et ass richteg, mir sinn och besuergt, fir dee ganze Park sou gutt wéi méiglech ze erhalen, déi ganz Installatiounen do. Wann dee Projet ausgeschriwwe gëtt fir den Architekteconcours, wäerte mer natierlech Suerg droen, dass esou mann wéi méiglech Beem ewechkommen. Aus deem Grond wollte mer net direkt elo déi Beem schützen, mir kucke fir d'éischt, wat alles machbar ass. Mee mir wëssen awer alleguer, wat ee Bam wäert ass. A mir wäerten och versichen, déi Beem sou gutt wéi méiglech all ze erhalen, wann et nëmme méiglech ass.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech wollt meng zwou üblech Froe stellen, wann et ëm Modifications ponctuelles vun engem PAG geet. Déi eng ass, firwat mer hei elo erëm net déi Modifikatioun maache vun de Places de stationnement, also de Parkplazen, déi obligatoresch si bei Logements abordables spezifesch. Ech weisen ëmmer erëm drop hin, dass de Ministère du Logement ee Saz tel quel virschléit. Do brauch een och kee Bureau d'études méi ze froen, fir deen dranzesetzen, mee wann ee souwisou ee Bureau d'études freet, fir engem esou een Dossier opzestellen, firwat maache mer dat net scho mat.

An dann eeben och: Mir kréien awer reegelméisseg Modifikatioune vu PAGen eran, kann ee sech dat net eng Kéier en bloc ukucken, well dat jo awer ëmmer eng ganz Prozedur ass, a mech géif emol interesséieren, wéi eng Käschten dat esou mat sech bréngt, fir déi ganz Etüden an d'Prozeduren, déi mer do musse maachen.

Ech fannen awer, dass et elo relativ reegelméisseg ass, dass mer punktuell Modifikatiounen hunn an dat awer zum Deel Dossiere sinn, wat awer elo net ganz iwwerraschend ass, dass mer elo do eng Schoul wëlle bauen an do eng Schoul wëlle bauen, ob een dat net nach méi en bloc ka maachen.

An eeben och direkt dann dat endlech mat de Parkinge fir Logement abordable virgesäit. Well zum Deel sti mer eis selwer am Wee. An der Grand-rue hu mer dee Baugruppe-Projet net gemaach, well mer de Parkplaze-Schlëssel do net hätte kënnen anhalen.

Fir esou Projete kann een eng Exceptioun am PAG virgesinn, an et kënne Baulücke geschloss ginn, wou mer selwer um Drécker sinn a wou mer net weiderkommen, well eis eege Reegelen

eis am Wee stinn. A mir hunn am Fong vum Ministère du Logement alles virbereet kritt, fir dass mer bei esou Projeten awer do ronderëm kommen. Do ass genuch Parking an där Strooss, dee ka genotzt ginn. Mir hunn elo virdrun nach vu Plaze geschwat, déi géife permanent verlount ginn. Déi kéinte jo och fir esou Logement benotzt ginn. Ech soen Iech Merci.

### SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV)

Ech ginn Iech Recht, Här Diderich. Dat ass och meng Bestriewung, wou ech gesot hunn, et kann net sinn, dass mer elo allkéiers hei an all Sitzung erëm eng Modifikatioun maachen. Well net nëmmen d'Modifikatioun, d'Leit hunn och Recht ze reklaméieren, dat heescht de Baute- respektiv den Urbanismusschäffe muss dann allkéiers sech eventuell Reklamatiounen unhéieren.

Mir mussen d'Leit informéieren, dass se kënne reklaméieren. An ech hunn och keng Loscht, däerf ech éierlech soen, fir do 20 Sitzungen ze maachen am Joer, wann et och mat enger oder zwou géif duergoen. Wou ee muss do sinn, mee meeschtens kënnt souwisou keen. An dofir wär et gutt, wa mer ee gewëssene Volumen hätten, fir dann all d'Leit ze ruffen, déi dann zu all Projet kéinte Stellung huelen. Dat wär méi einfach an et géif méi schnell goen. Well et muss ee jo dee richtegen Timing erëm fannen an esou weider.

Mir kucken, dass mer dat besser maachen.

### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Här Muller, wannechgelift.

### ERNY MULLER (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Mir als LSAP ënnerstëtzen déi Ëmklasséierungen hei vum PAG.

Ech hunn awer e puer klenger Froen. An zwar, de Site Ancien hôpital, do besteet jo ee Plan directeur. Et wär interessant, deen eng Kéier ze gesinn am Gemengerot, fir ze kucken, wat dann elo schlussendlech do geplangt ass.

Dozou hätt ech dann direkt d'Fro: Do ass jo och nach dat Flüchtlingsheem op där Plaz, fält dat ënner de Kader vu Bâtiments publics, Équipements publics? Oder ass do eppes anescht geplangt fir déi Wunnengen, eventuell op enger anerer Plaz?

An dann zum Campus Nidderkuer. Do wësse mer jo, dass do een anere Projet war, dass dee fale gelooss ginn ass. Do ass jo sécher gepréift ginn, ob dee Site duergeet, fir do eng Annex vum Schoulcampus Nidderkuer opzeriichten an déi néideg Aktivitéite kënnen do ze maachen, am Ëmfeld vun där Schoul.

Ëmklasséierung Triangolo, dat ass e bësse schued. Dir hutt jo erkläert firwat mer mussen. Wa mer elo wëllen esou eng Aktivitéit dohi kréien, natierlech beschränke mer eis dann nëmmen haaptsächlech op déi Aktivitéiten. Well do steet an deem Passus: Activités de station de service, ateliers, réparations automobiles. Mee do kënnen awer och Surfaces et ventes, Büroen nach dohikommen.

Soudass mer awer nach d'Méiglechkeet hunn, wann eng Kéier deen dote Service net méi do wär, dass mer dann awer vläicht nach eppes anescht do kéinte maachen. Well et ass een attraktiven Deel vun der Entrée vun Nidderkuer, wou awer esou eng Vente gutt passt mat Autoen. Et sinn der jo schonn do. Mee, wéi gesot, mat der SPEC-1 beschränke mer eis relativ an de Méiglechkeeten.

De Rescht, wat Nidderkuer ubelaangt, dat ass okay. Wéi gesot, mir ënnerstëtzen op jidde Fall déi Initiativen do, fir dee PAG ëmzeklasséieren. Merci.

### SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Däerf ech direkt äntwerten?

### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Jo.

### SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech äntwerten dem Här Muller direkt. De Schäfferot ass sech dem Schoul-

*pas de consultation supplémentaire d'un bureau d'études. Il suggère d'intégrer cette modification puisqu'un bureau d'études est déjà sollicité pour le dossier.*
*Sa deuxième question porte sur la fréquence des modifications du PAG présentées au conseil. Il propose d'examiner ces modifications en bloc plutôt que séparément, étant donné la lourdeur de la procédure. Il s'intéresse également aux couts engendrés par ces études et procédures récurrentes. Il estime que ces modifications ponctuelles deviennent relativement régulières et suggère de traiter ensemble les projets prévisibles, comme la construction d'écoles, tout en intégrant enfin la question des parkings pour les logements abordables.*
*Gary Diderich explique que la commune se met parfois elle-même des bâtons dans les roues. Dans la Grand-rue, le projet de construction n'a pas pu être réalisé, car il était impossible de respecter le coefficient de places de stationnement imposé. Pour ce type de projets, il suggère de prévoir des exceptions dans le Plan d'aménagement général afin de combler les lacunes urbaines, où la commune est bloquée par ses propres règlements.*
*Le ministère du Logement a déjà tout préparé pour permettre de contourner ces difficultés dans de tels projets. Il souligne qu'il existe suffisamment de places de parking dans cette rue, qui peuvent être utilisées. Il évoque également des emplacements qui sont loués en permanence et qui pourraient servir pour ce type de logement.*

**TOM ULVELING (CSV)** *reconnait que monsieur Diderich a raison et partage son objectif. Il affirme qu'il ne peut pas y avoir de modifications à chaque séance du conseil communal, car cela implique non seulement les modifications elles-mêmes, mais aussi le droit des citoyens de réclamer. L'échevin aux bâtisses et à l'urbanisme doit alors écouter les éventuelles réclamations. Les citoyens doivent être informés de leur droit de réclamation. Il avoue franchement ne pas avoir envie d'organiser vingt séances par an quand une ou deux suffiraient. Même s'il faut être pré-*

*sent, généralement, personne ne vient. Il serait donc préférable d'avoir un certain volume de projets pour convoquer tous les intéressés, qui pourraient prendre position sur chaque projet. Cette approche serait plus simple et plus rapide.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *prend la parole pour confirmer que le LSAP soutient les reclassifications du PAG proposées. Il pose plusieurs questions concernant le site de l'ancien hôpital, où existe un plan directeur qu'il serait intéressant de présenter au conseil communal pour voir ce qui est finalement prévu. Il s'interroge sur le foyer pour réfugiés situé sur ce site, demandant s'il relève des bâtiments et équipements publics ou si autre chose est prévu.*
*Concernant le campus de Niederkorn, il rappelle qu'un autre projet a été abandonné et demande si la possibilité d'y établir une annexe du campus scolaire a été étudiée.*
*Pour la reclassification du Triangolo, il trouve dommage les limitations imposées, car la mention spécifique aux stations-service et ateliers de réparation automobile restreint les possibilités, même si des surfaces de vente et des bureaux restent possibles. Il souligne que c'est un emplacement attractif à l'entrée de Niederkorn, où la vente automobile s'intègre bien, mais regrette que la classification SPEC-1 limite relativement les possibilités futures.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond directement en confirmant que le collège échevinal est conscient du manque d'espace scolaire et a établi une liste de priorités : premièrement le Woiwer, où les travaux de transplantation des conteneurs sont en cours jusqu'à la fin d'année; deuxièmement Differdange-Centre; troisièmement Niederkorn. Pour Differdange-Centre une étude de faisabilité a été réalisée afin de déterminer les possibilités d'aménagement avec les critères suivants : maison relais; école; et éventuellement un hall sportif. Le ministère envisage déjà des constructions éducatives supplémentaires à l'emplacement actuel*

raum-Mangel bewosst a mir hunn eng Prioritéitelëscht gesat, wou mer gesot hunn, éischtens Woiwer, wou mer elo déi Container dann transplantéieren. Déi Aarbechte sinn amgaangen. Dat wäert bis Enn dëses Joers warscheinlech daueren, bis dat alles opgeriicht ass.

Zweet Prioritéit ass Déifferdeng-Zentrum. An drëtt Prioritéit ass Nidderkuer.

Déifferdeng-Zentrum ass net e Plan directeur, mee eng Étude de faisabilité realiséiert ginn, fir ze kucken, wat een op deem Site do maache kann a wéi een et maache kann. Mat natierlech de Krittären: Maison relais plus Schoul plus eventuell eng Turnhal.

De Ministère huet awer och schonn Iddien, wat een eventuell kéint do nach zousätzlech edukativ bauen, do, wou elo d'Flüchtlingsheem ass. Dat muss iergendwann ofgerappt ginn. Ech mengen, mir sinn alleguer d'accord heibannen, dass dat Flüchtlingsheem kengem, awer wierklech kengem Krittär méi entspréicht, wat normal hei Usus ass.

An dofir versiche mer, wéi gesot, am Ministère selwer sinn eng, zwou Iddie gebuer, wat een do nach kéint zousätzlech maachen, wat och am Kader vun der Educatioun ass oder Ausbildung vu verschiddene Professions éducatives. Dat kéint een alles dohinner maachen.

Elo muss een natierlech kucken, Point de vue Turnhal, wéi vill Plaz um neie Komplex vun der EIDE fräi ass fir eng grouss Turnhal, eng kleng Turnhal oder wat alles méiglech ass.

De Site Nidderkuer hu mer u sech nach net direkt analyséiert, do hu mer nach kee Plang an näischt. Dat eenzegt, wat mer wëssen ass, dass do eng Schoul mat engem Schoulhaff virgesinn ass. A vu dass mer schonn dräi Schoulen do hunn, oder véier Schoulen do hunn, praktesch véier Gebaier, wäert dat keen esou ee risege Komplex ginn, fir dass mer dat net géifen dohinner kréien.

Mee dat ass am Fong dee leschte Stand: Mir fänken elo mol mat Déifferdeng-Zentrum un. An dann, wa mer do een, zwee Joer ënnerwee sinn, da fänke mer dat anert och un. Well mer jo och finanziell net alles packe beieneen. Dat ass d'Iddi hannendrun.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech wéilt nach just kuerz eppes dozou soen. Dir hutt mech drop bruecht, Här Ulveling. Dir hutt gesot, Dir maacht eng Etüd, Preétude de faisabilité. Do schléisst Der och bestëmmt dat aalt Spidol an an déi Etüden, wat duerno geschitt.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo, dat ass dran.

**ERNY MULLER (LSAP):**

An dat ass jo och bekannt, dass d'Museksschoul sech gemellt huet fir nei Raimlechkeeten. Ech weess elo net, ob Der mat op dee Wee gitt, mee d'Museksschoul, wéi se elo funktionéiert, ass ze kleng. Si ware sech dat ukucken a si géifen dat ee ganz interessante Site fanne fir eng Museksschoul.

Ech wëll dat just hei mat op de Wee ginn, well ech an enkem Kontakt mat hinne sinn. An ech kréien all Kéier erëm vum Direkter gesot, dass mer sollen drun denken, dass déi aktuell Gebailechkeete vun der Museksschoul ze kleng wären.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dir hutt Recht. An där Étude de faisabilité war gekuckt ginn, um viischten Deel, deem geschützten Deel, ob do eng Maison relais méiglech wär. An dat hannendrun, wou d'Maternité war, dat sollt ofgerappt ginn. Do soll deen neie Schoulkomplex hikommen, mat doniewent enger Turnhal. Dofir wär Plaz. An datt och genuch Raum nach bleift fir Aire de récréation fir d'Kanner, datt e Schoulhaff do wär. Wéi gesot, dat ass emol gekuckt ginn.

An do war, am ieweschten, geschützten Deel vum T och en Deel fir d'Museksschoul virgesinn. Dat wier theoreetesch méiglech. Mee elo musse mer natierlech kucken, mir maachen ee Concours, a musse kucken, wat effektiv elo gebraucht gëtt u Klassesall an esou.

An da muss dee Schlëssel vläicht nei opgedeelt ginn. An Zukunft kucke mer, d'Raim méi polyvalent ze notzen. Dass et net nëmme just Schoulraum ass, mee dass e vläicht no der Schoul kéint vun enger Museksschoul oder esou genotzt ginn. Dann hu mer en Double emploi, wat an deem Fall gutt ass, well mer keng nei Strukture brauchen opzeriichten, fir eppes, wat souwisou dann de Rescht vun der Zäit eidel steet.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Weider Wuertmeldungen? Nee. Mir kommen zum Vott.

Mir stëmmen de 4a) en bloc of.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'émettre un avis positif concernant le classement d'une partie de la parcelle 187/10125 et de la parcelle 187/10126 en tant que zone de bâtiments et d'équipements publics (BEP) au lieudit rue de l'Hôpital à Differdange.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'émettre un avis positif concernant le classement d'une partie de la parcelle 218/9335 en tant que zone de bâtiments et d'équipements publics (BEP) au lieudit avenue de la Liberté à Niederkorn.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'émettre un avis positif concernant le classement des parcelles 2439/9782, 2439/9783, 2439/9784, 2439/9785, 2439/9786, 2439/9787, 2439/9788, 3439/9789 et 2439/9790 en zone de jardins familiaux (JAR) au lieudit rue Kelvert à Niederkorn.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'émettre un avis positif concernant l'élargissement de la protection communale dans le cas de la construction localisée à Niederkorn sur la parcelle 171/4433 (no 4, rue Saint-Antoine).*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'émettre un avis positif concernant le classement des parcelles 2837/8949, 2837/8950 et 2837/5122 en tant que zone spéciale 1 (SPEC-1) au lieudit route de Bascharage à Niederkorn.*

Ech soen Iech Merci. Mir bleiwe bei de Modifikatioune vum PAG, an zwar géif den Här Ulveling eis d'Punkte 4b) a 4c) mateneen erklären. A wann do näischt dergéintschwätzt, géife mer déi och zesummen ofstëmmen, no den Erklärungen an no Äre Wuertmeldungen. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Richteg, déi zwee Punkte sinn uneneegekoppelt, am Fong datselwecht. Et geet ëm déi Partië rue Pierre Gansen, do wou aktuell de Parachèvement ass, déi Zon ass als REC-1 ausgewisen, dat heescht eng Zone de récréation. A vu dass do awer eng Activité vun der ArcelorMittal ass, also eng industriell Aktivitéit, wëlle mer déi an eng ECO-c1, eng Zone d'activité économique ëmklasséieren. Wat am Fong logesch ass, vu dass et, à ce stade, esou genotzt gëtt.

An, wéi gesot, dat betrëfft dann déi zwou Parzellen. Wann een de PAG ännert, wéi am Punkt 4b) virgesinn ass, dann huet dat heiansdo och een Impakt op de PAP Quartiers existants, an dat ass hei de Fall. Esou dass mer am Punkt 4c) de PAP Quartiers existants ëmänneren an eng QE ECO-c1. Dat erfuerdert am Fong just eng Prescription dimensionnelle pro Zon. Dat heescht, do gëtt genau festgeluecht, wéi grouss, wéi héich, wéi wäit d'Reculle musse sinn, wann do gebaut gëtt.

*du foyer pour réfugiés, qui devra être démoli, car il ne correspond plus aux standards.*
*Concernant Niederkorn, aucune analyse directe n'a encore été effectuée, mais une école avec une cour est prévue. Les contraintes financières empêchent de tout réaliser simultanément.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *précise que l'école de musique s'est manifestée pour des locaux, ses installations actuelles étant trop petites, et considère l'ancien hôpital comme un site intéressant pour s'installer.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond qu'il a raison. Il explique que l'étude de faisabilité a examiné si une maison relais était possible dans la partie protégée du bâtiment. La partie située derrière la maternité doit être démolie pour construire un nouveau complexe scolaire avec une salle de sport adjacente. Il faut vérifier s'il y a suffisamment d'espace et si des aires de récréation et une cour d'école peuvent être aménagées.*
*Il précise que, dans la partie supérieure du bâtiment protégé en forme de T, une section était prévue pour l'école de musique, ce qui serait théoriquement possible. Cependant, il faut organiser un concours et déterminer les besoins réels en salles de classe. La répartition des espaces devra peut-être être repensée.*
*À l'avenir, l'objectif est d'utiliser les locaux de manière plus polyvalente, pour qu'ils ne servent pas uniquement de salles de classe, mais puissent être utilisés après les heures de cours par l'école de musique. Cette double utilisation est avantageuse, car elle évite de créer de nouvelles structures qui resteraient vides le reste du temps.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *annonce que les points 4b et 4c concernent des modifications du PAG et demande à monsieur Ulveling de les présenter ensemble. Il propose de voter ces deux points ensemble après les explications et interventions éventuelles.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique que ces deux points sont liés et concernent la partie de la rue Pierre-Gansen où se trouve actuellement le parachèvement. Cette zone est classée comme REC-1, mais, comme une activité d'ArcelorMittal s'y déroule, donc une activité industrielle, ils souhaitent la reclasser en ECO-c1, zone d'activité économique, ce qui est logique, vu son utilisation actuelle. Cela concerne deux parcelles.*
*Quand on modifie le PAG comme prévu au point 4b, cela a parfois un impact sur le PAP Quartier existant, ce qui est le cas ici. Au point 4c, ils modifient donc le PAP Quartier existant de QE ECO-c en QE ECO-c1. Il s'agit essentiellement d'une prescription dimensionnelle par zone, qui détermine précisément les dimensions, hauteurs et reculs nécessaires pour toute construction. Il demande l'approbation du conseil.*
*(Vote)*
*Tom Ulveling passe au point 4d concernant une demande de morcèlement. Il indique qu'une famille demande à diviser son terrain en deux. Il s'agit des numéros 36 et 38 de la rue du Kirchberg. Les services communaux estiment que les surfaces sont suffisamment grandes pour y construire éventuellement deux maisons. Il considère cette demande favorablement et demande l'accord du conseil.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *précise que ce dossier a été examiné hier en Commission des bâtisses, qui a émis un avis favorable.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *introduit le point 5 sur l'organisation scolaire 2025-2026 et donne la parole à monsieur Wagner.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *exprime sa fierté de présenter l'organisation scolaire communale, sujet important concernant les enfants, l'avenir de la société et le bienêtre de la communauté.*
*La commune considère l'éducation comme un pilier du vivre-ensemble. Une bonne organisation scolaire ne consiste pas seulement à placer des enfants dans une classe, mais à*

Wéi gesot, wa mer dat eent ëmklasséieren, musse mer dat anert och ëmklasséieren. Et ass am Fong bal datselwecht, just dass dat eent nach e bësse méi restriktiv dann ass, wat do nach ka gebaut ginn.

Ech géif Iech bieden, dat och matzestëmmen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Wuertmeldungen oder Bemierkungen zu deem Punkt? Da géife mer d'Punkte 4b) a 4c) en bloc ofstëmmen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le classement de la parcelle 2400/8407 ainsi que d'une partie de la parcelle 2546/8405 en tant qu'ECO-c1 au lieudit rue Pierre-Gansen.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'adopter la modification du plan de repérage du plan d'aménagement particulier Quartier existant de la Ville de Differdange présentée par le collège échevinal pour le compte de l'administration communale et concernant des fonds sis à Niederkorn dans la rue Pierre-Gansen.*

Ech soen Iech Merci.

Da kéime mer zum Punkt 4d), enger Demande de morcellement. Här Ulveling nach eng Kéier, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci. Dir Dammen, Dir Hären, déi Famill freet, hiren Terrain an zwee gedeelt ze kréien. Et geet ëm d'Nummere 36 an 38 an der rue du Kirchberg, wou eis Servicer mengen, déi Surfacë wäre grouss genuch, fir dann do vläicht zwee Haiser oder esou eppes opzeriichten, wann ee wëll. Wat mir als favorabel ugesinn an Iech ëm Är Zoustëmmung froen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech wollt just soen, dass dat an der Bautekommissioun gëschter war, an dass d'Kommissioun ee favorabelen Avis ofginn huet zu deem dote Projet.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la demande de morcèlement de terrains situés dans la rue du Kirchberg à Niederkorn.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 5, d'Schoulorganisatioun 2025/2026. Här Wagner wannechgelift, fir eis déi Detailer ze presentéieren.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Et ass mir eng grouss Éier, haut iwwer d'Schoulorganisatioun an eiser Gemeng ze schwätzen, ee wichtege Sujet, well et ëm d'Kanner geet, ëm d'Zukunft vun eiser Gesellschaft an ëm d'Wuel vun eiser Communautéit.

Eis Gemeng gesäit d'Bildung als ee vun de Piliere vum Zesummeliewen. Eng gutt Schoulorganisatioun heescht net just, Kanner an eng Klass ze placéieren, et heescht, en Zesummenhang ze schafen tëschent Léieren, Liewen a lokalem Engagement.

An eise Schoulen offréiere mir net nëmmen de gewéinlechen Unterrecht, mir setzen op differenzéierten Enseignement, wou all Kand no sengem Rhythmus léiere kann.

Integratiounsklassen a spezialiséiert Hëllef, fir d'Kanner mat Besoinen ze begleeden,

Digitaliséierung a modern Infrastruktur, déi eis Kanner op d'Welt vu muer virbereet. Mir bremsen awer och den Afloss vun Handy an Tablets, dëst zum Wuelbefanne vun de Kanner.

Zesummenaarbecht mat Maison relais an Elterevertriedungen, fir e kohärente Bildungswee ze garantéieren.

An de leschte Joren hu mer investéiert an d'Renovatioun an an d'Moderniséierung vun eise Schoulgebaier, energieeffizient Gebaier mat natierlecher Luucht, vill Beweegungsraum, sécheren Transport an en effiziente Schoulbus-Service. Donieft baue mer eise Pedibus konsequent aus.

D'Schoul soll eng Plaz sinn, wou d'Kanner gären higinn, wou si sécher sinn a wou si kënne wuessen, intellektuell a sozial.

Kuckt een déi lescht Zuele vum Décrochage scolaire, gesäit een, dass den Taux nees an d'Luucht gaangen. Ech mengen, dass ee kompetenten Enseignement fondamental ee wichtegen Outil ass, fir deen Taux nees ze drécken. Well den Décrochage fänkt éischter un; schonn am jonken Alter ass de Wee predestinéiert. An dat gëllt et ze vermeiden. Mir däerfen eis Kanner net schonns an der Primärschoul verléieren. Dat ass eng primordial Aufgab vun eiser Gesellschaft.

Bildung ass net nëmmen eng Saach vun der Schoul oder vun der Gemeng, si geet jiddwereen eppes un: Elteren, déi Engagement weisen, Enseignanten, déi mat Leidenschaft a Professionalitéit schaffen. An do musse mer hinnen zur Säit stoen, fir dëst kënnen ze garantéieren. Gemengevertrieder, déi nohalteg Entscheedungen treffen, Kanner, déi d'Méiglechkeet kréien, sech selwer ze entdecken.

Mir wëllen d'Schoul net vun uewen erof organiséieren, mee mat allen Acteuren zesummen, duerch Dialog a Vertrauen. Et kann een et net ëmmer jidderengem gerecht maachen, mee Kompromësser musse kënne fonnt ginn, an deene sech jiddwereen duerno erëmfënnt.

D'Welt verännert sech séier. Mir musse flexibel, opgeschloss a wäitsiichteg bleiwen. Mir plangen d'Aféierung vu méi multilinguale Projeten, wéi eeben de Projet „Alpha – zesumme wuessen", d'Promotioun vu méi Beweegung a Sport fir eis Kanner um Campus, also de Spodi 2.0, d'Fërderung vun der Zesummenaarbecht Schoul a Maison relais an d'Verstäerkung vum relationelle Klima an de Schoulen. Ee Plan-cadre am Beräich vun der Gewaltpreventioun a -vermeidung ass en dernière ligne droite.

D'Zukunft vun eiser Gemeng fänkt bei eise Kanner un, a si verdéngen eng Schoulorganisatioun, déi ambitionéiert, ëmfangräich a mënschlech ass.

Ech soen allen Acteuren – an dat sinn der vill, doweinst zielen ech se net all eenzel op, soss vergiessen ech nach een – Merci! Merci fir Ären Asaz, fir Är Presenz a virun allem fir Äert Vertrauen an eis gemeinsam Schoulgemeinschaft.

Zesumme schafe mir eng Schoul, wou jidderee seng Plaz fënnt, an déi d'Kanner op ee selbststännegt a verantwortlecht Liewe virbereet. Merci virun allem eisem Service scolaire fir dëst exzellent Dokument. Merci der Madamm Monique Schmit fir hir lescht Schoulorganisatioun, mee och fir hiren Asaz an Engagement fir d'Déifferdenger Gemeng.

Ech wollt elo net méi an den Detail goen, just e puer Eckdaten an Infoen aus der Schoulorganisatioun 2025-2026 erausschielen.

Den Indice socio-économique ass no enger Referenzperiod vun dräi Joer adaptéiert ginn, fir déi nächst dräijäreg Echeance. An zwar ass e vun 0,3168 op 0,3162 erofgesat ginn. U sech wären dat liicht manner Stonnen, déi mer zegutt hätten, mee vu dass d'Schülerzuel zu Déifferdeng wiisst – dëst Joer hu mir de Kap vun 3.000 Schüler erreecht, an zu dësem Zäitpunkt fir d'Schoulorganisatioun si mer genau bei 3.032 Kanner –, hu mir logescherweis méi Stonnen attribuéiert kritt, och wann den Indice, wéi gesot, liicht erofgaangen ass.

Interessant ass ze erwänen, dass mer ëm 10 % vun der Gesamtpopulatioun leien, bei de Kanner, déi am Fondamental ageschriwwe sinn.

De Contingent vun de Stonnen, dee mir attribuéiert kruten, ass och dëst Joer

*créer une cohérence entre apprentissage, vie et engagement local. L'école moderne offre un enseignement différencié permettant à chaque enfant d'apprendre à son rythme, avec des classes d'intégration et une aide spécialisée pour les enfants à besoins spécifiques, la numérisation, des infrastructures modernes préparant les enfants au monde de demain, tout en limitant l'influence des téléphones et tablettes pour leur bienêtre.*

*La collaboration avec les maisons relais et les représentants des parents garantit un parcours éducatif cohérent.*

*Au cours des dernières années, ils ont consenti des investissements pour la rénovation et la modernisation des écoles : construction de bâtiments écologiques dotés d'une ventilation naturelle, aménagement d'espaces de circulation, transport sûr grâce à un service de bus optimal et promotion du pédibus.*

*L'école doit être un lieu où les enfants aiment aller, où ils sont en sécurité et peuvent grandir intellectuellement et socialement. Les derniers chiffres du décrochage scolaire montrent une hausse du taux. Il estime qu'un enseignement de base de qualité est un outil important pour réduire ce taux, car le décrochage scolaire commence très tôt et la voie est prédéterminée dès le jeune âge, ce qu'il faut éviter. La société ne doit pas perdre ses enfants dès l'école primaire ; c'est une mission primordiale.*

*Thierry Wagner souligne que l'éducation n'est pas uniquement l'affaire de l'école ou de la commune, mais concerne tout le monde : les parents et les enseignants, qui travaillent avec passion et professionnalisme. Il affirme que la commune doit les soutenir pour garantir cette qualité. Les conseillers communaux prennent des décisions durables, tandis que les enfants ont l'opportunité de se découvrir euxmêmes.*

*Il explique que l'approche n'est pas d'organiser l'école de manière descendante, mais de collaborer avec tous les acteurs à travers le dialogue et la confiance. Il reconnait qu'on ne peut pas toujours satisfaire tout le monde, mais des compromis*

*doivent être trouvés dans lesquels chacun peut se retrouver.*
*Face à un monde qui change rapidement, il insiste sur la nécessité de rester flexibles, ouverts et visionnaires. Il annonce l'introduction de davantage de projets multilingues, comme le projet Alpha — grandir ensemble, la promotion de plus d'activité physique et de sport pour les enfants sur le campus avec le Spodi 2.0, le renforcement de la collaboration entre l'école et la maison relais, ainsi que l'amélioration du climat relationnel dans les écoles. Un plan-cadre dans le domaine de la prévention de la violence est en phase finale d'élaboration.*
*Il affirme que l'avenir de la commune commence avec les enfants, qui méritent une organisation scolaire ambitieuse, complète et humaine. Il remercie tous les acteurs pour leur engagement, leur présence et surtout leur confiance dans la communauté scolaire. Il exprime sa gratitude particulière au service scolaire pour ce document excellent et à madame Schmit pour sa dernière organisation scolaire et son engagement pour la commune de Differdange.*
*Concernant les données clés de l'organisation scolaire 2025-2026, il indique que l'indice socioéconomique a été adapté après une période de référence de trois ans, passant de 0,3168 à 0,3162. Bien que cela représente théoriquement moins d'heures attribuées, le nombre d'élèves à Differdange augmente. Cette année, le cap des 3000 élèves est atteint, avec exactement 3032 enfants au moment de l'organisation scolaire. Cette augmentation permet d'obtenir plus d'heures malgré la légère baisse de l'indice. Il note que les enfants inscrits dans l'enseignement fondamental représentent environ 10 % de la population totale.*
*Le contingent d'heures attribué est réparti pour permettre des projets comme l'école Nature, l'école Technique et l'école Créative. Un enseignant aide à la piscine avec les maitres-nageurs pour organiser les cours de manière attractive et efficace. Les heures pour les classes forestières et les classes de Lasauvage sont prélevées sur le grand pool*

erëm opgedeelt ginn, soudass mir Stonnen hu fir eis flott Projeten Naturschoul, Technikschoul a Kreativschoul. An ee Schoulmeeschter, deen an der Schwemm, zesumme mat de Schwammmeeschteren, mathëlleft, fir d'Coursen esou attraktiv an effikass wéi méiglech ze organiséieren.

D'Stonne fir d'Bëschklass an d'Klassen zu Lasauvage ginn aus deem groussen Dëppe vun de Stonnen erausgeholl, an de Rescht gëtt tëscht de Schoulen, proportional zu de Schülerzuelen, opgedeelt. Dat souwuel fir de reguläre Unterrecht wéi fir d'Hëllefsmesuren, wéi de Léieratelier oder Projete wéi de Vëlo – ee Projet, deem mer infrastrukturell an Zukunft eng nei Nues wëlle ginn.

Och krute mir dëst Joer erëm een zousätzleche Poste fir eis Naturschoul, aacht Poste fir den Accueil a siwe Poste fir de Projet développement de la langue luxembourgeoise am C1, an dëst hors contingent, accordéiert.

Zu der Naturschoul ass nach ze soen, dass mer eis zesumme mat den Enseignante Gedanke maachen, wéi een deen aktuelle Site kann infrastrukturell adaptéieren.

Punkto Bëschschoul hu mer ee Groupe de travail gegrënnt, fir ze kucken, wéi mer dës innovativ Léiermethod nach méi attraktiv kënne maachen. Mir wäerten eis och do mam Educatiounsministère respektiv dem Environnement treffen, fir iwwer d'Zukunft vum Kannerbongert ze diskutéieren.

Wa mer elo d'Klasse kucken, hu mer am Total vun eise Schoulen am C1 eng Klass méi d'nächst Schouljoer, a bei den Zyklen 2-4 der ganzer véier méi ewéi dëst Joer.

Esou leie mer insgesamt bei 200 Klassen, wou an eiser Gemeng Unterrecht gehale gëtt.

Den Effectif pro Klass läit an der Moyenne bei plus/minus 15 Kanner. Wat u sech ee gudden Duerchschnëtt ass. Leider ass emol ee Peak vun 18 bis 19 dobäi, wat mer net ëmmer verhënnert kréien. Mee d'Zil ass et awer, dat ze vermeiden.

D'Unzuel vun de Klasse spigelt net nëmmen d'Unzuel vun de Kanner erëm, mee definéiert sech och duerch d'Unzuel vun de Klassesäll, déi disponibel sinn. Wéi am Moment um Woiwer, wou se am C4 héich Effectiffer hunn, well se kee Sall méi hunn, an duerfir och kee Léieratelier maache kënnen, mee dofir awer Stonnen Enseignement à deux an de Klassen.

Dowéinst kënnt jo och um Woiwer de Container hin, deen „Um Bock" am Asaz war, fir de Mangel u Klassesäll opzefänken an enger éischter Phas. Bis de Container opgebaut ass, benotze mer de Musekssall am -1 als zousätzleche Sall. Dat ass mam Schoulkommitee ofgeschwat. De Regionaldirekter huet déi Derogatioun accordéiert, well 100 Léisunge gouf et net. Dat ass just bis no der Chrëschtvakanz, duerno ass de Container prett.

Zum Precoce ass ze soen, dass mer 19 Klassen ubidden, an dass den Taux d'inscription bei 78,95 % läit, wat ganz gutt ass par rapport zu dem Taux national, deen 2023 bei 69,2 % louch.

D'Schoulhorairë bleiwen identesch, quitte, dass Analysen amgaange sinn, wéi ee kéint am Interessi vun de Kanner an hirem Beweegungsmangel adaptéiert schaffen. Mee do si mer sprëchwiertlech nach an de Kannerschong.

Punkto Organisatioun vu Cas de Force-majeuren an Intemperië wéi Glatäis, schwätze mer net méi eleng vu Schoul, mee vun engem Campus. Well virun allem an deenen aussergewéinleche Situatiounen d'Zesummenaarbecht Maison relais a Schoul muss klappen. Den Term Campus soll esou oder esou ëmmer méi de Sproochgebrauch ginn.

E Changement steet de Lasauvager Kanner bevir. Well d'Schoul an d'Maison relais Fousbann hir Capacitéiten erreecht hunn, ass decidéiert ginn, dass si, wéi dat scho viru Joren eng Kéier de Fall war, op Uewerkuer an d'Schoul ginn, an dat ab dem Cycle 3.

Um nei renovéierte Campus „Um Bock" ass genuch Plaz, fir se opzefänken. A genee wéi deemools och, wou d'Kanner de Wiessel ëmgedréit gemaach haten, wéi d'Schoul zu Uewerkuer ze kleng war, kënnen d'Eltere

vun de Kanner, déi fir d'Rentrée hiert lescht Joer am Fondamental ufänken, wielen, ob se dat um Fousbann fäerdeg solle maachen oder op Uewerkuer ginn.

De Projet „Alpha – zesumme wuessen" geet weider. Do fänken déi éischt Kanner elo de Cycle 3 un. 2027 soll et da landeswäit obligatoresch sinn. Wat sécherlech eng Erausfuerderung gëtt, eleng schonns wéinst den Infrastrukturen. Do wäert dann hoffentlech vu staatlecher Säit déi néideg Hëllef kommen.

Et ass een extreem wichtegen Outil, fir d'Integratioun ze fërderen, awer virun allem – ech hat et am Ufank gesot –, dem Décrochage scolaire entgéintzewierken.

D'Kloterwand „Um Bock" ass elo operationell. Een Enseignant kann do seng supplementar Stonnen notzen, fir de Kanner eng Initiatioun ze ginn. Déi nei Infrastruktur soll och am Kader vum Spodi genotzt ginn. An do hu mer een Educateur, deen a Formatioun ass. Owes soll d'Wand dann och iwwer eis Sportscoursë vum Service des sports accessibel ginn.

Dëst Joer hate mer d'Fête sportive de la jeunesse européenne zu Déifferdeng. Nieft dem flotten Zesummesinn an dem Austausch hu mer och sportlech iwwerzeegt, an déi Déifferdenger Ekipp ass am Schlussklassement déi éischt ginn. Merci nach eng Kéier vun dëser Plaz un eis Organisateuren. A mir sinn dann nees um Rendez-vous 2026 zu Bitburg.

Bei der Integratioun vu Kanner mat spezifesche Besoine ginn an de Schoulen I-EBS-Leit agesat, déi dem Titulaire mat der Prise en charge hëllefen. Si sinn do, fir d'Schüler individuell ze fërderen an de Lien ze maachen tëscht Titulaire, Elteren, pedagogeschen Ekippen an der Commission d'inclusion vun der Regionaldirektioun.

Zousätzlech dozou kommen nach Assistenten dobäi, déi A-EBS genannt ginn. Si ënnerstëtzen déi betraffe Kanner bei den alldeeglechen Aktivitéiten, soudatt si kënne bei all Aktivitéit matmaachen. Forméiert gi se bei eis, iwwer de MENJE kréie se eng Ausbildung. Mir hoffen, dass mer an all Schoul A-EBSe kënnen asetzen.

Eise Projet ZASS, Zesummenaarbecht Schoul – SEA, leeft a vollen Zich. D'Enseignante, déi sech dorëms këmmert, krut erëm eng Decharge fir 2025/2026 a wäert dann esouguer zu 100 % fir d'Gemeng am Département scolaire schaffen.

De PEP ass ee weideren Deel vun hirer Aarbecht. Déi komplett nei Editioun kritt Dir an engem spéidere Gemengerot virgestallt. Sämtlech Informatiounen, déi an der Schoulorganisatioun drastoungen, si ganz eriwwergeholl ginn. Dir gesitt déi Stellen am Text an Ären Dokumenter gréng markéiert.

De Pedibus gëtt, nieft Uewerkuer, op de Site vun Déifferdeng-Zentrum erweidert. Déi zwee Pedibusse wäerten hiren Horaire adaptéiere fir d'Rentrée. D'Trajete si just nach moies an no der Schoul. Dëst aus méi Grënn. Mee virun allem si vill manner Kanner an der Mëttespaus matgaangen.

Fir d'Rentrée wäert och e Bustransport fir d'Kanner aus der Bëschklass ugebuede ginn. D'Hallschent vun den Elteren hunn Interessi dorunner gewisen. Et war ëmmer erëm d'Bedauere bei den Elteren, dass keen Transport bestéing. Et war ëmmer mat en Argument, fir se net anzeschreiwen, well se keng Méiglechkeet haten, d'Kanner op de Site moies ze bréngen. En plus wäert doduerch manner Trafick moies um Site sinn, wat der Natur an der Sécherheet vun de Kanner wäert zegutt kommen.

Mir hunn den Text vun eisem ROI, Règlement d'ordre interne, vum Bus méi kannerfrëndlech gemaach an huelen en och an d'Schoulorganisatioun mat eran, als feste Bestanddeel. Dee wäert dann och gëlle fir den Transport an de Bësch.

Et bleift mer nach ze soen, dass dës Schoulorganisatioun positiv vun der Schoulkommissioun aviséiert gouf. Nach eng Kéier ee grousse Merci un eis Leit aus dem Service scolaire, de Presidenten aus de Schoule fir hir wäertvoll Mataarbecht, och der Regionaldirektioun, déi ëmmer een oppent Ouer fir eis hunn.

Ech bieden Iech, dës Schoulorganisatioun matzestëmmen a freeë mech elo op Är Froen.

*d'heures, le reste étant réparti entre les écoles proportionnellement au nombre d'élèves.*

*Il annonce un total de 200 classes dans la commune, avec un effectif moyen d'environ 15 enfants par classe. Les enfants de Lasauvage à partir du cycle 3 iront à l'école d'Oberkorn en raison des capacités atteintes à Fousbann.*

*Le projet Alpha — grandir ensemble continue et deviendra obligatoire au niveau national en 2027.*

*Le mur d'escalade du Bock est maintenant opérationnel et sera utilisé dans le cadre du Spodi.*

*Thierry Wagner mentionne le succès de l'équipe de Differdange à la Fête sportive de la jeunesse européenne, qui a remporté le classement final. Il remercie une nouvelle fois les organisateurs depuis cette tribune et annonce que le prochain rendez-vous est fixé en 2026 à Bitburg.*

*Dans le cadre de l'intégration des enfants à besoins spécifiques, des intervenants I-EBS sont déployés dans les écoles pour aider les titulaires dans la prise en charge. Ils sont présents pour promouvoir individuellement les élèves et assurer le lien entre les titulaires, les parents, les équipes pédagogiques et la cohésion d'inclusion de la direction régionale. S'y ajoutent des assistants appelés « A-EBS », qui soutiennent les enfants concernés dans les activités quotidiennes afin qu'ils puissent participer à toutes les activités. Ils sont formés par le ministère de l'Éducation nationale. La commune espère pouvoir déployer des A-EBS dans toutes les écoles.*

*Le projet Zac, en collaboration entre l'école et le SEA, fonctionne à plein régime. L'enseignante qui s'en occupe obtient une nouvelle décharge pour 2025-2026 et travaillera même à 100 % pour la commune dans le département scolaire.*

*Le PEP constitue une autre partie de son travail. L'édition entièrement nouvelle sera présentée lors d'un prochain conseil communal. Toutes les informations contenues dans l'organisation scolaire ont été reprises, marquées en vert dans les documents.*

*Le service de transport scolaire à pied, appelé pédibus, s'étend au-delà d'Oberkorn et atteint maintenant le site de Differdange-Centre. Les deux pédibus adapteront leurs horaires pour la rentrée. Les trajets ne se feront que le matin et après l'école, principalement parce que beaucoup moins d'enfants utilisaient le service durant la pause de midi.*
*Pour la rentrée, un transport en bus sera proposé pour les enfants de la classe en forêt. La moitié des parents ont montré de l'intérêt. L'absence de transport était régulièrement regrettée par les parents et constituait un argument pour ne pas inscrire leurs enfants, faute de pouvoir les amener le matin. Cela réduira également le trafic matinal sur le site, au bénéfice de la nature et de la sécurité des enfants.*
*Le texte du Règlement d'ordre intérieur du bus a été adapté aux enfants et intégré dans l'organisation scolaire comme partie fixe. Il s'applique également au transport vers l'école ne forêt.*
*Thierry Wagner conclut en mentionnant que cette organisation scolaire a reçu un avis positif de la Commission scolaire et remercie le service scolaire, les présidents d'écoles et la direction régionale pour leur collaboration précieuse.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *note un total de 200 classes et 3032 élèves répartis entre le précoce, le préscolaire, l'école en forêt et les cycles 2 à 4, soit 5 classes et environ 95 élèves de plus que l'année scolaire actuelle. La moyenne par classe atteint un niveau jamais vu depuis dix ans et continue d'augmenter progressivement, comme les effectifs d'élèves.*
*Malheureusement, l'espace scolaire supplémentaire n'augmente pas au même rythme, ce qui pose problème dans plusieurs sections. Il se réjouit donc des modifications du PAG votées précédemment pour créer de l'espace scolaire supplémentaire à Niederkorn, mais souligne l'urgence de désengorger le centre de Differdange, où l'espace manque cruellement. Il demande des précisions sur l'étude de faisabilité mentionnée par monsieur Ulveling, notamment un calendrier*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen, Här Wagner. Här Cillien, wannechgelift.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, gudde Moie vu menger Säit. Erlaabt mer e puer Wuert zu der Schoulorganisatioun. Merci, Här Wagner, fir all déi Detailer.

Ech géif profitéieren, fir op e puer Punkten anzegoen an hätt natierlech, wéi ëmmer, och nach e puer Froen.

Mir kommen op en Total vun 200 Klassen, am Ganzen 3.032 Schüler, opgedeelt op Precoce, Spillschoul, Bëschklass an d'Zyklen 2 bis 4, queesch duerch all d'Sektiounen.

Dat si fënnef Klasse méi, ronn 95 Schüler méi, wéi nach am aktuelle Schouljoer.

Wa mer ons d'Moyenne pro Klass ukucken, gesi mer, dass déi esou héich ass ewéi an de leschten zéng Joer net méi. An déi wiisst lues awer steteg, esou wéi och d'Schülerzuelen.

Leider musse mer feststellen, dass den zousätzleche Schoulraum net an deem selwechte Mooss wiisst. A mer wëssen – ech hunn et jo schonn emol hei gesot –, dass deen a verschiddene Sektioune batter néideg ass.

Duerfir freet et ons, dass mer virdrun déi Modifikatiounen am PAG gestëmmt hunn, fir zu Nidderkuer weidere Schoulraum ze schafen.

Virop musse mer awer den Déifferdenger Zentrum entlaaschten. Do feelt et vir an hannen u Plaz an et gëtt Zäit, datt mer hei endlech ee Projet fir zousätzleche Schoulraum presentéiert kréien.

Den Här Ulveling huet ons jo grad gesot, dass eng Étude de faisabilité gemaach ginn ass, an Dir hutt verschidde Prezisioune ginn. Kéint Der eis, wannechgelift, vläicht nach preziséieren, wou mer hei genee mam Plangen dru sinn. Ech mengen ee konkreeten Zäitplang a wéini mer konkreet Pläng presentéiert kréien a wéini een ongeféier mat esou engem Gebai rechne kéint.

D'Klasseneffectiffer si punktuell richteg héich, dat hu mer héieren, notamment zu Uewerkuer am Precoce, wou mer mat 19 Schüler scho bal un der Uewergrenz sinn. Déi läit bei 20 Kanner, geméiss der Circulaire de printemps.

Mee 20 Kanner zu Nidderaanwe sinn net gläich 20 Kanner an der Gemeng Déifferdeng. Dat géif ech hei just nëmme gären ze bedenke ginn. A vläicht och zur Kenntnis ze huelen fir déi nächst Schoulorganisatiounen.

Zënter dësem Schouljoer hu mer zwou Klassen am Beräich vum CTSA, déi fir den Ufank emol um Prince Henri zu Uewerkuer sinn. Dat ass awer, ewéi mer gelies hunn an der Schoulorganisatioun, just eng provisoresch Léisung. Ass do eng definitiv Plaz an Aussiicht fir déi Klassen?

Am Beräich vun der Hëllef fir Kanner mat spezifesche Besoinen hu mer och elo A-EBSen, Assistants pour élèves à besoins éducatifs spécifiques. Wou jo zënter dësem Schouljoer au fur et à mesure all Schoul ee soll zur Dispositioun hunn.

Dës ënnerstëtzen den Instituteur pour enfants à besoins éducatifs spécifiques an iwwerhuele wichteg Aufgabe ronderëm Schüler mat besonneschem Fërderbedarf am Alldag. Hei wollte mer froen, ob Der Zuelen hutt, wéi vill där A-EBSe bis ewell an der Gemeng schaffen? An a wéi enge Gebaier sinn déi am Moment?

Och dëst Joer fanne mer eng ganz Rei vu Projeten an der Schoulorganisatioun, déi mer scho kennen, wéi d'Natur-, d'Technik-, oder d'Kreativschoul, de Projet „Alpha – zesumme wuessen", de Schoulgaart, d'Logopedie-Klass, de Vëlosprojet, d'Kloterwand, de Gewaltpreventiounsprojet an esou weider.

Dat sinn extreem wichteg Projeten. Projeten, déi eise Kanner immens vill bréngen an duerch déi och eis Gemeng e Plus ze bidden huet par rapport zu anere Gemengen hei am Land. All deene Leit, déi sech an deene ville Projeten engagéieren, wëlle mer op dëser Plaz besonnesch Merci soen.

An deem Kader ass ons opgefall, dass d'Kreativwoch aus der Schoulorganisatioun gestrach gouf. Ech wollt no nofroen: Fënnt déi dat nächst Joer net méi statt? A wann net, firwat ass dat esou?

Dann hätt ech och nach eng Fro zum Verkéiersgaart. Dëse Punkt gouf jo, verständlecherweis, aus der Schoulorganisatioun gestrach, vu dass deen duerch ee Brand zerstéiert gouf. Gäre géife mer awer wëssen, ewéi et mat enger Reconstructioun vun dësem steet. Kënnt Der eis soen, wou mer do dru sinn.

Ee weidere Punkt, zu deem mer eng Fro hätten, ass de Pedibus. Hei gouf eng Evaluatioun gemaach an d'Erfarungswäerter si gutt. Fir dat nächst Joer gëtt de Projet op Déifferdeng ausgeweit a mer ginn hei an eng Testphas. D'Fro ass: Firwat gëtt de Projet dat nächst Schouljoer net direkt op all déi aner Quartieren ausgeweit? Well et ass wierklech ee gudde Projet. A mer bedaueren, datt dat dann esou schleeft an net all Quartier wierklech dovunner ka profitéieren.

An dann hu mer och gesinn, dass am Kader vum PEP eng Partie vun de Passagen, déi d'Maison relais betreffen, aus der Schoulorganisatioun erausgeholl gi sinn. Déi wäerte jo dann an de Plan d'encadrement périscolaire afléissen, dee mer sollen an der nächster Gemengerotssëtzung presentéiert kréien.

An dësem Sënn sinn ech gespaant an a freedeger Erwaardung erauszefannen, wat alles an deem neien Dokument wäert dra sinn, a wéi wäit mer dann, an deem Kader, d'Zesummenaarbecht vun der formaler an non-formaler Bildung wäerten nach méi férderen. Et ass een Instrument, wat eis erméiglecht, eist gemeinsaamt Zil ze erreechen, de Kanner, déi eis uvertraut goufen, eng ëmfaassend a kohärent Offer am Beräich Bildung, Betreiung an Erzéiung ze garantéieren.

Ausserschoulesch Férderprogrammer, sportlech a kulturell Aktivitéiten, déi fir all Kand zougänglech sinn, erhéijen d'Chance op eng erfollegräich Schoulkarriär a férderen déi sozial Kohäsioun. Eng qualitativ héichwäerteg Betreiungs- a Bildungsstruktur entlaascht d'Familljen am Alldag, ënnerstëtzt d'Elteren an hiren Erzéiungsaufgaben an dréit zu enger besserer Entwécklung vun de Kanner bäi. An dat erreeche mer nëmmen, wann déi non-formal an déi formal Bildung gutt zesummeschaffen an Hand an Hand fir d'Wuel an d'Bildung vum Kand schaffen.

Wéi gesot, mer si gespaant. Et ass wichteg, d'Offer permanent ze adaptéieren, fir se de Besoine vun de Kanner unzepassen, soudass all Kand sech kann entfalen a kee Kand op der Streck bleift. Beschtefalls jiddereen d'Méiglechkeet kritt op e gudde Start an d'Liewen. Mat dëser Schoulorganisatioun droe mer deem Besoin fir dat nächst Schouljoer erëm Rechnung.

Ofschléissend géif ech gäre Merci soen allen Enseignanten, Kommiteesmemberen, dem ganze Service scolaire an allen anere Leit, déi un dëser Schoulorganisatioun matgeschafft hunn an dofir suergen, datt eis Kanner all Dag déi beschtméiglech Bildungsoffer kréien.

Natierlech stëmmt d'Demokratesch Partei dës Schoulorganisatioun fir d'Joer 2025/2026 mat. Merci.

### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Cillien. Den Här Diderich.

### GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, et ass mir wichteg, bei der Schoulorganisatioun op déi gesellschaftlech Zilsetzung anzegoen, déi eiser Meenung no d'Schoul soll verfollegen.

Fir déi Lénk ass den Ofbau vum Gerechtegkeetsdefizit dat wichtegst Zil vun der ëffentlecher Schoul. Datt eis Schoul haut wéi an der Vergaangenheet d'sozial Ongerechtegkeeten éischter verstäerkt, kann een net nëmmen op eis spezifesch Sproochesituatioun schieben, well et war schonn esou zu Lëtzebuerg an eiser Schoul, wéi d'Immigratioun nach net esou ausgepräägt war. Deemools waren d'Lëtzebuerger Aarbechterkanner grad esou benodeelegt wéi hautdesdaags d'Aarbechterkanner aus Famille mat aneren Nationalitéiten.

*concret et une date prévisionnelle pour la présentation des plans et la construction.*
*Les effectifs de certaines classes atteignent des sommets, comme en témoigne la classe précoce d'Oberkorn avec 19 élèves, juste en dessous de la limite maximale de 20 établies par la directive de printemps. Il souligne que vingt enfants à Niederanven n'équivalent pas à vingt enfants dans la commune de Differdange.*
*Depuis cette année scolaire, deux classes CTSA sont provisoirement installées à l'école Prince-Henri à Oberkorn. Il demande si une solution définitive est envisagée.*
*Concernant les A-EBS, il souhaite connaitre leur nombre actuel dans la commune et leur répartition.*
*Il salue les nombreux projets mentionnés dans l'organisation scolaire : écoles Nature, Technique et Créative, projet Alpha, jardin scolaire, classe de logopédie, projet de vélo, mur d'escalade, prévention de la violence, etc., qui apportent énormément aux enfants et constituent un atout pour la commune. Il remercie tous ceux qui s'engagent dans ces projets.*
*Il s'interroge sur la suppression de la semaine créative et demande si elle n'aura plus lieu et pourquoi.*
*Il souhaite également des informations sur la reconstruction du jardin de circulation détruit par un incendie.*
*Enfin, concernant le pédibus, dont l'évaluation est positive et qui s'étend à Differdange-Centre en phase test, il demande pourquoi le projet n'est pas directement étendu à tous les quartiers, regrettant cette lenteur pour un bon projet, dont tous les quartiers devraient pouvoir profiter.*
*Eric Cillien observe que, dans le cadre du PEP, une partie des passages concernant les maisons relais est retirée de l'organisation scolaire. Ces éléments intègrent désormais le Plan d'encadrement périscolaire, qui sera présenté lors de la prochaine séance du conseil communal. Il attend avec impatience de découvrir le contenu de ce nouveau document et d'examiner dans quelle mesure la collaboration entre l'éducation formelle et non formelle sera renforcée. Cet instru-*

*ment permet d'atteindre l'objectif commun : garantir aux enfants confiés à la commune une offre complète et cohérente en matière d'éducation, d'accueil et d'encadrement.*

*Il souligne que les programmes de soutien extrascolaires, les activités sportives et culturelles accessibles à tous les enfants augmentent les chances de réussite scolaire et favorisent la cohésion sociale. Une structure d'accueil et d'éducation de haute qualité soulage les familles au quotidien, soutient les parents dans leurs tâches éducatives et contribue au meilleur développement des enfants. Cet objectif n'est atteignable que si l'éducation non formelle et formelle collaborent étroitement pour le bienêtre et l'éducation de l'enfant.*

*Il insiste sur l'importance d'adapter continuellement l'offre aux besoins des enfants, afin que chacun puisse s'épanouir et qu'aucun ne soit laissé de côté, donnant idéalement à tous la possibilité d'un bon départ dans la vie. Cette organisation scolaire répond à ce besoin pour l'année scolaire prochaine. Il remercie tous les enseignants, les membres des comités, le service scolaire et toutes les personnes ayant contribué à cette organisation scolaire et veillant à offrir quotidiennement la meilleure éducation possible aux enfants. Le Parti démocratique vote en faveur de cette organisation scolaire pour l'année 2025-2026.*

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *considère comme important d'aborder les objectifs sociétaux que l'école doit poursuivre. Pour son parti, la réduction du déficit de justice sociale constitue l'objectif principal de l'école publique. Il constate que l'école renforce aujourd'hui les inégalités sociales plutôt que de les réduire, un phénomène qui ne se limite pas à la situation linguistique spécifique du Luxembourg.*

*Historiquement, les enfants d'ouvriers luxembourgeois étaient aussi désavantagés que le sont aujourd'hui les enfants issus de familles d'autres nationalités. L'Observatoire national de la qualité scolaire confirme dans un rapport que l'école publique amplifie malheu-*

Den Observatoire national de la qualité scolaire huet dat och erëm an erëm an engem Bericht beluecht, dass eis ëffentlech Schoul, leider, dës sozial Ongerechtegkeeten an dee sozialen Determinismus nach ëmmer weider verstäerkt amplaz ofzebauen.

D'Schoul ass keng Insel an ass net eleng responsabel fir d'Chancë vun de Kanner. Mee d'allgemeng sozial Verhältnisser si maassgeebend a ginn awer an där ganzer Diskussioun ausgeklammert: Aarbechtslosegkeet, Wunnverhältnisser, Drock zum Konsum – wat alles och op eisem ekonomesche System berout. Esou sinn Theeme wéi Betreiung vun de Kanner an och, virun allem, d'schwiereg Situatioun vun ëmmer méi Kanner mat der sozialer an domadder berufflecher Situatioun vun den Eltere verbonnen.

Aus deem Dogma vun „ëmmer méi", „ëmmer besser wéi déi aner", wat jo op all Niveau bis op d'Lissabon-Strategie vun der EU verankert ass, muss een ausbriechen an éischter gerecht Räichtum produzéieren a verdeelen. Ganz konkreet kéint dat bedeiten Aarbechtszäitverkierzung mat vollem Lounausgläich. Domadder géif esouwuel d'Aarbechtslosegkeet reduzéiert ginn, wéi méi Zäit fräi ginn, fir mat den eegene Kanner ze verbréngen.

Dëse Courage huet awer, leider, keng grouss Partei, ob hei an der Gemeng an der Verantwortung oder an der Regierung. Par contre geet den Drock aktuell nach méi Richtung Kompetitivitéit – d'Schlagwuert, wat op ondifferenzéiert Aart a Weis benotzt gëtt, fir de Sozialstaat ofzebauen.

Wann d'Eltere mol kee Sonndeg méi fräi hunn an deelweis eréischt no 22:00 Auer, also zéng Auer owes, heemkommen, muss ee sech net wonneren, wa mir herno um Terrain an eiser Gemeng mat Probleemer ze kämpfen hunn, déi een eleng mat isoléierte Reformen net an de Gréff kréie wäert.

Déifferdeng ass schonn ëmmer staark gewiescht, fir um Terrain säi Bescht ze maachen. Leit, déi do Dag fir Dag mat Engagement kucken, fir de Kanner, an deene Gegeebenheeten, déi do sinn, dat Bescht ze bidden. Dofir wëll ech jiddderengem Merci soen, deen an eise Schoule fir d'Kanner schafft. An dëst op allen Niveauen: vum Schoulpersonal bis bei d'Schouldirektioun, iwwer de Schoulservice bis hin zum Personal, dat et méiglech mécht, dass d'Schoul ënner gudde Konditioune ka funktionéieren. Mee och d'Botzpersonal, de Service technique, de Service informatique etc.

Ee besonnesche Merci un d'Madamm Monique Schmit, fir hir laangjäreg Aarbecht am Schoulservice, a vun hei aus der Madamm Marilena Falbo eng gutt Hand fir d'Relève gewënscht.

Eppes wat wichteg ass, wann et ëm d' sozial Ongerechtegkeete geet oder d' Verschiddenheeten, déi besti bei de Kanner, ass déi gutt Innovatioun duerch de Projet „Alpha – zesumme wuessen", d'Alphabetiséierung op Franséisch, déi komm ass. An dass déi och national endlech soll ëmgesat ginn.

Dat wäert net all Probleem léisen, mee dat wäert op d'mannst deenen, déi wierklech un der Sprooch gescheitert sinn, eng grouss Barriär ewechhuelen, fir dass se awer déi Grondkompetenzen an der Schoul kënne léieren, onofhängeg vun hire sproochleche Viraussetzungen.

Do hate mer jo schonn deemools begréisst, dass Déifferdeng direkt beim Pilotprojet dobäi ass, dass mer do och elo weidermaachen, an dass dee Pilotprojet sech awer och duerchzesetze weess.

Een aneren Aspekt, wou elo net direkt mat de Grondkompetenzen ze dinn huet, wat deemools „back to basics" genannt ginn ass, mee och de Projet Vëlosschoul weist, dass wann ee jiddderengem den Accès zum Vëlofuere bitt, eng Coupe scolaire och jiddderengem Spaass mécht, an net ee risege Stress ass fir déi, déi vläicht nach ni oder ganz selte virdrun op engem Vëlo souzen.

Et ass ze begréissen, dass dat weidergefouert gëtt a weider ausgebaut gëtt an do nei Piste solle gekuckt ginn. An do wollt ech d'Fro stellen zum Vëlosgaart uewen um Metzkimmert, wéi dat elo weidergeet, no deem Brand, deen do war.

Nieft der Naturschoul an der Technikschoul, déi ech all Joer ëmmer erëm kann erwänen als positiv – wat jo och een Ausdrock ass vun där Schoulorganisatioun, déi vun ënne kënnt, wou och

d'Initiative vun den Enseignantë komm sinn –, wollt ech och d'Fro opwerfen, wéi den Här Cillien elo grad, par rapport zu der Kreativschoul. D'Madamm Edith Rollinger geet an d'Pensioun. Wat heescht dat fir dee Projet? Gëtt et Pisten, fir dee Projet nohalteg awer weiderzeféieren?

Eng Fro zum Pedibus, deen hei am Raum bei den Assises climat wierklech erauskomm ass, am Beräich vum Pacte Climat, dass deen onbedéngt soll agefouert ginn: Wou si mer do drun, fir deen op aner Schoulen auszewäiten? Firwat komme mer do elo nach net weider mat dëser Schoulorganisatioun?

An dann déi ganz wichteg d'Fro: Gëtt et weider Projeten, fir de Verkéier virun de Schoulen ze berouegen, op deene verschiddene Plazen? Ech denken do, zum Beispill, un d'Zentrumsschoul an der Emile Mark, wou vun engem Shared Space geschwat ginn ass virun der Schoul. Dat ass immens wichteg. Wa mer wëllen, dass d'Kanner mam Vëlo oder ze Fouss an d'Schoul ginn, da mussen och d'Konditioune sécher genuch sinn.

Et ass erwisen, dass jee méi Beweegung ee Kand huet, ier et an der Schoul ukënnt, desto besser kann et léieren. Een, deen an d'Schoul gefouert gëtt, dee brauch emol eng Zäitchen, fir iwwerhaapt unzekommen an der Schoul. An dat dréit jo och alles zu enger onméiglecher Verkéierssituatioun bäi bei eise Schoulen.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. D'Madamm Schütz, wannechgelift.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moien un Iech hei am Gemengerot an och déi léif Leit dobaussen. Vill ass scho gesot gi vun de Virriedner, an eigentlech leien ech relativ op deene selwechte Linnen.

Wat ech ganz flott fannen, ass dee Bustransport, deen elo ugebuede gëtt fir eis Bëschklass. Well vill Elteren einfach net d'Méiglechkeet haten, hir Kanner dohinner ze bréngen. Als Gréng begréisse mir déi Bësch-Spillschoul. D'Kanner léieren d'Natur kennen op eng ganz normal Aart a Weis, dat ass immens wichteg.

Dann hutt Der gesot, dass, effektiv, déi Lasauvager Kanner elo net méi un de Fousbann ugegliddert sinn. Do gesäit een, virun e puer Joer hu mer nach gesot, um Fousbann ass gutt Plaz an der Schoul, an elo ass do complet. Mee duerfir hu mer jo awer elo déi ganz flott nei Schoul ageweit „Um Bock". Ech hoffen, dass do de Klasseneffectif kleng ka bleiwen, dass do nach Plaz bleift.

Da kommen ech zu dem Projet „Alpha – zesumme wuessen". Ech gesinn, wann ech d'Zuele kucken, dass déi Klasse stabel bleiwen. Dat heescht, et geet jo ëmmer weider erop, mee et bleiwen ëmmer nëmmen zwou Klassen, déi ufänken. Et ass keng weider Schoul, wou dat elo mat erageholl ginn ass. Ech weess, dass dat net einfach ass fir d'Personal, awer de Kanner eng ganz flott Méiglechkeet gëtt, méi an hirer Mammesprooch unzefänken, mat der Alphabetisatioun.

Meng Fro dozou: Ass dat gewollt, dass et bei deene Klasseneffectiffer bleift, wéi zënter e puer Joer? An och: Gesi mer iergendwann eng Erweiderung op déi aner Schoulen?

Dann, als nächst, de Pedibus, wat jo wierklech eng flott Saach ass a wat och weiderleeft. Ech hu mer just déi Fro gestallt vun der Mëttesstonn. Ech verstinn natierlech, dass do net vill Kanner mat hin- an hierginn, well déi meeschte Kanner an de Maison-relaise sinn, mee ass do iergendwéi awer gekuckt ginn, ob déi Kanner, déi an der Mëttesstonn heem ginn, ob d'Elteren déi dann awer erëm kënne siche kommen oder wéi dat méiglech ass.

Eng aner Fro: D'Personal am Beräich Pedibus, do ass jo wierklech sécher, dass déi Assurance, wéi soll ech soen, dass déi Sécherheet gewäerleescht ass, wann eng Kéier eppes geschitt ënnerwee?

A meng Fro och, wéi meng Virriedner schonn: Déifferdeng jo, Nidderkuer oder déi aner Schoulen, sinn déi uge-

*reusement ces inégalités sociales et le déterminisme social au lieu de les atténuer.*
*Il affirme que l'école n'est pas une ile et n'est pas seule responsable des chances des enfants. Les conditions sociales générales sont déterminantes, mais restent exclues du débat : chômage, conditions de logement, pression consumériste, tous liés au système économique. La situation difficile de nombreux enfants est directement liée à la situation sociale et professionnelle des parents. Il propose de sortir du dogme du « toujours plus, toujours mieux que les autres » et de produire et distribuer les richesses équitablement.*
*Concrètement, cela pourrait signifier une réduction du temps de travail avec compensation salariale intégrale, réduisant le chômage et libérant du temps pour les familles. Il regrette qu'aucun grand parti n'ait ce courage, la pression actuelle allant vers plus de compétitivité, mot d'ordre utilisé pour démanteler l'État social.*
*Il remercie tous ceux qui travaillent quotidiennement avec engagement pour offrir le meilleur aux enfants dans les écoles de Differdange, du personnel scolaire à la direction, en passant par le service technique et informatique. Il adresse des remerciements particuliers à Monique Schmit pour son travail de longue date au service scolaire et souhaite bonne chance à Marilena Falbo pour la relève.*
*Il salue l'innovation importante du Projet Alpha — grandir ensemble, qui introduit l'alphabétisation en français et devrait être étendue nationalement. Ce projet lèvera une barrière importante pour ceux qui échouent à cause de la langue, leur permettant d'acquérir les compétences fondamentales indépendamment de leurs prérequis linguistiques. Il se réjouit que Differdange participe au projet pilote et souhaite qu'il se poursuive.*
*Il évoque également le projet de l'école du vélo, qui offre à tous l'accès au vélo et rend la Coupe scolaire agréable pour tous.*
*Il pose des questions sur l'avenir du jardin de vélo au Metzkimmert après l'incendie, sur la continuité de l'école Créative après le départ à*

*la retraite d'Edith Rollinger et sur l'extension du pédibus à d'autres écoles. Il souhaite également connaitre les projets de sécurisation du trafic devant les écoles, notamment la création d'un espace partagé devant l'école de la rue Émile-Mark, condition essentielle pour encourager les déplacements à vélo ou à pied.*
*Gary Diderich affirme qu'il est prouvé que plus un enfant a de mouvement avant d'entrer à l'école, mieux il peut apprendre. Il explique qu'un enfant qui est conduit à l'école a besoin d'un certain temps pour s'adapter une fois arrivé. Il souligne que cette situation contribue à créer une situation de circulation impossible aux abords des écoles.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *intervient ensuite. Elle salue l'assemblée du conseil communal et le public présent. Elle indique que beaucoup a déjà été dit par les intervenants précédents et qu'elle partage globalement leurs positions. Elle trouve très positif le transport en bus maintenant proposé pour la classe forestière, car de nombreux parents n'avaient pas la possibilité d'y amener leurs enfants. En tant que représentante des Verts, elle salue l'école forestière, où les enfants apprennent à connaitre la nature, ce qu'elle juge extrêmement important.*
*Elle note que les enfants de Lasauvage ne sont plus rattachés à l'école du Fousbann. Elle rappelle qu'il y a quelques années, on disait que le Fousbann était un bon emplacement scolaire, mais maintenant l'école est complète. Heureusement, la nouvelle école du Bock a été inaugurée. Elle espère que les effectifs des classes pourront y rester réduits.*
*Concernant le projet Alpha — grandir ensemble, elle observe que les classes restent stables avec toujours deux classes qui démarrent, sans extension à d'autres écoles. Elle reconnait que ce n'est pas simple pour le personnel, mais souligne que cela offre aux enfants une excellente opportunité de commencer l'alphabétisation dans leur langue maternelle. Elle demande si ces effectifs de classe sont voulus et* duecht? A firwat dës Kéier grad Déifferdeng elo?

Natierlech ze erwäne sinn, ëmmer erëm, wéi et och schonn ugeschwat ginn ass, eis Technikschoul, eis Naturschoul. Och ech hätt d'Fro zu der Kreativschoul, wéi dat do weidergeet.

Da wéilt ech op de „Bock" zréckkommen, op d'Kloterwand. Dir hutt gesot, dass d'Kloterwand vläicht herno nach owes kéint genotzt ginn. Ech war an d'Schoul kucken; déi Wand, déi ass genial. Do muss wierklech gekuckt ginn, dass vläicht Personal agestallt gëtt oder, ech weess net. Well dee Schoulmeeschter, deen dat mécht, deen huet nëmmen e puer Stonnen. Am Moment kënnen nëmmen déi Kanner aus deem Gebai déi Kloterwand benotzen.

Ech si wierklech frou, Här Wagner, dass Der hannendru bleift, fir dass herno vläicht e Club oder esou owes dat ka benotzen. Well dat muss benotzt ginn, well et ass wonner-, wonnerschéin.

An da wollt ech och ee grousse Merci ausschwätzen un d'ganzt Schoulpersonal, un all déi Leit, déi an deene Gebaier schaffen, un d'Botzpersonal, d'Leit aus de Kichen. An ee groussen, grousse Merci och un d'Madamm Schmit Monique, well wann ech eng Fro hat oder soss eppes, si huet ëmmer direkt geäntwert. Et war ganz flott, mat hir an der Schoulkommissioun och zesummenzeschaffen. Der Madamm Falbo Marilena vill Gléck fir d'Zukunft. Well, ech mengen, et ass keen einfachen Job, dee si do maachen.

Dat wier elo, vu menger Säit, alles gewiescht. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Schütz. Den Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Mir kruten de Programm elo ganz gutt erkläert.

Ech wollt fir d'éischt emol d'Geleeënheet notzen, sämtleche Leit, déi dëse Programm hei opgestallt hunn, Merci ze soen. Ech wäert se net alleguerten nennen, well soss hunn ech ganz bestëmmt herno ee widder de Kapp gestouss oder vergiess.

Déi lescht Joren, gesi mer, fir eis 200 Klassen huet d'Déifferdenger Gemeng vill gemaach, fir de Kanner ee flotte Schoulalldag ze bidden. Verschidde Schoule sinn nach geplangt, fir herno déi néideg Plaz, déi nach feelt, ze schafen.

Och eng Naturschoul, eng Technikschoul, eng Kreativschoul bitt dat, wat eise Kanner feelt oder suergt fir deen néidegen Ausgläich.

Wichteg ass och d'Vëlosschoul. Wann ech heiansdo gesinn, wéi verschidde Kanner an der Coupe scolaire fueren, mécht dat mer deelweis liicht Angscht.

Heizou hunn ech och eng Fro. Ech si mer elo net sécher, mee et ass mer zu Ouere komm, eng fält elo aus dëser Deeg, déi um Fousbann – oder ass et Uewerkuer? Well do iergendwéi ee Chantier net matageplangt war. Gëtt déi nogeholl oder wat geschitt do? Ech mengen, et ass wierklech wichteg, wa mer gären hätten, dass d'Kanner solle mam Vëlo an d'Schoul fueren – oder och ze Fouss goen, mee haaptsächlech mam Vëlo –, dass se selwer sécher sinn um Vëlo, fir an d'Schoul ze fueren. Well soss ass dat trotzdeem awer geféierlech.

Kanner mat spezifesche Besoine kréie gutt gehollef op der Plaz.

De Pedibus gëtt elo erweidert op Déifferdeng. Ech denken, dass dat deen éischte Schratt ass, an déi aner wäerten no an no nokommen. Den Här Wagner wäert eis do scho Ried an Äntwert stoen.

De Schoulbus, deen elo an d'Bëschschoul fiert, ass och fir eis eng gutt Saach.

A wat eis och wichteg ass, deemnächst, wann d'Containeren um Bock fort sinn, kréien d'Kanner do een immens flotte gréngé Schoulhaff. Dëst soll als Beispill geholl ginn, wéi aner Schoulhäff kënnen hei zu Déifferdeng ausgesinn, wann et nëmme méiglech ass. Et ass net iwwerall machbar!

Dat sinn déi Saachen, déi ech soe wollt. Mir stëmme mat Jo. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Tempels. D'Madamm Huberty, wannechgelift.

**CAROLINE HUBERTY (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, léif Matbiergerinnen a Matbierger, ech wëll am Numm vun der LSAP ënnersträichen, dass mir ganz frou sinn, wéi sech d'Organisatioun vun der Schoul an eiser Gemeng entwéckelt huet. Et ass wichteg, datt mir op déi wuessend Schülerzuele reagéieren an déi néideg Strukture schafen.

Mir begréissen d'Zesummenaarbecht tëschent Schoul, Maison relais an den Elteren, wat e wichtege Bestanddeel vum Erfolleg ausmécht.

Eise Service scolaire leescht eng exzellent Aarbecht. An dofir soe mir hinnen ee ganz grousse Merci fir hiren Asaz an Engagement. Mir stëmmen dëser Schoulorganisatioun zou a freeën eis, dass esou vill positiv Entwécklungen an d'Weeër geleet ginn. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Huberty. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert, fir op alles ze reagéieren. Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech versichen elo mol doduerch ze goen, vläicht thematesch zu de Froen. Well et sinn e puer Saache widderholl ginn, respektiv kann ech e puer Saachen dann dozou zu deem Theema direkt gemeinsam soen.

Ech fänke vläicht mam Pedibus un. Fir all Site ofzedecken, hu mer eis natierlech och geduecht. Dat kéint een elo direkt lancéieren. Mir waren awer der Meenung, dass et vläicht geféierlech wär, dat esou séier lasszetréppelen, well do extreem vill Personal néideg ass. A mir och elo e bësse wollten testen.

Déi Mëttesstonn war och een Test, ob mer dat wierklech brauchen oder net. Dann äntwerten ech och dorop. D'Mëttesstonn, do waren effektiv net vill Kanner dobäi. Well déi och heem gaange sinn, an d'Elteren och do sinn, deelweis – d'Mamm oder de Papp, egal wien doheem grad ass a gekacht huet. Do war e bëssen esou den Echo, dass dat net néideg wär.

An do hu mer dann och eng Méiglechkeet, méi Ressourcen ze hunn, méi Leit. An duerfir hu mer och elo zu Déifferdeng ugefaangen. Firwat grad Déifferdeng? Well mer do d'Linnen e bëssen zesummegesat hunn, wat vläicht méi effektiv wär, well do se aus allen Himmelsrichtungen an den Zentrum wanderen. A fir dat da méi guidéiert iwwer de Pedibus ze maachen, hu mer dunn Déifferdeng mol virgeholl.

Déi aner Sitte versiche mer, am Laf vum Joer och un d'Rullen ze kréien. Dat ass néideg. Mir wëssen, dass de Projet immens interessant ass a mir wëllen deen natierlech och weider drécken.

An dat ass och, wat den Här Diderich gesot huet, ee gudden Outil, fir d'Verkéierssituatioun ze berouegen.

Wat kann ech nach zum Pedibus soen? Ech mengen, dat war et u sech.

D'Vëlosschoul wëlle mer infrastrukturell, wéi ech gesot hunn, e bëssen änneren. Dat heescht, dass d'Kanner direkt am Schoulhaff, sur place, solle léieren. Dat kann een a Form vun engem Verkéiersgaart maachen, deen een anzeechent um Schoulhaff. Do brauch een net onbedéngt erop an de Verkéiersgaart um Metzkimmert ze goen, dee jo elo net méi do ass, esou richteg. Dat wär méi einfach, wann d'Kanner direkt am Haff léiere kéinte Vëlo fueren.

Duerno kënnt dann déi zweet Etapp, fir d'Technik ze léieren. An do hate mer eis ausgeduecht, ee Site eraussichen, wou d'Kanner duerch eng Wiss kéinte fueren, iwwer Hindernisser fueren an esou weider an esou fort, fir eebe méi Technik ze léieren.

Hei de Lien da mat der Coupe scolaire, da kann ech och dorop agoen. Do ass

*s'il est prévu d'étendre le programme à d'autres écoles.*
*Elle enchaine ensuite sur le pédibus, qu'elle qualifie de très bonne initiative, qui continue de fonctionner. Elle s'interroge sur l'organisation pendant la pause de midi, comprenant que peu d'enfants font des trajets, car la plupart sont en maison relais. Elle demande si les parents peuvent venir chercher les enfants qui rentrent à midi. Elle s'interroge aussi sur la sécurité et l'assurance du personnel du pédibus en cas d'incident. Elle demande pourquoi Differdange a été choisi cette fois et si d'autres écoles comme Niederkorn sont prévues.*
*Elle mentionne l'école Technique et l'école Nature, et s'enquiert du développement de l'école Créative.*
*Concernant le mur d'escalade du Bock, elle note qu'il pourrait être utilisé le soir. Ayant visité l'école, elle trouve le mur génial, mais souligne que seuls les enfants du bâtiment peuvent actuellement l'utiliser. Elle encourage monsieur Wagner à poursuivre ses efforts pour qu'un club puisse l'utiliser en soirée.*
*Elle termine en remerciant chaleureusement tout le personnel scolaire, le personnel de nettoyage, le personnel de cuisine, et particulièrement madame Monique Schmit. Elle souhaite bonne chance à madame Marilena Falbo pour l'avenir.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *remercie monsieur Wagner pour les explications et saisit l'occasion pour remercier tous ceux qui ont élaboré l'organisation scolaire.*
*Il constate que, ces dernières années, la commune de Differdange a beaucoup fait pour offrir aux enfants un quotidien scolaire agréable dans les 200 classes. Plusieurs écoles sont encore planifiées pour créer les places nécessaires.*
*Il souligne l'importance de l'école Nature, de l'école Technique et de l'école Créative, qui apportent l'équilibre nécessaire aux enfants.*
*Il mentionne l'importance de l'école du vélo, exprimant son inquiétude face à certains comportements lors de la Coupe scolaire. Il demande si une session prévue à Fousbann ou Oberkorn est annulée à cause d'un chantier et si elle sera*

*rattrapée. Il insiste sur l'importance de la sécurité à vélo pour que les enfants puissent se rendre à l'école. Il souligne que les enfants ayant des besoins particuliers bénéficient d'une aide appropriée et que le pédibus est désormais disponible à Differdange. Il applaudit également l'arrivée du bus scolaire pour l'école forestière.*
*Il se réjouit que les enfants du Bock aient bientôt une magnifique cour verte après la suppression des conteneurs, souhaitant que cela serve d'exemple pour d'autres cours d'école.*

**CAROLINE HUBERTY (LSAP)** *souligne au nom de son parti sa satisfaction concernant l'évolution de l'organisation scolaire dans la commune. Elle juge important de réagir aux effectifs croissants en créant les structures nécessaires et salue la collaboration entre école, maison relais et parents comme élément clé du succès.*
*Carole Huberty affirme que le service scolaire effectue un travail excellent et tient à remercier vivement l'équipe pour son dévouement et son engagement. Elle annonce que son groupe soutient l'organisation scolaire proposée et se réjouit des nombreux développements positifs mis en œuvre.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *commence par le projet du pédibus. Il explique qu'ils ont réfléchi à couvrir tous les sites, mais qu'un lancement précipité pourrait s'avérer dangereux en raison des importants besoins en personnel. L'équipe préfère tester progressivement le dispositif.*
*Concernant l'heure de midi, il constate que peu d'enfants y participent. Cette faible participation permet de libérer des ressources humaines pour d'autres activités.*
*Le choix de commencer par Differdange s'explique par la configuration des trajets, qui convergent vers le centre, ce qui rend le système du pédibus plus efficace. L'objectif reste de déployer progressivement le dispositif dans les autres quartiers au cours de l'année.*
*Au sujet de l'école du vélo, l'échevin précise que des changements infrastructurels sont prévus pour per-*

effektiv de Fousbann ofgesot ginn, wéinst dem Chantier an der Kapellestrooss. Bis elo hu se nach keen aneren Datum fonnt, fir dat nozehuelen dëst Joer. Oder eeben ob d'nächst Joer ze reportéieren. Dat si se amgaangen ze kucken.

Aussurancë waren nach beim Pedibus. Dat hat ech nach vergiess. Mir hunn dat ofchecke gelooss vun eisem Jurist, wéi wäit mer do kënne goen. Mir hu Feu vert kritt, dass dat alles sou machbar ass, iwwer eeben de Freelance. Dat si jo Leit, déi freelance do schaffen, dee Moment. Dat wär alles machbar.

Wat war nach? D'Kloterwand. D'Kloterwand ass eng flott Infrastruktur, déi mer elo bäikritt hunn. Schued ass, dass et am Moment just fir de „Bock" selwer ass, fir d'Schoul. Mee mir versichen, dat an Zukunft auszebauen.

Mir si jo, wéi ech gesot hunn, mat engem Educateur amgaangen, deen och eng Formatioun mécht. Well et muss ee wëssen, dass een do keng Masse kann an d'Kloterwand eraloossen. Do si jo ëmmer nëmmen dräi bis véier Kanner, déi zäitgläich kënne kloteren. Dowéinst ass dat schonn, mat de Stonnen, net ëmmer esou machbar. Mee mir versichen, dat awer an de Schoulen, och iwwer de Spodi, ze offréieren. Respektiv, wéi ech gesot hunn, iwwer eise Service des sports Coursen.

A mir sinn och a Kontakt mat engem Veräin vun Zolwer, wou jo eng Kloterwand steet, fir do vläicht nach e puer Stonnen ze kréien. Mat der Iddi, dass iergendwann vläicht en Déifferdenger Club sech grënnt. Plus hu mer mat der Kloterfederatioun Accorden – bon, Accorden. Mir hunn elo emol eng Pist, dass si kënnen hir Trainerformatioune bei eis „Um Bock" maachen, respektiv och d'Landeschampionat vun der Jugend.

Dat sinn alles esou Pisten, déi mer hunn. Déi Kloterwand gëtt scho sou gutt wéi méiglech gebraucht.

Klassesäll, Schülerzuel, fir op den Här Cillien anzegoen, dat ass effektiv eng Korrelatioun. Wann een net genuch Klassesäll huet an op där anerer Säit vill Schülerzuelen, da ginn d'Effectiffer an d'Luucht. Wat net gutt ass. Dat hunn ech jo och a menger Ried gesot. Ech fannen dat selwer net gutt. Net gutt fir d'Personal, net gutt fir d'Kanner. An do musse mer dru schaffen.

Mee, wéi gesot, den Här Ulveling hat jo och schonn ugekënnegt, a mir hunn et jo och schonn e puermol hei gesot, dass mer eng zweet Schoul am Zentrum wëlle bauen, déi huet Prioritéit. Dann duerno Nidderkuer an natierlech och Woiwer. Wou mer jo elo mam Container vläicht nach méi Méiglechkeeten hunn.

Precoce, déi „Um Bock" misst am September plënneren. Dat misst klappen.

A-EBSen, hat den Här Cillien nach gesot. Et ass esou, dass mir déi eenzeg Regioun hei am Land sinn, déi ab der Rentrée an de Schoulen A-EBS hunn. Mir hunn och elo am Moment der dräi: um Fousbann, zu Nidderkuer an am Zentrum. Zwee weiderer sinn an der Ausbildung. An déi wäerten op déi aner zwou Schoule verdeelt ginn. Woumat mer déi eenzeg Gemeng, bis elo, am Land sinn, wou iwwerall een am Asaz ass. Wat jo och eng gutt Saach ass. Do soen ech och der Regionaldirektioun Merci fir hiert Engagement an déi Richtung.

Kreativschoul, war eng Fro komm. Jo, d'Madamm Rollenger geet, leider – oder gutt fir si –, an d'Pensioun. Mee do war ëmmer eng Assistentin oder eng Kolleegin, déi hir gehollef huet. Do si mer e bëssen an Diskussiounen, ob si dat vläicht wéilt iwwerhuelen. Mee, à ce stade, hu mer elo nach keen Ersatz.

Mir schaffen awer drun. Well et ass awer ee Projet, deen immens wichteg ass. Vläicht ass jo deen een oder aneren Enseignant, dee sech bereeterkläert, dat géif en interesséieren. Do si mer op der Rull, fir dat awer nach kënne weiderzeféieren.

Projet „Alpha – zesumme wuessen", ass jo vu ville Säite gelueft ginn, wat ech och extreem wichteg fannen. Ganz am Ufank a menger Ried hat ech gesot, dass et eminent wichteg wär, den Décrochage scolaire ze minimiséieren. An dass d'Kanner net vun Ufank u schonn de Stempel hunn, wa se an d'Schoul kommen, ageschoult ginn, dass se eleng duerch d'Sprooch, duerch déi Barriär, net weiderkommen. An dass se an der Suite, duerno am Secondaire, iergend-

wann ofbriechen. Dat gëllt et ze verhënneren.

An do denken ech ass effektiv de Projet „Alpha – zesumme wuessen“ wierklech ee wichtegen Outil. Net deen eenzegen, wéi den Här Diderich och gesot huet, dat ass richteg. Et ass awer ee Moyen, mol déi Sproochebarriär ze evitéieren. Dat hunn ech och matkritt, ech war selwer sur place op enger Versammlung, wou eng Mamm gesot huet: „Hätt Der dat do nëmme virun 20 Joer gemaach“. Jo, mir sinn awer elo 2025. Mir maachen et elo.

Et ass wichteg, dass dat geférdert gëtt. Dat ass och d’Äntwert, déi ech der Madamm Schütz wëll ginn. Et ass esou, dass dat e Pilotprojet ass. Et ass eng Decisioun vum Ministère. Dat heescht, do hate mir d’Chance, dass mir dobäi ware bei deene véier, mee mir kënnen awer net als Gemeng soen, mir maachen dat elo och um Fousbann. Dat geet net. Et ass ee Projet vum Ministère.

Ab dem Schouljoer 2026/2027 ass et obligatoresch an alle Schoulen. An do fänke se dann am zweete Joer Spillschoul un. Fir dat emol matzedeelen.

Wéi gesot, et ass ee Pilotprojet vum Ministère, net direkt vun der Gemeng.

Bëschschoul, Bëschklass, mam Bus, dat gouf jo gesot. Mee et ass awer esou, dass dee Bus net eleng fir d’Bëschschoul geduecht ass. Dee mécht och nach aner Trajeten. Duerfir hu mer ee véierten, wou mer gär hätten. Oder amgaange sinn ze kucken, fir einfach déi ganz Schülerzuel, wa mer erëm dorop zréckkommen, vun A op B ze bréngen.

Ech mengen, ech hätt op alles geäntwert. Wann ech elo eppes vergiess hunn, sot mer et. Mee ech mengen, dat misst alles gewiescht sinn. Merci.

#### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Wagner, fir dës Erklärungen. Den Här Cillien freet d’Wuert nach eemol. Här Cillien, wannechgelift.

#### ERIC CILLIEN (DP):

Déi konkreet Fro: Wësse mer schonn, wéini mer ongeféier mat enger Schoul – also wéi mer do mam Plange virukommen? Just eng Zäit, wann Der iergendwéi hätt. Also, dat kënnt jo net op ee Joer elo un, mee wierklech datt mer eng Zäitschinn hunn, datt mer e bëssen …

#### SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir wäerten dat elo ausschreiwen als Concours. Dat dauert dann eng gewëssen Zäit, bis dee Concours eriwwer ass. An da musse mer Decisiounen huelen. Soudatt ech unhuelen, dass mer an zwee Joer ongeféier wëssen, wat mer bauen, wou mer bauen. An da musse mer ausschreiwen. Soudatt ech géif soen, an zwee an en halleft bis dräi Joer wäert dann de Bagger do stoen.

Well et muss ee jo och bedenken, dass een Deel vum Site de Moment jo vun der Gemeng beluecht ass. A mir sinn och amgaangen nach ze verhandele mat der ONA respektiv mam Flüchtlingsheem. Déi Leit, musse mer och kucken, dass déi da bis dohinner fort sinn.

Also män Horizont ass esou ongeféier zwee an en halleft bis dräi Joer, da kéint de Bagger rullen.

#### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Ulveling. Den Här Wagner nach eng Kéier, wannechgelift.

#### SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):

Ech wollt nach zwou Saache soen, wat ech vergiess hunn.

Am Kader vun der Coupe scolaire. De Circuit ass esou vum Transportministère validéiert ginn, an deen däerf net ëmgeännert ginn. Dat heescht, wa se elo een anere Wee gefuer wären, da wäre se falsch gewiescht. Soudass se komplett huet mussen annuléiert ginn. Dat war mol deen Detail, deen ech nach wollt soen.

Ee weideren Detail, d’Fro vum Här Cillien vun engem weidere Campus. Do si mer schonn amgaangen, un engem Pro-

*mettre aux enfants d’apprendre directement dans la cour de l’école. Un circuit de sécurité routière pourrait y être aménagé, évitant ainsi les déplacements vers l’ancien jardin du vélo au Metzkimmert, qui n’est plus disponible. Une deuxième étape consisterait à identifier un site où les enfants pourraient s’exercer sur des parcours techniques avec obstacles.*
*Concernant la Coupe scolaire, Thierry Wagner confirme que l’évènement au Fousbann a été annulé en raison des travaux dans la rue de la Chapelle. Les organisateurs cherchent une nouvelle date, soit cette année, soit l’année prochaine.*
*Pour les questions d’assurance liées au pédibus, le juriste de la commune a confirmé que tout est réalisable avec du personnel en freelance.*
*L’échevin évoque ensuite le mur d’escalade, une infrastructure intéressante actuellement réservée à l’école Um Bock. L’objectif est d’étendre son utilisation, sachant qu’un éducateur suit une formation spécialisée. Les contraintes sont importantes, car seuls trois ou quatre enfants peuvent grimper simultanément. Des cours pourraient être proposés à travers le Spodi et le service des sports. Des contacts sont établis avec un club de Soleuvre disposant d’un mur d’escalade, dans l’espoir de créer un jour un club à Differdange. La fédération d’escalade pourrait organiser des formations d’entraineurs et le championnat national des jeunes sur place.*
*Thierry Wagner aborde le problème des salles de classe et des effectifs. Il reconnait qu’un manque de salles conjugué à des effectifs importants entraine une surcharge des classes, situation néfaste tant pour le personnel que pour les enfants. La construction d’une deuxième école au centre reste prioritaire, suivie de projets à Niederkorn et Oberkorn.*
*Enfin, il évoque le projet Alpha — grandir ensemble, soulignant son importance cruciale pour minimiser le décrochage scolaire et éviter que les enfants soient stigmatisés dès leur entrée à l’école en raison de barrières linguistiques.*

*Thierry Wagner explique qu'à partir de l'année scolaire 2026-2027, l'enseignement sera obligatoire dans toutes les écoles, avec un début en deuxième année de maternelle. Il précise que le projet pilote dépend du ministère et non directement de la commune. Concernant la classe forestière et le transport en bus, il indique que le bus ne sert pas uniquement à cette école forestière, mais effectue également d'autres trajets. La commune cherche actuellement une solution pour transporter l'ensemble des élèves d'un point A à un point B.*

---

**ERIC CILLIEN (DP)** *demande des précisions sur le calendrier concernant la planification d'une école, souhaitant connaitre un horizon temporel approximatif pour ce projet.*

---

**TOM ULVELING (CSV)** *répond qu'ils vont lancer un concours d'architecture, ce qui prendra un certain temps avant d'aboutir. Il pense qu'ils auront déterminé ce qu'ils construiront et où cela se situera dans environ deux ans. Les appels d'offres suivront, et il prévoit que les travaux pourront commencer dans deux ans et demi à trois ans.*
*Il souligne qu'une partie de l'ancien hôpital est actuellement occupée par la commune et qu'ils négocient avec l'ONA concernant le foyer de réfugiés, dont les occupants devront être relogés d'ici là.*

---

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *reprend la parole pour ajouter deux éléments qu'il avait omis. Concernant la Coupe scolaire, il précise que le circuit a été validé par le ministère des Transports et ne peut être modifié. Si les participants avaient emprunté un autre itinéraire, l'épreuve aurait dû être annulée.*
*Répondant à la question de monsieur Cillien sur un campus supplémentaire, il indique qu'ils travaillent déjà sur un projet sur le site de l'ancien hôpital, en collaboration avec tous les acteurs concernés. L'objectif est de rassembler les maisons relais et l'école pour mieux gérer les infrastructures et offrir aux enfants un meilleur environnement, similaire au campus pour enfants de Belval. Après sept ou huit ateliers de travail avec les acteurs de* jet ze schaffen, zesumme mat allen Acteuren, um Site vum ale Spidol, wéi mer kënnen d'Maison-relaisen an d'Schoul zesummebréngen, déi Infrastrukture besser ze geréieren, méi e grousst Geréieren, wou d'Kanner sech an engem aneren, engem besseren Ëmfeld befannen. E bëssen esou à la Kannercampus um Belval, esou änlech.

Wéi gesot mat de Leit um Terrain, déi hiren Input ginn hunn. Mir hunn eis do och berode gelooss. An do si mer, no siwen, aacht Workshoppen, relativ wäit. Mir hunn een Dossier zesummegestallt, deen ech Iech och eng Kéier wäert presentéiere fir eng nächst Schoulorganisatioun, dass mer an déi Richtung kënne plangen, wéi d'Leit um Terrain et gären hätten, respektiv och positiv fir d'Kanner ass. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Madamm Charlé.

---

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Ech géif wëllen drop agoen, wat den Här Diderich gefrot hat, wat de Verkéier ugeet am Zentrum. Dir hat de Shared Space ugeschwat, ee Projet, dee mer jo virun enger Zäitchen ugeschwat hunn. Do wollt ech just viruginn, datt mer am September wärend der Mobilitéitswoch e Projet testen am Zentrum, fir datt een do am Fong laanscht d'Schoul just nach ee Wee ka fueren.

Et ass een Test. Et ass fir ze kucken, wéi et geet. Dat ass à long terme. Et wäert een dat och net einfach kënnen esou ëmsetzen, dat ass mat ville Saache verbonnen. Mee jiddefalls eng Kéier probéieren, wéi et ugeholl gëtt a wéi de Verlaf da vum Verkéier wär.

Mir wëssen: All Test ass ëmmer schwiereg. Mee mir wäerten op jidde Fall domat awer kënnen erausfannen, ob dat eppes ass. An datt den Zentrum trotzdeem nach ka funktionéieren. Et ass jo net fir e Shared Space an da just nach eng Richtung an dann hu mer nach méi Probleemer, wéi mir der schonn hunn, wat de Verkéier do ugeet.

Just, fir dat matzedeelen.

Mee ech denken awer och, dass de Pedibus ee grousse Surplus ass.

Et gouf vun der Bëschcrèche a vum Wee geschwat. Vläicht just à titre d'information: Dee Wee, deen hoffentlech net méi allze laang op sech waarde léisst, wisou dat dauert, wat mer och net esou geduecht hunn, ass, well do een innovative Projet nach soll kommen.

Dat heescht: Do gëtt Biokohle an dee Buedem agespäichert, wat eppes relativ Neies ass, a firwat dat sech e bëssen zitt. Et ass méi wéi einfach just de Wee frësch maachen. Mir wäerten uganks Juli nach eng Kéier eng Reunioun mat der ASTA hunn, an da wäert dee Wee hoffentlech gläich fäerdeg sinn.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Mir kommen zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation scolaire pour l'exercice 2025-2026.*

---

Soen Iech Merci. Ech géif proposéieren, ier mer zum Punkt 6 iwwerginn, eng Véierelstonn Paus ze maachen an eis duerno erëmzegesinn. Merci.

(Paus)

Betreffend d'Museksschoul géif ech d'Wuert un den Här Hartung ginn, wannechgelift.

---

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Wéi gesot, komme mer elo bei eis Museksschoul. Aktuell hu mer do ee ganze Poste fir den Direkter an en hallwe Poste fir den Directeur adjoint. De Poste vum Directeur adjoint proposéiere mer elo hei, vu 50 % op 100 % ze erhéijen. Dës Ännerung, well mer an Zukunft gären de Poste mat engem Aarbechtsvolume vu 75 % besetzen, also eng 30-Stonne-Woch amplaz vu bis elo just 20.

Dës Upassung vun der Tâche reflektéiert u sech d'Evolutioun vun eiser Museksschoul an de leschte Joren. D'Zuel vun de Schüler ass däitlech geklommen. Dat bedeit jo dann och méi Aktivitéit, méi Zäit fir d'Zesummenaarbecht mat de Kanner an och hiren Elteren, méi Coursen ze plange mat den Enseignanten, méi Examen. An et gëtt jo och eng sëllegen Aktivitéiten, Evenementer, Projeten, déi de Schüler zegutt kommen.

Wéinst all deenen Entwécklungen ass de Volume vum administrativen a pedagogesche Schaffen deementspriechend mat gewuess. D'Erhéijung vum Posten erlaabt et, déi zousätzlech Aufgaben an Ufuerderunge besser ze erfëllen an d'Qualitéit vun der musikalescher Bildung an dem Schoulbetrib fir d'Zukunft hei zu Déifferdeng weider héich ze halen.

Mir hätten de Posten elo just op 75 % erhéije kënnen, mee u sech soll ee jo ëmmer ganz Poste schafen, quitte datt ee se dann net muss zu 100 % besetzen. De Rescht vun der Tâche, also 25 %, géif, wéi bis elo, weiderhin als Enseignant mat Course beluecht sinn.

Dëst ass eng logesch Suite vun der positiver Entwécklung vun eiser Museksschoul, wat jo méi Aarbecht mat sech bréngt. Dëst dréit deem dann och Rechnung. Dofir biede mer Iech, dëst matzestëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen, Här Hartung. D'Madamm Engel, wannechgelift.

**MORGAN ENGEL (LSAP):**

Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, léif Matbierger a Matbiergerinnen, am Numm vun der LSAP Déifferdeng ënnerstëtze mir d'Adaptatioun vum Poste vum Directeur adjoint vun der Museksschoul vu 50 % op 100 % am Kader vum neien Organigramm vum Gemengepersonal.

D'Museksschoul spillt eng wichteg Roll am kulturellen a pedagogesche Liewen an eiser Gemeng. Si bitt jonke wéi eelere Bierger a Biergerinnen eng Plattform, fir sech kreativ ze entfalen, fir Talenter ze entwéckelen a fir sech gesellschaftlech ze engagéieren.

Fir déi Missioun ze erfëllen, brauch een eng staark an effizient Struktur.

Duerch d'Erhéijung vun dësem Posten op 100 %, gëtt d'Direktioun administrativ an organisatoresch gestäerkt. Dat ass net nëmme gerechtfäerdegt, mee och néideg, wann ee kuckt, wéi d'Offer vun der Museksschoul sech an de leschte Joren entwéckelt huet an e wuessende Besoin u Koordinatioun a Qualitéitsgarantie bréngt.

Mir gesinn dës Upassung als eng Investitioun an d'Zukunft vun der Schoul an domat an d'Zukunft vun der Kultur an der Bildung an eiser Gemeng. Mir soen dem Personal Merci fir säin Engagement an der Alldagspraxis. Mir stëmmen dëser Adaptatioun vum Posten zou.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Engel. Madamm Schütz, wannechgelift.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Mir gesinn hei un deem Posten, dass d'Offer ëmmer méi grouss gëtt, an dass mer ëmmer méi Poste brauchen. Wat fir mech immens flott ass, well ech fanne wierklech Musek eng vun deene soziaalste Saachen, déi et gëtt.

Et geet awer net nëmmen drëm, d'Offer eropzesetzen an hei an do, mer mussen och un d'Gebailechkeeten denken, un déi Säll, déi praktesch platzen. A mir hunn haut schonn doriwwer geschwat, et ass schonn erwäänt ginn. An ech selwer hunn och schonn eng Kéier hei gefrot, fir onbedéngt ze kucken, fir Säll bäizekréien.

Natierlech kënnen, wann eng Schoul gebaut gëtt oder an enger bestoender Schoul, Klassesäll benotzt gi fir Solfège-Coursen oder esou, mee wann et ëm instrumental Saache geet, Instrumenter oder esou, mussen dat awer meeschtens méi speziell Säll sinn, well eng Batterie,

*terrain, le projet est bien avancé. Un dossier complet sera présenté lors d'une prochaine organisation scolaire.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *évoque la question du trafic au centre-ville soulevée par monsieur Diderich, notamment le projet de zone de rencontre. Elle annonce qu'en septembre, pendant la semaine de la mobilité, un test sera effectué au centre-ville pour ne permettre la circulation que dans un seul sens le long de l'école. Elle reconnait que tout test est difficile, mais il permettra de déterminer si cette solution est viable tout en maintenant le bon fonctionnement du centre-ville.*
*Elle mentionne également que le chemin de la crèche forestière intègrera un projet innovant avec du biocharbon dans le sol, ce qui explique les délais. Une réunion avec l'ASTA est prévue début juillet pour finaliser ce chemin.*
*(Vote et pause)*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *présente la situation de l'école de musique. Actuellement, l'école dispose d'un poste complet pour le directeur et d'un demi-poste pour le directeur adjoint. Il propose d'augmenter le poste de directeur adjoint de 50 % à 100 %, avec l'intention de l'occuper à 75 % (trente heures hebdomadaires au lieu de vingt).*
*Cette adaptation reflète l'évolution de l'école de musique ces dernières années, avec une augmentation significative du nombre d'élèves, impliquant davantage d'activités, de coordination avec les enfants et parents, de planification des cours et d'examens. L'augmentation du poste permettra de mieux répondre aux exigences administratives et pédagogiques croissantes tout en maintenant la qualité de l'enseignement musical à Differdange.*
*Jerry Hartung explique que la proposition constitue une suite logique du développement positif de l'école de musique communale, qui génère davantage de travail. Cette adaptation prend en compte cette réalité et il demande aux conseillers de voter en faveur de cette mesure.*

**MORGAN ENGEL (LSAP)** *exprime le soutien de son parti à l'adaptation*

*du poste de directeur adjoint de l'école de musique de 50 % à 100 % dans le cadre du nouvel organigramme du personnel communal. Elle souligne que l'école de musique joue un rôle important dans la vie culturelle et pédagogique de la commune, offrant aux citoyens jeunes et moins jeunes une plateforme pour s'épanouir créativement, développer leurs talents et s'engager socialement. Pour accomplir cette mission, une structure forte et efficace est nécessaire.*
*L'augmentation de ce poste à 100 % renforce la direction sur les plans administratif et organisationnel. Cette mesure n'est pas seulement justifiée, mais également nécessaire au vu de l'évolution de l'offre de l'école de musique ces dernières années et des besoins en coordination et garantie de qualité. Son parti considère cette adaptation comme un investissement dans l'avenir de l'école, et donc dans l'avenir de la culture et de l'éducation dans la commune. Elle remercie le personnel pour son engagement et confirme le vote favorable de son groupe.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *prend ensuite la parole. Elle constate que l'offre ne cesse de croitre et que davantage de postes sont nécessaires, ce qu'elle trouve très positif, car elle considère la musique comme l'une des activités les plus sociales qui existent.*
*Cependant, elle souligne qu'il ne s'agit pas seulement d'augmenter l'offre, mais qu'il faut également penser aux infrastructures et aux salles, qui sont pratiquement saturées. Elle rappelle avoir déjà abordé cette question et insiste sur la nécessité de trouver des salles supplémentaires. Si des salles de classe dans les écoles peuvent être utilisées pour les cours de solfège, les cours instrumentaux nécessitent des espaces spécialisés, où les instruments, comme les batteries ou les pianos peuvent rester en place. Elle insiste sur l'importance de trouver des salles supplémentaires pour continuer à offrir aux enfants cet enseignement dans un cadre approprié et confirme son vote favorable.*

zum Beispill, oder e Piano, bleift do stoen.

Et ass wierklech mäin Uleies: Kuckt, fir supplementär Säll ze fannen, well et ass wierklech wichteg, de Kanner dat Ugebuet weiderhin an engem korrekte Kader ze ginn. Ech soen Iech Merci. Mir wäerten natierlech dat heite matstëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Schütz. Den Här Cillien, wannechgelift.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, ech géif mech deem uschléissen.

Et ass esou, datt dat jo dann och weist, datt déi Gratuitéit vum Museksunterrecht, déi vum Educatiounsministère virun zwee Joer ëmgesat ginn ass, wierklech hir Friichten dréit. An datt e Besoin besteet. Wou mer frou driwwer sinn, datt déi Offer esou ee groussen Uklang fënnt. An datt all Kand d'Méiglechkeet huet – a jiddwereen –, dës Offer u musikaleschem Unterrecht ze kréien.

Och mir schwätze vu Säll, Klassesäll déi feelen. Ech weess awer och, datt d'Museksschoul och Säll an der EIDE zur Dispositioun hat. An datt se déi awer am Moment net méi notze wëllen oder net méi notzen. Dat ass natierlech schued.

Op där enger Säit feelt et u Säll, an op där anerer Säit si Säll fräi, fir ze benotzen, mee ginn net genotzt. Dat ass op d'mannst erstaunlech. Einfach emol esou an de Raum gesat.

Et ka jo net sinn, well een da muss een Trajet maachen, datt se dowéinst net genotzt ginn. Dat ass déi eenzeg Erklärung, déi ech hätt, datt do den Trajet net wëll gemaach gi vun där enger op déi aner Plaz. Ech wéisst net, firwat soss déi Offer net gär ugeholl gëtt. Dat hätt ech einfach gären eng Kéier hei gesot, fir datt dat awer gewosst ass.

Mee op jidde Fall ënnerstëtze mer dës Augmentatioun vun deem Posten. A mer si frou a mer soen och Merci all den engagéierten Enseignanten an der Museksschoul fir déi qualitativ héichwäerteg Offer, déi se de Kanner an den Erwuessenen, déi do an d'Coursë ginn, offréieren. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Informatiounen, Här Cillien. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Op alle Fall emol villmools merci fir déi encourageant a positiv Wierder.

Zu de Säll: Si hu mat eisem Service scolaire gekuckt, fir méi Säll an där aler Haushaltungsschoul ze kréien, wat dat kompenséiert. Well, et ass och eng ganz Organisatioun hannendrun. Et si Proffen, déi hunn e puer Coursen a switche vu Solfège op Musekscoursen hin an hier. Dat ass natierlech net opportun, wa se do op zwee Sitte sinn, déi wäit ewech sinn.

Mer kennen dat jo aus dem Enseignement fondamental. Ech mengen, déi Diskussioun hate mer jo och elo um Woiwer, wou mer déi provisoresch Schoul hin implantéieren, datt een och d'Fluxe muss kucken. Datt et awer och effizient muss organiséiert sinn. A wann d'Raimlechkeete méi no sinn, mécht dat et méi einfach, fir alles ze organiséieren.

U sech geet näischt verluer. Éischter au contraire, et geet weider erop. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Mreci, Här Hartung. Keng weider Wuertmeldung, mir kënnen zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'adaptation du poste de directeur adjoint de l'école de musique de 50 % à 100 % dans l'organigramme de la Ville de Differdange.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 7 um Ordre du jour sinn Akten a Konventiounen, déi mer ofschléissen. D'Punkte 7a) a 7b), déi zwee Akten, déi Proprietéite leien op där selwechter Plaz. Et handelt sech ëm déi Garagen an der rue du Chemin de Fer zu Déifferdeng. En Eck, deen net ganz attraktiv ass an och schwéier, vu Gemengesäit aus propper ze halen, ze ënnerhalen, méi attraktiv ze gestalten.

Dofir ware mer der Meenung, dass mer eng Plus-value hätten, fir d'Entrée vun der Stad an och fir d'Zukunft vun der Stadentwécklung, a Relatioun mat deem Parkhaus, wat mer plangen, um Contournement ze bauen an a Relatioun mat deem Zougang zum Parc Gerlache oder zum Zentrum vun der Stad, dass mer eng Plus-value hätten, déi Garagë lues awer sécher als Proprietéit vun der Stad Déifferdeng unzegesinn. Do sinn eis verschidden Offere gemaach gi vu Proprietären.

Fir an den Detail ze goen, de Punkt 7a), dat ass ee Kaf vun dräi Garagen an engem Atelier, wou en Elektrikergeschäft deelweis ënnerbruecht war mat engem Depot. Déi géife mer kafen zum Präis vu 560.000 Euro. Dat wier op jidde Fall eng Plus-value.

De Punkt 7b) ass ee Kaf vun aacht Garagen an deem selwechten Eck. Eenzel Garagë si méi schlecht ewéi déi am éischten Akt. Do si verschidde Garagen, do ass den Daach agefall, dofir ass do een anere Präis erauskomm. Awer, fir kloerzestellen: 7b) ass en Achat vu just aacht Garagen. 7a) am éischten Acte notarié ass den Depot an dat Elektrikergeschäft am Kaf mat dran. Dofir ass do een anere Präis zustane komm.

Wuertmeldungen oder Froen zu deenen zwee Punkten? Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Mir begréisse ganz kloer dee Kaf hei vun deene Garagen, och wa se an engem schlechten Zoustand sinn. Et geet eis jo net ëm d'Garagen, dat si jo keng nei Gedanken, déi de Schäfferot do féiert, mee et geet ëm d'Jonctioun tëscht dem Parking respektiv deem neie Parkhaus an dem Centre-ville. Iergendwann wäert souwisou do ee Projet kommen, oder Iddie kommen, wéi een dat ka flott gestalten, dass dat einfach méi zesummegeschweesst gëtt. Villmools merci, dass Der déi Initiativen do weiderféiert.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Ureegungen. Ech kann Iech garantéieren, dass dat, wat dohinner komme wäert, ëmmer nach méi schéi gi wäert wéi dat, wat mer haut mussen, leider, do ënnerhalen an heiansdo propper probéieren ze halen, wat net ëmmer an eise Méiglechkeete steet, vu dass et Privatterrain ass.

Den Här Diderich freet d'Wuert. Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci. Ech wollt froen, wéi vill Garagen dann nach iwwreg bleiwen, souzesoen, fir dat ganzt Areal ze kréien. A wéi eng Perspektiven do bestinn, fir dann iergendwann eng Kéier dat Ganzt ze hunn? An ob do schonn éischt Pisten ugeduecht sinn, wéi een dat Areal kann entwéckelen.

Mir hunn dat jo extra, am Kader vum PAG, an eng HAB-1- oder HAB-2-Zon ëmklasséiere gelooss. Op jidde Fall ass et bebaubar fir Logement. Géif d'Gemeng do, perspektivesch, selwer dat entwéckelen oder wéi kann ee sech dat virstellen? Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir d'Fro. Den Här Muller.

**ERIC CILLIEN (DP)** *intervient pour souligner que cette évolution démontre que la gratuité de l'enseignement musical, mise en place par le ministère de l'Éducation il y a deux ans, porte ses fruits et répond à un besoin réel. Il se réjouit que cette offre trouve un tel écho et que chaque enfant puisse bénéficier de l'enseignement musical.*
*Il évoque également le manque de salles, mais note que l'école de musique disposait de locaux à l'EIDE qu'elle ne souhaite plus utiliser actuellement, ce qu'il trouve regrettable et étonnant. Il suppose que la distance entre les sites pourrait expliquer cette situation.*
*Il exprime le soutien de son groupe à l'augmentation du poste et remercie tous les enseignants engagés de l'école de musique pour l'offre qualitative qu'ils proposent aux enfants et aux adultes.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *répond en remerciant les conseillers communaux pour les paroles encourageantes et positives.*
*Concernant les salles, il explique que le service scolaire examine la possibilité d'obtenir davantage de salles dans l'ancienne école ménagère pour compenser. Il souligne la complexité organisationnelle liée aux professeurs, qui alternent entre cours de solfège et cours de musique, rendant peu pratique une dispersion sur des sites éloignés. L'efficacité organisationnelle nécessite des locaux proches les uns des autres. Il assure que rien n'est perdu et que l'évolution reste positive.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *présente les points suivants sur l'acquisition de garages rue du Chemin-de-Fer. Il explique l'intérêt de ces achats pour l'amélioration de l'entrée de ville et le développement urbain futur.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *exprime son soutien clair à l'acquisition de ces garages, même si ceux-ci se trouvent dans un état dégradé. Elle précise que l'intérêt ne porte pas tant sur les garages eux-mêmes, reconnaissant que le collège échevinal poursuit une réflexion déjà en-*

*gagée, mais plutôt sur la création d'une jonction entre le nouveau parking couvert en projet, et le centre-ville. Elle évoque qu'un projet émergera tôt ou tard pour aménager harmonieusement cet espace et créer une meilleure cohésion urbaine. Elle remercie l'exécutif communal de poursuivre ces initiatives.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *la remercie pour ces suggestions et garantit que l'aménagement futur sera nettement plus esthétique que la situation actuelle, tout en reconnaissant les limites de leur action sur des terrains privés.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *interroge ensuite le collège échevinal sur le nombre de garages restant à acquérir pour obtenir l'ensemble du site et sur les perspectives envisagées pour disposer de la totalité du terrain.*
*Il demande si de premières pistes sont déjà envisagées pour le développement de cette zone, rappelant que celle-ci a été spécifiquement reclassée en zone HAB-1 ou HAB-2 dans le cadre du Plan d'aménagement général, la rendant ainsi constructible pour du logement.*
*Il s'enquiert également de savoir si la commune envisage de développer elle-même ce terrain à l'avenir.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *prend ensuite la parole pour féliciter le collège échevinal de poursuivre cette politique d'acquisition des garages et bâtiments présents sur ce site. Il rappelle que ces structures sont des vestiges d'une époque révolue, où des hauts fourneaux se dressaient derrière la voie ferrée, soulignant que le paysage urbain a complètement changé et qu'il convient d'accompagner cette évolution urbanistique.*
*Il insiste particulièrement sur l'importance cruciale de la connexion entre le City Parking et le centre-ville.*
*Il rejoint la réflexion de monsieur Diderich en soulignant que, pour acquérir l'ensemble des garages, il faudra créer de nouveaux emplacements pour compenser ceux des propriétaires actuels. Il estime qu'avec un tel concept de compensation sur le site même, la com-*

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Mir begréissen dat och a felicitéieren dem Schäfferot, dass Der op de Wee gitt, fir weider Garagen oder deelweis Gebaier, déi op deem Site sinn, ze kafen. Well, mir wëssen, dass dat nach Iwwerreschter sinn aus vergaangenen Zäiten, wou Héichiewen hanner där Eisebunn stoungen. An dat Bild huet sech haut komplett verännert. Ech mengen, mir sollen dru schaffen, fir urbanistesch mat der Zäit matzegoen.

Den Haaptakzent ass hei d'Ubannung – d'Madamm Pregno huet et scho gesot – vun dem City Parking, oder wéi een dat nennt herno, un de Stadzentrum, wat séier wichteg ass. Dat ass déi eng Saach.

Déi zweet ass awer, effektiv – do ginn ech e bëssen op d'Thematik vum Här Diderich an –, wa mer wëllen, dass mer do d'Garagen alleguer kréien, misste mer nei Garagë kreéiere fir déi Leit. Dat heescht, mer mussen am Fong op deem Site versichen, de Leit hir Garage ze kompenséieren. A wa mer esou ee Konzept hunn, mengen ech, dann hätte mer och eng Chance vläicht net alleguer, mee mol nach intensiv weiderzekommen am Beméien, fir deen do Deel vum Quartier vun eiser Stad nei ze gestalten. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Dir hutt ganz Recht. Et ass esou, dass dat als Kompensatioun geduecht ass. Wa mer déi Garagen do kafen, de kënne mer de Leit och een anert Emplacement fir hiren Auto ubidden an deem neie Parkhaus, wat bis dohinner da gebaut ass, als Kompensatioun. Wat mer jo d'nächst Joer ufänke mat bauen.

Här Diderich nach eng Kéier.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech hätt nach eng Fro: Wat gëtt, en attendant, elo mat deene Garagë respektiv mat deem Gebai gemaach? Verlount d'Gemeng et oder bleift dat einfach eidel déi Zäit?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Also déi, déi an der Locatioun sinn, déi bleiwen an där Locatioun, ënner deene selwechte Konditiounen, wéi dee Proprietär virdru se verlount hat. Dat hale mer esou bäi, bis mer e Projet final hunn, wat mer kënne maachen a wat mer däerfe maachen.

Ech mengen, dat Ganzt hänkt jo ëmmer dovun of: Wéi vill Garagen hu mer? A wéi vill sinn der nach do? Dir hat och déi Fro gestallt, wéi vill der nach do sinn. Dat kann Iech haut, op den Dag, net beäntwerten. Ech loossen dat awer nofroen, an Dir wäert och do ee genaue Chiffer kréien.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Ëm déi 60.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

De Kolleeg hei niewent mer seet, et wieren der nach an déi 60 Garagen, déi nach do wieren.

Wéi gesot, ech kann Iech dat net genau soen. Mee ech ëmfroe mech awer, fir do méi ee genaue Chiffer ze kréien, méi prezis Iech kënnen dorop ze äntwerten.

Den Här Ulveling nach.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Den Här Muller huet alles gesot. Effektiv hate mer geduecht, wa mer bis Plazen hunn, fir deene Leit eng Kompensatioun ze proposéieren, da gëtt et méi einfach, fir ze kafen, warscheinlech, wéi wann een einfach seet: Du kriss Suen, an da kuck, dass de eens gëss. Mir schaffen dorun.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Also mir bleiwen um Ball, fir déi Zuel vu Garagen, déi nach do sinn, fir esou séier wéi méiglech mat de Leit eens ze ginn, fir dee Projet virunzedreiwen. Soubal mer d'Méiglechkeet hunn, da wäert Der a Kenntnis gesat gi vun

deem, wat sech dann do entwéckele léisst.

Den Här Tempels, wannechgelift.

### GUY TEMPELS (CSV):

Merci. Meng Froen, oder dat, wat ech soe wollt, ass scho bal alles beäntwert ginn. Den Här Diderich hat richteg gefrot: Wat feelt eis nach an deem ganze Puzzlestéck do? Wéi vill Garagë sinn nach do, oder wéi vill musse mer der nach kafen?

A wéi den Här Muller gesot huet, mir kënnen de Leit net virschreiwen, wat se ze maachen hunn oder eis ze verkafen hunn. Ech mengen, do musse mer hinnen eng Optioun bidden, soss gëtt dat awer trotzdeem schwiereg.

Et ass néideg, dass do eppes geschitt an ee flotte Projet dohinner kënnt. Merci.

### BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Tempels. Et muss een elo kucken, wéi déi Saach sech entwéckelt. Ech mengen, déi Leit, déi elo do Garagen hunn, déi haten eng Parkplaz do. An och déi, déi an der Locatioun waren, ware frou iwwer déi Parkplazen. Et muss ee kucken, wat een an Zukunft da mat där Plaz mécht an och déi Parkplaze respektéieren, déi do waren an déi an Zukunft och do matintegréieren an dee Quartier do.

Soss nach eng Wuertmeldung? Wann net, da géif ech proposéieren, dass mer d'Punkte 7a) a 7b) mateneen huelen, well dat dee selwechten Eck concernéiert. Et sinn zwar zwee Akten, mee wann Der näischt dergéint hutt, kënne mer dat awer zesummen an de Vott ginn. Merci.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié visant l'acquisition d'une construction légère / garage, de trois garages et d'un bâtiment autre, sis à Differdange dans la rue du Chemin-de-Fer avec les consorts Castiglia-Fuchs.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié visant l'acquisition de huit garages et d'un bâtiment autre, sis à Differdange dans la rue du Chemin-de-Fer avec monsieur Romain Krack.*

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 7c). Do géif ech d'Wuert un den Här Hartung ginn. Et handelt sech ëm Contrat-de-bailen a Relatioun mam Logement abordable. Här Hartung, wannechgelift.

### SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. An dësem Punkt geet et ëm Kontrakter, wou mir Haiser am Kader vum Logement abordable verlounen. An de leschte Méint hate mer onse Parc immobilier, ënner anerem, ëm dës zwee Haiser, eent zu Lasauvage an eent zu Nidderkuer, per Kaf erweidert. Béid Unitéiten hunn elo jeeweils véier Kummeren. Do sinn d'Aarbechten amgaangen ofgeschloss ze ginn. Soudatt et elo un der Zäit ass, méiglech Locatairen ze definéieren.

Vu déi véier Kummeren, kommen dës Kéier Familljen a Fro, also een oder zwee Elterendeeler mat dräi oder véier Kanner.

Ausgoend vun der Lëscht vun den Demandeuren, déi eise Service logement huet, an op Basis vun den Donnéeën aus den Enquête-sociallen, huet d'Cellule an hirer neier Konstellatioun – engem Representant aus dem Logementsministère, engem Representant aus dem Service logement, enger Assistante sociale aus dem Service vivre-ensemble, engem Representant vun der Oppositioun an engem aus dem Schäfferot, déi och alle fënnef present waren – en Avis formuléiert.

Zur Erënnerung: An der Cellule sinn d'Enquêten anonym, soudatt d'Decisiounen objektiv an an aller Transparenz a Fairness geholl ginn, op Basis eebe just vun den Donnéeën zur Konstellatioun, der Situatioun an Urgence, déi mer do virleien hunn.

Dir hutt all d'Dokumenter kritt. Se stinn all op der Cloud. Op der Lëscht

*mune augmentera ses chances de progresser dans la requalification complète de ce quartier.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *confirme que l'idée est effectivement d'offrir une compensation aux propriétaires actuels des garages en leur proposant des emplacements dans le nouveau parking couvert, dont la construction commencera l'année prochaine.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *interroge le bourgmestre sur l'utilisation immédiate des garages actuels.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *précise que les locations existantes seront maintenues aux mêmes conditions jusqu'à ce qu'un projet définitif soit arrêté.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *indique qu'environ soixante garages restent à acquérir.*

**TOM ULVELING (CSV)** *confirme que la stratégie de proposer des places de compensation facilitera probablement les négociations d'achat plutôt que de simplement offrir une somme d'argent aux propriétaires.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *souligne la nécessité d'offrir des options aux propriétaires actuels pour faciliter les acquisitions et permettre la réalisation d'un beau projet sur ce site. (Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *annonce le point 7c de l'ordre du jour. Il passe la parole à monsieur Hartung concernant les contrats de bail en relation avec le logement abordable.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *explique que ce point concerne des contrats pour la location de maisons dans le cadre du logement abordable. La commune a récemment élargi son parc immobilier par l'achat de deux maisons, l'une à Lasauvage et l'autre à Niederkorn, chacune comprenant quatre chambres. Les travaux sont en voie d'achèvement et il est maintenant temps de définir les locataires potentiels. Ces logements de quatre chambres sont destinés à des familles composées d'un*

*ou deux parents avec trois ou quatre enfants.*
*L'échevin détaille le processus de sélection. La cellule, dans sa nouvelle constellation comprenant un représentant du ministère du Logement, un représentant du service du logement communal, une assistante sociale du département vivre-ensemble, un représentant de l'opposition et un membre du collège échevinal, a formulé un avis. Tous les cinq étaient présents lors de la réunion.*
*Il souligne que les enquêtes sont anonymes dans la cellule, garantissant ainsi que les décisions soient prises de manière objective, transparente et équitable, uniquement sur la base des données concernant la constellation familiale, la situation et l'urgence des demandes.*
*Les documents ont été transmis aux conseillers et sont disponibles sur le nuage. La cellule propose également des candidats de réserve au cas où un bénéficiaire se désisterait ou aurait trouvé un autre logement entretemps. Une famille, marquée en rouge sur la liste, illustre cette situation : elle avait un besoin urgent au début des enquêtes, mais a trouvé un logement pendant le processus et a retiré sa demande.*
*L'échevin demande l'approbation de cette liste avec les contrats de bail correspondants.*
*(Vote)*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *annonce ensuite le point 7d concernant un contrat de bail avec la Miami University et redonne la parole à monsieur Hartung.*

---

**JERRY HARTUNG (CSV)** *explique qu'il s'agit d'un contrat pour deux triplex dans le Gravity, déclarés comme logements étudiants, que la commune souhaite louer à la Miami University pour les trois prochaines années. Il s'agit d'un relogement temporaire, car des travaux importants doivent être effectués dans une maison située au 33, avenue Charlotte, que la commune loue à l'université depuis 2012.*
*Jerry Hartung développe l'historique : en 2012, la commune a signé un contrat avec la Miami University pour la location du château et de la maison du 33, avenue*

gesitt Dir, datt d'Cellule och direkt Reserviste proposéiert, fir de Fall, wann ee géif ofsprangen oder an der Tëschenzäit schonn eng aner Wunnméiglechkeet fonnt hätt.

Lescht Genanntes ass, beispillsweis, d'Situatioun vun der Famill, déi op der Lëscht rout markéiert ass. Dës Famill huet nach eppes gebraucht, wou d'Enquêten ugefaangen hunn. Am Laf vun der Zäit vun de verschiddenen Enquêten, hat d'Famill awer schonn eppes fonnt gehat an hir Demande doropshin zréckgezunn.

Ech bieden Iech, dës Lëscht mat den entspriechende Contrats de bail matzestëmmen. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Wuertmeldungen zu deenen Explikatiounen? Nee. Mir kommen zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail établis suivant les dispositions relatives au logement abordable pour des logements locatifs sis à Niederkorn au 38, rue des Ligures, et à Lasauvage au 37, Balcon.*

---

Ech soen Iech Merci. Mir kéimen zum Punkt 7d), engem Contrat de bail mat der Miami University. Här Hartung nach eng Kéier, wannechgelift.

---

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Richteg. Hei geet et ëm ee Kontrakt vun zwee Triplexen am Gravity, déi als Studentewunnengen deklaréiert sinn, déi mer un d'Miami University fir déi kommend dräi Joer wëlle verlounen. U sech ass et eng Zort temporäert Relogement, well an engem Haus vun eis, dat mer der Miami zënter 2012 verlount hunn, gréisser Aarbechten drun ze maache sinn. Et ass op 33, avenue Charlotte.

Erlaabt mer, e bëssen auszehuelen: 2012 hat d'Gemeng mat der Miami ee Kontrakt ënnerschriwwen, fir, zum engen, d'Schlass an, zum aneren, d'Haus, 33 avenue Charlotte, wat direkt vir op der Strooss un den Domaine vum Schlass ugrenzt, als Locatiounswunnenge fir Studenten ze benotzen.

Elo ass et esou, datt dat Haus, wat jo eis gehéiert, net an deem beschten Zoustand ass – fir et emol fein ze formuléieren. A wa mer jo NetZeroCities denken, wëlle mir et renovéieren, ënner anerem energeetesch, an natierlech och d'Gebailechkeet optiméieren, moderniséieren, vergréisseren a Konform zum Accessiblitéitsgesetz setzen.

Wann d'Aarbechte bis ofgeschloss sinn, da gëtt dëst Haus nees vun der Miami fir hir Studente benotzt, soudatt si d'Triplexen net méi brauchen.

D'Haus soll dann zudeem der Gemeng als Maison témoin punkto energeetesch Renovatioun fir d'Bierger déngen.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Am Kader vun NetZeroCities.

---

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Am Kader vun NetZeroCities. Merci, Här Ulveling.

Vu de Kontrakt vun 2012, wou d'Miami jo weider fir alles bezilt, d'Schlass plus esou vill fir d'Ënnerbréngung vun de Studenten, stelle mer hinnen déi zwee Triplexen fir den Euro symbolique zur Verfügung wärend der Zäit vun der Renovatiounsaarbechten. D'Chargë kréie si natierlech verrechent an den Triplexen. Mir iwwerhuelen d'Chargen op 33, avenue Charlotte wärend den Transformatiounsaarbechten. Soudatt dëst alles propper gereegelt ass.

Wann d'Miami University d'Haus spéider nees fir hir Studente benotze kann, ass mat hinnen ofgemaach, datt si dann ee separate Kontrakt kréien, well mer jo als Gemeng hei ee gréissert Invest haten. Wouvu si jo dann och profitéieren, well et, zum engen, méi modern a besser punkto Energieklass wäert sinn, zum aneren, och méi Studente ka beherbergen. Dësen Invest muss ee jo dann am Loyer matverrechnen.

Dofir hu mer als nächste Punkt dann och een Avenant zu besotem Kontrakt vun 2012. Hei geet et awer elo emol ëm de Contrat de bail fir déi zwee Triplexen, datt d'Miami fir déi Zäit vun de Renovatiounsaarbechte weiderhin déi selwecht Unzuel u Logementer fir hir Studenten zur Verfügung huet. Ech bieden Iech, dëst matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen, Här Hartung. Keng Wuertmeldungen. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec la Miami University concernant la mise à disposition de deux appartements (triplex) au sein du complexe Gravity à Differdange.*

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 7e), engem Avenant zu engem Contrat de bail. Här Hartung nach eng Kéier, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Ech maachen et kuerz, fir ze evitéieren, datt ech mech widderhuelen.

Wéi grad am virege Punkt ugeschwat, gëtt dat Haus opwänneg renovéiert, wat aktuell am Kontrakt vun 2012, mam Schlass zesummen, abegraff ass. A wéi gesot, wann déi Aarbechte bis ofgeschloss sinn, wëlle mer, datt dësen Invest richteg verrechent gëtt mat der Miami University, wat och esou mat hinnen ofgemaach ass. Ech mengen, d'Logement ass jo dann op engem héije Standard, ka méi Studenten empfänken an ass energeetesch vill besser.

Dofir hei elo den Avenant, wou mer d'Haus eraushuelen aus deem ganze Kontrakt mam Schlass. De Kontrakt mam Schlass leeft natierlech onverännert weider. A wann d'Renovatiounsaarbechten um Haus ofgeschloss sinn, da maache mer nees een neie Kontrakt, wou mir dëst Haus un d'Miami verlounen, ënner Berécksiichtegung vun eisem Invest. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Mir kënnen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le premier avenant au contrat de bail du 29 juin 2012 conclu avec la Miami University concernant notamment la mise à disposition du château de Differdange avec le jardin.*

Soen Iech Merci. Punkt 7f), Avenante vu Contrat-de-bailen am 1535° um Fousbann. An Ärem Dossier gesitt Der, dass déi éischt dräi Contrats de bail duerch d'Commission de sélection gaange sinn, nodeems déi Leit eng Demande gemaach haten, si se do selektionéiert ginn. Déi zwee éischt Kontrakter lafen den 1.6. un. An deen drëtte leeft den 1.9. un.

Deen éischten Avenant ass d'Firma Studio Blomst, déi méi ee groussen Espace froen um zweete Stack, fir do ze lounen, vu dass d'Firma gewuess a méi grouss ginn ass. Den Avenant Nummer 2, déi wiesselen an de B.01 am Bâtiment B. Si hunn hir Offer och vergréissert, wou se de Leit méi offréieren, déi e Kontrakt mat hinnen hunn.

An dann hu mer eng Denonciatioun vun engem Contrat de bail. Déi ass dorop zréckzeféieren, well dee Locataire sech einfach net un d'Konditioune gehalen huet. Dat heescht, dee war an deene leschten dräi Sitzungen, déi dann ëmmer gemaach ginn tëscht d'Direktioun a Locatairen, wou ech och des Ëfteren da present sinn, deen huet sech guer net do gewisen.

An huet sech och net fir dat interesséiert, wat mer awer wëlle fuerderen op deem Site do, dat gemeinsaamt Liewe vun deene Leit, déi do ausstellen, a vun deene schafende Leit, déi do an deene verschiddene Workshoppe schaffen. Deen huet sech guer net dofir interesséiert.

*Charlotte, comme logements étudiants. Cette maison nécessite maintenant une rénovation majeure, notamment énergétique, pour moderniser le bâtiment, l'agrandir et le mettre en conformité avec la loi sur l'accessibilité.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise que ces travaux s'inscrivent dans le cadre de NetZeroCities.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *ajoute qu'une fois les travaux terminés, la maison servira de maison témoin pour la rénovation énergétique à destination des citoyens.*
*Les deux triplex sont mis à disposition pour l'euro symbolique pendant la durée des travaux, la Miami University payant les charges. Un nouveau contrat séparé sera établi après les travaux, tenant compte de l'investissement communal.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *annonce le point 7e, un avenant au contrat de bail.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *explique brièvement que cet avenant retire la maison du 33, avenue Charlotte du contrat de 2012 avec le château, ce dernier continuant sans modification. Un nouveau contrat sera établi après les travaux de rénovation, prenant en compte l'investissement réalisé par la commune.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *présente le point 7f concernant les avenants aux contrats de bail du 1535°. Il explique que les trois premiers contrats ont été examinés par la commission de sélection à la suite des demandes des locataires. Les deux premiers contrats débutent le 1er juin et le troisième le 1er septembre.*
*Le premier avenant concerne l'entreprise Studio Blomst, qui sollicite un espace plus grand au deuxième étage pour la location, car l'entreprise s'est développée et a besoin de plus de place.*
*Le deuxième avenant concerne un changement vers le bâtiment B, avec une offre élargie proposant davantage de services aux personnes en contact avec l'entreprise.*

*Le bourgmestre annonce également la résiliation d'un contrat de bail. Cette décision fait suite au non-respect des conditions par le locataire concerné. Celui-ci ne s'est pas présenté aux trois dernières réunions organisées entre la direction et les locataires, auxquelles le bourgmestre participe régulièrement. Le locataire ne montre aucun intérêt pour ce que la commune souhaite promouvoir sur ce site, à savoir la vie communautaire entre les exposants et les personnes travaillant dans les différents ateliers.*
*De plus, l'huissier de justice s'est rendu une ou deux fois sur place, non pas pour des questions de loyer, mais pour recouvrer d'autres dettes en pensant pouvoir saisir des biens mobiliers appartenant à l'entreprise. Le bourgmestre précise que ce n'était pas l'adresse la plus intéressante ni le contrat le plus satisfaisant. Le comité de sélection est donc unanime pour ne pas renouveler ce contrat, d'autant plus que de nombreuses demandes de location sont en attente.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *intervient pour clarifier la tarification appliquée au 1535°. Un membre de son groupe, présent à la dernière Commission des finances, a appris qu'il existe deux tarifs différents. Elle comprend que « L'Essentiel » bénéficie d'un traitement particulier, mais que les autres locataires paient un loyer en fonction du nombre de membres de leur entreprise. Les entreprises de moins de cinq employés bénéficient d'un tarif, tandis que celles de plus de cinq employés ont un autre tarif. Elle pensait que le calcul se basait sur les mètres carrés.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *confirme que le système ne repose pas uniquement sur les mètres carrés. Le loyer est effectivement échelonné en fonction du nombre d'employés, mais également en relation avec le chiffre d'affaires de l'entreprise.*

D'autant plus hate mer een-, zweemol Besuch vum Dierwiechter, awer net a Relatioun mam Loyer, mee wou den Dierwiechter aner bleiwend Scholden do agedriwwen huet, well hie geduecht hat, e misst do op d'Firma zréckgräifen, dass deen nach ee Bien mobilier do stoen hat, fir dat ze saiséieren. Also dat war elo net déi allerinteressantst Adress oder net deen allerinteressantste Kontrakt, dee mer do haten.

Dofir ware mer unanime der Meenung mam Comité de sélection, fir dee Vertrag net méi ze verlängeren. Wëssend, dass mer op där anerer Säit vill Demanden hu fir eng Locatioun. Dofir ware mer där Meenung do.

Dat zu mengen Erklärungen. Ech mengen, de Rescht kënnt Der liesen op der Diffcloud, den Detail vun de Kontrakter. Gëtt et Froen dozou oder Wuertmeldungen zu deene Changementer do? Madamm Schütz, wannechgelift.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Ech hu keng Fro zu deene Kontrakter oder Avenanten. Ee Member vun eis, deen an der leschter Finanzkommissioun war, huet gezielt kritt, dass eigentlech zwee Tariffer géifen herrschen am 1535°. Ech weess, dass de L'essentiel à part ass. Mee dass déi aner géifen de Loyer bezuele suite vun de Membere vun hirer Firma. Dat heescht alles, wat ënner fënnef Mataarbechter wär, ass een Tarif, an alles, wat iwwer fënnef Mataarbechter geet, ass een Tarif. Ech duecht awer ëmmer, et géifen d'Meterkareeë gekuckt ginn.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Et sinn net nëmmen d'Meterkareeën. Et ass ganz richteg, wat Der sot, de Loyer ass gestaffelt a Relatioun zu der Zuel vun den Employéen, déi een huet. An och a Relatioun mat der Zuel vum Rendement, déi d'Firma mécht. Dat ass gestaffelt a Relatioun mam Rendement vun der Firma.

Mee et ass awer esou, ech kann Iech confirméieren, deen neie Chargé de direction, deen do ass, huet eng Entrevue deemnächst mat der Finanzkommissioun, fir genau ze erklären, wéi déi Loyeren do zustane komm sinn, firwat déi ënnerschiddlech Montanten do bestinn.

Déi Invitatioun un den Direkter ass elo eréischt kuerz eraus, well uganks der Woch hat d'Finanzkommissioun eng Sitzung, wou se dovunner geschwat hunn, si haten dat um Ordre du jour. Mee dee Rendez-vous Chargé de direction vum 1535° mat der Finanzkommissioun, deen ass nach net zustane komm. Mee deen ass awer bei der Direktioun vum 1535° gelant an déi sinn amgaangen, no engem Datum ze sichen, fir deene verschiddene Kommissioune Ried an Äntwert ze stoen. An och fir dee Kontakt ze hunn.

An et ass mer och wichteg, dass déi verschidde Kommissiounen, deen neie Chargé de direction, oppe sinn, fir all Verbesserung an all Rotschléi an all Informatioune mat op de Wee ze huelen, fir dass déi Rendez-vousen och agehale ginn. An dass et zu engem Dialog do tëschent de Kommissiounen an der Direktioun kënnt, wat mer och wichteg ass.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Da just eng Fro, Dir sot et wär och gestaffelt par rapport, zum Rendement vun der Firma.

Dat heescht, da muss d'Firma – well dat si jo meeschtens nei Firmen, déi gegrënnt ginn, jiddefalls ganz oft, dat war jo de But vum 1535°, dass nei Firmae respektiv nei Kënschtler kënnen zu engem gënschtege Loyer do lounen –, dat heescht, déi muss dann all Kéier e Bilan ofginn, an da gëtt de Loyer erhéicht oder wéi fonctionéiert dat.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech kann Iech elo net d'Plaffongen soen. Ech kann Iech och net den Detail soen, mee dee Member vun Iech, deen an der Finanzkommissioun ass, dee wäert dat gär erkläert kréie vun deem zoustännege Chargé de direction vum 1535°, wann et zu där Reunioun kënnt. A vu dass Der jo eng gutt Relatioun zu Äre Memberen hutt, déi an de Kommissioune sëtzen, sinn ech dovun iw-

werzeegt, dass déi Informatioun och da prezis bei Iech ukomme wäert.

Merci fir d'Fro. Keng aner Wuertmeldung? Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail concernant un espace de création au 1535° Creative Hub avec la Compagnie des laines (Woolinspires).*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant au contrat de bail concernant un espace de création au 1535° Creative Hub avec la FWRD SÀRL-S.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail concernant un espace de création au 1535° Creative Hub avec Sanaz Eslahi (Waste To Wonder).*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant au contrat de bail concernant un espace de création au 1535° Creative Hub avec Studio Blomst SÀRL-S.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail concernant un espace de création au 1535° Creative Hub avec Yin Yemin (YinYemin Oneness).*

Soen Iech Merci. Punkt 7g), do géif ech d'Wuert un d'Madamm Charlé ginn, wannechgelift.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Am Punkt 7g) geet et ëm een Avenant zur Konventioun mat BestCharge am Kader vun der Elektromobilitéit, déi 2024 ënnerschriwwe ginn ass

Am Avenant vun haut geet et drëms, datt weider Opluedstatioune fir Elektroautoe vun der Firma BestCharge wäerten opgeriicht ginn. Et ass festgehale ginn, datt all d'Coûten, déi duerch d'Installatioun entstinn, wäerte vun der Firma BestCharge selwer iwwerholl ginn.

Fir en Iwwerbléck ze behalen hu mer ee klenge Calcul gemaach, wou mer aktuell dru sinn, mat de Luedstatiounen. Dir hutt de Plang ausgedeelt kritt, Dir fannt et och op der Cloud. Dee Plang, deen Der haut virleien hutt, dat sinn déi nei, déi bäikommen. Mir hunn awer och nach een anere Plang, wou Der gesitt, vu wéi engen ech d'leschte Kéier geschwat hat. Dat sinn déi Bornen, déi méi séier lueden.

Just eng Kéier vläicht eng kleng Zesummefaassung, wou mer aktuell dru sinn.

Mir hu lo duerch d'Gemeng, zesumme mat der Firma BestCharge, 32 Bornë mat jee zwee Points de recharge. Also bei all Borne kënne jo ëmmer zwee Autoe sech drunhänken, dat heescht mir hu 64 Plaze mat 22 Kilowattstonn,13 Bornë mat 50 Kilowattstonn, zéng Plaze mat jeeweils 200 Kilowattstonn an zwou Plaze mat 300 Kilowattstonn.

Déi nei Bornë si méi performant. Als Beispill: Eng Borne vun 22 Kilowattstonn, sinn do zwee Autoe gläichzäiteg ugehaangen, musse se sech déi 22 Kilowatt deelen. Bei deenen neien ass dat net de Fall. Déi sinn däitlech méi performant, d'Autoe kënne méi séier lueden.

Wann Der elo méi Detailer wësse wëllt zu deene verschiddenen Emplacementer, kënnt Der mer déi gäre matdeelen. Mee soss géif ech elo net spezifesch op déi Parkingen a Stroossen agoen. Mee et ass ganz wéi Der wëllt.

(Ënnerbriechung)

Mee wann elo een do eppes Spezifesches wësse wéilt. Ech mengen, et sti keng Hausnummeren oder esou dobäi, ëmmer d'Strooss. An deene meeschte Fäll ass et relativ kloer, wou sech déi Plaze befannen. Si befanne sech och ni laanscht d'Strooss, also ëmmer op de-

*Il précise que le nouveau chargé de direction rencontrera prochainement la Commission des finances pour expliquer en détail comment les loyers sont calculés et pourquoi ces montants diffèrent. Cette invitation vient d'être envoyée et la rencontre permettra d'établir un dialogue constructif entre les commissions et la direction.*
*(Vote)*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *passe ensuite au point 7g, qui concerne l'avenant à la convention avec Bestcharge dans le domaine de l'électromobilité, signée en 2024. Cet avenant prévoit l'installation de nouvelles stations de recharge pour véhicules électriques par la société Bestcharge, qui prendra en charge tous les couts d'installation.*
*Elle détaille l'état actuel des bornes de recharge : 32 bornes avec chacune 2 points de recharge, soit 64 places à 22 kW/h, 13 bornes à 50 kW/h, 10 places à 200 kW/h et 2 places à 300 kW/h. Les nouvelles bornes sont plus performantes et permettent une recharge plus rapide des véhicules.*

**TOM ULVELING (CSV)** *prend la parole pour apporter des précisions complémentaires. Il explique que ce projet a été accompagné par monsieur Patrick Reder et tient à le remercier publiquement d'avoir achevé ce travail en très peu de temps.*
*Il souligne que ce projet ne coute absolument rien à la commune, puisque des millions sont investis par des entreprises privées, qui mettent tout en place. La commune doit uniquement renforcer un transformateur et en transformer un autre qu'elle aurait de toute façon dû modifier, ce qui représente des frais minimes. Une petite redevance est promise à la commune pour ce qui sera facturé, sans que cela représente une fortune.*
*Il fait distribuer une carte aux conseillers pour montrer que la commune disposera désormais d'une couverture pratiquement complète en bornes de recharge. Il affirme qu'on ne peut pas demander aux citoyens d'acheter des voitures électriques si la ville elle-même n'offre pas de bornes, et conclut que la commune est maintenant correctement équipée.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *se réjouit de cette initiative en tant que conducteur satisfait d'un véhicule électrique. Il est heureux que la commune offre suffisamment de points de charge pour que les personnes n'ayant pas la possibilité d'installer une borne ou une « wallbox » à domicile puissent charger leur véhicule partout dans la commune. Il considère que c'est une bonne chose que le Parti démocratique soutient pleinement.*

**TOM ULVELING (CSV)** *reprend la parole pour signaler que la commune a reçu de nombreuses demandes de subsides pour les installations photovoltaïques, ce qui montre que les citoyens s'équipent massivement. Le budget actuel ne suffit plus et ils calculent devoir payer des primes jusqu'à 2,7 millions d'euros pour toutes ces installations photovoltaïques, nécessitant une augmentation budgétaire. Il considère cela comme un signe que les différentes actions du service écologique ont*

finéierte Parkingen, bannen oder baussen.

Et géif mech freeën, wann Der dat géift matstëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Charlé. Den Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Zousätzlech ergänzend vläicht. Éischtens emol, dëse Projet ass vum Här Reder Patrick begleet ginn, an ech wollt him vun dëser Plaz aus Merci soen, well e wierklech a ganz kuerzer Zäit dat do fäerdegbruecht huet. An et muss ee jo betounen, dass dat eis u sech null Frang kascht. Dat heescht, do ginn awer Milliounen investéiert vu Firmen, déi dat en place setzen, wou mir just, ech mengen, zwee Traffoe musse mer e bëssen upassen. Ee musse mer verstäerken, an deen aneren hätte mer souwisou missen ëmbauen, soudass mer just déi Fraisen do hunn, an de Rescht iwwerhëlt alles déi Firma.

Ee klengen Obulus ass eis zougeséchert ginn, wat do chargéiert gëtt. Dovunner gi mer net räich, mee, wéi gesot, mir sinn awer frou. Ech hunn Iech och déi Kaart ausdeele gelooss, fir ze weisen, dass mer elo wierklech flächendeckend, praktesch iwwerall, elo an Zukunft wäerten där Chargeuren hunn.

Mir kënnen net de Leit soen, si mussen en Elektroauto kafen, an d'Stad selwer bitt keng Bornen un. An do si mer elo awer korrekt gestiwwelt. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Wuertmeldungen zu deenen elektresche Bornen?

Et ass keen esou kéng, eppes ze froen, wat d'Elektronik ugeet. Da gi mer iwwer zum Vott.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Ech kann awer eppes froen, Här Buergermeeschter, wann Der erlaabt.

(Gelaachs)

Ech begréissen dat natierlech. Als Fuerer vun engem Elektroauto an zefriddene Consommateur, sinn ech frou, datt eis Gemeng genuch Points de charges ubitt, fir datt och déi Leit, déi doheem net d'Méiglechkeet hunn, eng Borne ze installéieren, eng Wallbox ze installéieren, och d'Méiglechkeet kréien, op alle Plazen an der Gemeng ze chargéieren.

Et ass eng gutt Saach. Dat ënnerstëtze mir als Demokratesch Partei op alle Fall. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Cillien. Den Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

An deem Kader kann ee vläicht soen, dass mer vill Demanden erakritt hunn, fir Subsiden unzefroen, wat d'Photovoltaikanlagen ubelaangt. Dat heescht, d'Leit riichten dat relativ vill op dorëmmer. An eise Budget geet natierlech elo vir an hannen net méi duer. Mir rechnen, dass mer warscheinlech Primme wäerte musse bezuele bis zu 2,7 Milliounen Euro fir all déi Photovoltaikanlagen. Dat heescht, mir mussen dee Budget erhéijen.

Mee et ass awer een Zeechen, dass déi verschidden Aktioune vun dem Service environnement gegraff hunn, an d'Leit awer elo op dee Wee ginn.

Dat wollt ech soen, dass dat awer wichteg ass.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Keng aner Froen oder Wuertmeldungen? Mir kënnen zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant no 1 à la convention de service en matière de mobilité électrique visant l'équipement de divers parkings et lieux publics d'une infrastructure de recharge.*

Soen Iech Merci. Mir kéimen zum Punkt 8. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ee komeschen Dossier. Et handelt sech ëm dräi Haiser, déi unenee gebaut sinn, zu Nidderkuer, wou d'Proprietären – an dat ass jo natierlech ze begréissen – selwer gefrot hunn, dass se solle geschützt ginn. Déi sinn an der Avenue de la Liberté op Nummer 159 an 157.

Déi Haiser sinn 1927 gebaut ginn, déi hunn elo bal honnert Joer. Dräi Wunnhaiser, déi d'Hadir gebaut huet, wéi hei am Bericht steet. „Städtische Wohnhäuser der oberen Gesellschaftsschicht der späteren 1920er-Jahre", wären et. An déi „sozial- und industriehistorisch sowie ortsgeschichtliche Bedeutung der Gebäude wäre zu betonen" – wat ech alles gutt fannen. Mee iergendwéi fillen ech mech onwuel mat där Klasséierung hei, well mer dat drëtt Haus net klasséieren.

Dat heescht: Wéi gesäit dat aus, wann déi zwee elo klasséiert sinn, do däerf keen eppes maachen, an deen Drëtte kënnt op d'Iddi, e rappt dat of. Dann ergëtt dat Ganzt kee Sënn.

Mee bon, ech mengen, d'Leit hunn et gefrot; mir maachen et. Mee iergendwéi hätt ech mer erwaart, dass de Minister da gesot hätt, et ass en Ensembel an da muss den Ensembel klasséiert ginn an net zwee Haiser. Wann elo dee rietsen an dee lénken et gemaach hätt an deen an der Mëtt et net gemaach hätt, dann hätt et nach méi komesch ausgesinn. Elo sinn et der alt zwee, déi unenee gebaut sinn; dat ass alt e bësse besser. Mee u sech hätt et missen esou sinn, dass een dee ganzen Ensembel, déi dräi Haiser geschützt hätt.

D'Fro ass elo, dass mer déi zwee solle schützen. Ech mengen, mir sollen dat maachen a vläicht kënne mer jo da kucken, ob mer dat drëtt net och nach eng Kéier schütze sollen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Här Cillien, wannechgelift.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, mir ware grad esou erstaunt wéi Dir, iwwer déi Demande. Virun allem well se vun de Proprietäre kënnt. Mer hoffen alt, datt déi Proprietäre sech bewosst sinn, wat se mat där Demande maachen. Well mir haten dat jo schonn eng Kéier op anere Plazen, wou am leschte Moment eng Persoun du gesot huet: „Oh, nee", wou se sech bewosst ginn ass, wat dat heescht.

Mir verwiere kengem eppes. Mir wären elo net op d'Iddi komm, mee wann d'Leit dat gären hätten, stëmme mir dat natierlech mat. Merci.

An natierlech fir de Patrimoine ass et eng gutt Saach.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Cillien. Madamm Engel, wannechgelift.

**MORGAN ENGEL (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Am Numm vun der LSAP Déifferdeng wëlle mir eis positiv zu der Intentioun äusseren, fir déi Gebaier an der Avenue de Liberté zu Nidderkuer mat der Kadasternummer 960/7501 an 960/7502 als nationaalt Kulturierwen ze klasséieren.

Dës Gebaier sinn en Deel vun eiser lokaler Geschicht a kultureller Identitéit. Si droen zum historesche Bild vun Nidderkuer bäi a verdéngen et, respektvoll a mat Wäitsiicht erhalen ze ginn.

E Klassement als nationaalt Kulturierwe garantéiert net nëmmen de Schutz vun dëse strukturellen a geschichtlech

*porté leurs fruits et que les citoyens s'engagent dans cette voie.*
*(Vote)*
*Tom Ulveling présente un dossier qu'il qualifie d'étrange concernant trois maisons mitoyennes à Niederkorn, dont les propriétaires ont eux-mêmes demandé la protection patrimoniale. Ces maisons, situées dans l'avenue de la Liberté aux numéros 159 et 157, ont été construites en 1927 par l'Hadir et représentent des habitations urbaines de la classe supérieure.*
*Il exprime son malaise, car seules deux des trois maisons sont classées, créant une situation incohérente si le troisième propriétaire décidait de démolir sa maison. Il aurait préféré que le ministre classe l'ensemble des trois bâtiments.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *exprime sa surprise face à cette demande venant des propriétaires eux-mêmes, espérant qu'ils sont conscients des implications de leur démarche. Il rappelle des situations passées, où des personnes ont changé d'avis au dernier moment en réalisant les contraintes. Il soutient néanmoins la demande pour le patrimoine.*

**MORGAN ENGEL (LSAP)** *exprime le soutien du LSAP pour le classement de ces bâtiments comme patrimoine culturel national, soulignant leur importance pour l'histoire locale et l'identité culturelle de Niederkorn.*

*Elle salue le fait que cette démarche s'effectue dans un dialogue avec les personnes concernées et dans un processus transparent, afin de trouver une solution équilibrée entre la préservation, l'utilisation et le développement du patrimoine. Elle affirme que le LSAP continuera à s'engager pour que le patrimoine local soit apprécié, protégé et utilisé intelligemment, au service de la commune et des générations futures.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *s'adresse à monsieur Ulveling, indiquant que, s'il l'a bien compris, celui-ci a lancé un appel aux citoyens intéressés pour qu'ils soumettent une demande de classement. Par ce biais, l'ensemble pourrait être classé par un citoyen intéressé si la commune ne le fait pas elle-même. Il considère comme louable que des propriétaires valorisent eux-mêmes leur bien en reconnaissant qu'il ne s'agit pas seulement d'un lieu d'habitation personnel, mais aussi d'une partie du patrimoine, qui doit être préservée. Dans ce sens, il s'agit d'un cas idéal, où il n'y a pas de situation conflictuelle, mais où le bien commun rejoint l'intérêt individuel. Il ne peut que saluer cette situation et annonce que déi Lénk soutiendra cette démarche.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *introduit ensuite le point 9 concernant les règlements communaux et diverses modifications de taxes, donnant la parole à monsieur Wagner pour la première modification concernant la mise à disposition de matériel.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *explique qu'il s'agit de la caution pour le matériel réutilisable pour les fêtes, par analogie avec leur système de gobelets. Malgré les différents prix d'achat — une assiette étant plus chère qu'un bol ou une barquette à frites —, ils ont fixé la caution uniformément à deux euros pour éviter de compliquer les choses pour les associations et les consommateurs. Les couverts sont distribués sans caution dans une phase initiale, leur prix d'achat étant relativement faible, mais une caution*

wichtege Gebaier, mee ass och ee kloert Zeechen dofir, datt mir d'Wäerter vun eiser industrieller a sozialer Vergaangenheet unerkennen.

Mir begréissen, datt dëse Schratt am Dialog mat de Concernéierten an an engem transparente Prozess geschitt, fir eng equilibréiert Léisung tëschent Erhalt, Notzung a Weiderentwécklung vum Patrimoine ze fannen.

D'LSAP Déifferdeng wäert sech weiderhin dofir asetzen, datt eise lokale Patrimoine geschat, geschützt an intelligent genotzt gëtt, am Déngscht vun eiser Gemeng an den nächste Generatiounen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Engel. Den Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci. Här Ulveling, wann ech Iech richteg verstanen hunn, hutt Der en Opruff un interesséiert Bierger gemaach, dass se eng Demande de classement sollen eraschécken. Iwwer dee Wee kéint dann den Ensembel, ënner anerem, klasséiert ginn, wann Dir et elo net selwer maacht, virun engem interesséierte Bierger.

En effet ass et begréissenswäert, wa Proprietäre selwer hire Bien esou en valeur setzen an denken, dass dat net nëmmen eppes ass, wat fir si grad déngt fir ze wunnen, mee och Deel vum Patrimoine ass an och soll erhale bleiwen.

An deem Sënn ass dat jo fir eis en ideale Fall, wou mer net eng konfliktuell Situatioun hunn, mee de Bien commun mam Interêt individuel zesummekommen. Dat kënne mer just begréissen, dass dat hei de Fall ass. Als déi Lénk wäerte mer dat dann och esou ënnerstëtzen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Keng weider Wuertmeldung méi. Mir ginn iwwer zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'aviser favorablement les intentions de classement comme patrimoine culturel national des immeubles sis à Niederkorn aux 157 et 159, avenue de la Liberté, inscrits au cadastre de la commune de Differdange, section A de Niederkorn, sous les numéros 960/7501 et 960/7502.*

---

Ech soen Iech Merci. Punkt 9, d'Gemengereglementer. Verschidde Modifikatioune vun Taxen. Déi éischt Modifikatioun ass eng Mise à disposition vum Material. Do géif ech dem Här Wagner d'Wuert ginn, fir eis den Detail ze ginn. Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. An dësem Punkt geet et ëm d'Kautioun vum Matériel réutilisable fir Fester, dëst par analogie zu eisem Cup-System.

Trotz den ënnerschiddlechen Akafspräisser – een Teller ass méi deier wéi eng Bowl oder Frittebarquette – hu mer d'Kautioun awer generell op zwee Euro gesat. Well soss maache mer eis Veräiner an de Consommateuren trotzdeem geckeg domadder.

D'Couverte gi mer ouni Pfand eraus, well do den Akafspräis relativ geréng ass. An enger Phase initiale emol. Wann een ze grousse Verloscht entstoe géif, misste mer och do Pfand aféieren.

Eis Festivitéitskommissioun huet eis dësen Avis esou matgedeelt. Merci.

An ech hat geduecht, wann den Här Buergermeeschter et erlaabt, dass mer der Madamm Charlé direkt d'Wuert weidergi fir deen zweeten Deel vum Punkt 9a).

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Jo.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Schéinen Iwwergang!

Am zweeten Deel vum Punkt 9a) komme mer an d'Kapitel G, Punkt 1. Hei kommen, nieft schonn de bestoenden Tariffer vun den Emplacements fixes an eise Parkingen, zwou Plaze bäi, wou an Zukunft Parkplaze kënne verlount ginn – op de Mount verlount ginn.

Eemol am Parking couvert Reggio fir 1.200 Euro d'Joer respektiv 100 Euro de Mount. Déi selwecht Tariffer gëllen deemnächst dann och fir déi Stellplazen am Parking Gravity. Wann dozou nach Froe sinn, stinn ech natierlech zur Verfügung. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech hunn eng Fro. Ech stelle fest, dass de Parking an der Groussstrooss lues a lues un d'Sättegung kënnt. Dat ass jo och positiv. Ech mengen, et ass ëmmer gutt, wann e Parkhaus benotzt gëtt. Da gesäit ee jo och d'Wichtegkeet vun deem Parkhaus.

Op där anerer Säit soen ech mer, wann ech dann erafueren an deen ënneschte Stack, da gesinn ech ganz vill Places réservées. Dann denken ech alt, dass mer vläicht awer missen iwwer d'Zäitdauer mol eng Kéier de Bilan maachen, ob mer nach richteg leie mat deene Plazen, déi mer dann alleguer iwwer Abonnementer ewechginn. Oder ob mer déi net misse revidéieren.

Ech wëll elo net soen, dat muss elo direkt geschéien, mee dass mer dat am A behalen. Well mir brauche jo awer och Plazen, déi disponibel si fir déi Leit, déi an d'Stad kommen.

(Ënnerbriechung)

Jo, ech weess, déi, déi elo do eng fest Plaz hunn, déi wunne jo do, déi meescht. Déi mussen natierlech och iergendwéi hiren Auto ënnerdaach kréien. Mee mir hunn déi Parkingen och geschafen, fir dass am Zentrum eng Méiglechkeet besteet, fir do ze parken an och akafen ze goen.

Ech wëll dat nëmme just soen. Ech wëll elo net mam Fanger op eppes weisen. Ech wëll nëmme just soen, dass mer dat am A solle behalen, well prioritär ass dat jo ee Parking public. Dee soll an enger gewësser Sequenz sech fëllen an erëm eidel ginn.

An doniewent sollen och nach Plazen disponibel si fir Laangzäitparker, déi do eng Plaz iwwer ee Joer oder nach méi laang, kënnen zur Verfügung hunn.

Dat just als Bemierkung dozou.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Den Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech wollt an deem Kontext ureegen, virun allem bei esou Parkings mixtes, wou et Abonnementer op där enger Säit a fir de Public op där anerer Säit gëtt, wou et mëttlerweil vill méi intelligent Systemer gëtt, ob een net, unhand vu verschiddenen Appen oder esou, méi een intelligente Partage kéint maachen.

Well déi, déi do wunnen, déi fueren tendenziell moies eraus an owes erëm eran. An déi, déi an Déifferdeng erakommen, déi kommen am Laf vum Dag eran. Dat heescht, u sech kéinte verschidde Plazen duebel benotzt ginn. Et ass natierlech net all Dag esou, et ass net all Plaz esou. Mee do gëtt et mëttlerweil Appen, déi engem erlaben ze gesinn: Ass déi Plaz fräi? Ginn ech se fräi? An eventuell dann och manner fir d'Abonnement ze bezuelen, wa parallel och anerer kënnen do am Dag parken.

De Problem vum Auto ass jo, dass en 80 % vun der Zäit steet an net fiert – an dann iergendwou Plaz hëlt. Datselwecht ass bei enger Parkplaz. Wann den Auto fort ass, da steet déi Parkplaz esou laang eidel. Bis op Abonnementer, ass dann eng Parkplaz relativ wéineg benotzt. An do wär et interessant, fir deen dote Parking no esou Systemer ze kucken. Ech soen Iech Merci.

*pourrait être introduite si les pertes deviennent trop importantes.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *prend ensuite la parole pour expliquer la seconde partie du point 9a. Deux nouveaux points s'ajoutent aux tarifs existants des emplacements fixes dans les parkings, où des places pourront être louées mensuellement dans le parking couvert Reggio pour 1200 € par an ou 100 € par mois. Les mêmes tarifs s'appliqueront prochainement aux places de stationnement dans le parking Gravity.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *constate que le parking de la Grand-rue approche progressivement de la saturation, ce qu'il considère comme positif, car cela démontre l'importance de ce parking. Cependant, il observe que l'étage inférieur compte beaucoup de places réservées. Il suggère de faire périodiquement le bilan pour vérifier si la répartition entre les places sous abonnement et les places disponibles reste appropriée.*
*Il rappelle que ces parkings ont été créés pour permettre le stationnement au centre-ville et faciliter les achats, tout en reconnaissant que les résidents qui y ont une place fixe doivent aussi pouvoir garer leur véhicule.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *suggère d'explorer des systèmes de partage intelligents pour les parkings mixtes combinant abonnements et accès public, utilisant des applications permettant de voir si une place est libre et de la libérer temporairement. Il note que les résidents partent généralement le matin et reviennent le soir, tandis que les visiteurs viennent en journée, permettant potentiellement une double utilisation. Il souligne que les voitures restent stationnées 80 % du temps et qu'une place sous abonnement reste inutilisée quand le véhicule est absent, suggérant d'examiner de tels systèmes pour optimiser l'utilisation du parking.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *confirme les propos de monsieur Diderich. Il explique que la commune travaille à moderniser et améliorer ses parkings pour les rendre plus adaptés aux besoins des consommateurs.*
*Il exprime cependant des doutes quant à la capacité technique actuelle de développer une application efficace. Il illustre son propos par un exemple concret : si quelqu'un est propriétaire d'une place de parking liée à son appartement, part le matin à 8 h et souhaite rentrer à 10 h alors qu'il rentre habituellement à midi, comment l'application pourrait-elle gérer l'évacuation d'un véhicule qui occuperait sa place ? Bien qu'ouvert aux avancées technologiques et à l'ère numérique, il s'interroge sur l'existence d'une telle application et serait heureux qu'elle existe, car elle faciliterait la résolution de ce problème.*

**TOM ULVELING (CSV)** *prend ensuite la parole et suggère qu'idéalement, les places de parking devraient être séparées selon leur usage. Les résidents possédant un appartement et une place attitrée devraient disposer d'un étage distinct, ce qui rendrait la gestion plus claire. Les autres places seraient réparties sur d'autres niveaux pour le public. Cette séparation éviterait le mélange actuel des usages. Il reconnait ne pas connaitre précisément la configuration du parking en question, mais souligne que le problème principal concerne effectivement les places privées.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *intervient pour répondre à monsieur Muller. Elle confirme qu'il est essentiel de garantir des places pour les clients des commerces. Elle annonce que 27 places vont se libérer au parking Reggio, alors que la liste d'attente pour les places fixes dans la Grand-rue ne compte que 19 personnes.*
*Elle propose de transférer au parking Reggio les personnes qui ne résident pas directement dans le bâtiment de la Grand-rue, mais travaillent dans le quartier, libérant ainsi des places pour le public. Elle considère que sept à huit places supplémentaires représentent une amélioration significative pour des*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Et ass ganz richteg, wat Der sot, Här Diderich. Mir sinn och amgaangen, dorunner ze schaffen, fir eis Parkinge méi modern a méi appgerecht ze maachen a méi konsumentegerecht ze maachen. Ech weess awer net, ob eis Technik esou wäit ass fir eng App, oder dass eng App entwéckelt ginn ass, datt wann ech Proprietär si vun enger Parkplaz, Proprietär vun engem Appartement, do wunnen, moies um aacht Auer erausfueren an dann um zéng Auer wëll heem goen, wou ech normalerweis eréischt um 12:00 Auer heem ginn, an da steet een aneren op menger Parkplaz.

Ech weess awer net, wéi déi App misst da reagéieren, fir deen Auto ze evakuéieren. Ech sinn natierlech ëmmer oppe fir Technik a fir nach am digitalen Zäitalter matzeliewen, mee ech weess net, ob et esou eng App scho gëtt. Mee ech wier och frou, wann et déi géif ginn. Déi géif eis de Probleem och erlichteren.

Madamm Da Silva, hat Dir d'Wuert gefrot? Nee, den Här Ulveling nach.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech mengen, et muss een och ënnerscheeden. Ideal wär jo, wann d'Parkplazen esou ofgetrennt wären, dass déi Leit, déi en Appartement do am Haus hunn an eng Stellplaz hunn, op engem extrae Stack wieren. An all déi aner wären dann op déi aner Stäck verdeelt, de Public. Dat wär och méi iwwersiichtlech, wéi wann dat elo vermëscht ass. Ech weess elo net genau, wéi et an deem Parking do ass. Mee de Probleem ass effektiv mat de private Parkplazen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Madamm Charlé, wannechgelift.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Fir da vläicht dem Här Muller ze äntwerten. Et ass ganz richteg: Wichteg ass, dass déi Leit, déi an eis Commercen, Geschäfter kommen, dass déi Plaze brauchen. Do kann ee vläicht elo emol soen, am Reggio, do ginn eng 27 Plaze fräi. Mir hunn aktuell an der Grand-rue fir fix Parkplaze just eng Waardelëscht vun 19 Leit.

Dat heescht, mir wäerten déi d'office emol eriwwer huelen. An da kéint een effektiv kucken, d'Leit, déi elo net am Gebai Grand-rue direkt wunnen, Leit, déi an der Géigend schaffen oder esou, datt een déi eriwwer an de Reggio hëlt. Dass een e puer Plazen da vläicht erëm opmécht, dass déi méi do si fir de Public.

Dat ass jiddefalls eng ganz gutt Iddi. Ech wäert dat och dann esou mathuelen, fir datt mer do méi Disponibilitéite wierklech hunn. Well, ech mengen, eng siwen, aacht Plaze maachen awer schonn e bëssen eppes aus an engem Parking, well dat si jo och Leit, déi da just vläicht emol 30 Minutten oder eng Stonn laanschtkommen oder vläicht en hallwen Dag emol, awer net eeben dee ganzen Dag do stinn.

Wat dat mat der App ugeet, virun enger Zäitchen hat ech mat enger Madamm ze dinn, déi hat eng App entwéckelt – dat war awer gréisstendeels fir an der Stad –, wou et awer am Fong iwwer dee System geet. Well et ass wéi den Här Altmeisch gesot huet, et ass deelweis schwiereg, datt d'Gemeng déi Koordinatioun iwwerhëlt. An do gëtt et eng App, wou d'Leit, déi d'Parkplazen hunn, sech selwer aschreiwen a soen, een aneren däerf meng Parkplaz esou an esou benotzen, tëscht 16:00 an 20:00 Auer sinn ech net do, da kann een anere se benotzen. An dee kritt dann am Fong ee klengen Tarif pro Stonn bezuelt.

Effektiv, wat et an de Parkinge vläicht deelweis schwiereg mécht, ass déi ganz Geschicht aktuell: Mir kréien een Ticket, wéi entwäerten ech deen elo, well ech bezuele jo am Fong iwwer d'App? Dat heescht, datt dat nach e bësse méi schwiereg ass. An ech hoffen, dass mer op esou ee Wee kommen.

Déi Madamm, déi hat leider keen Erfolleg mat hirer Firma, dat ass vläicht nach eppes aneschters, well et wierklech ganz schwiereg ass, dass d'Parkingen dofir ausgerüst sinn, datt et funktionéiert. An awer denken ech, an déi Richtung ze goen, datt mer vläicht

net méi un enger Borne an engem Parking musse bezuelen, mee dass dat alles iwwer eng App geet.

Ech mengen, do ass am Raum, och déi Saach mat Indigo Neo, net nëmme bannen an de Parkingen, mee och baussen. Datt mer da wierklech eng vill, vill méi grouss Ouverture hunn, fir Kontrakter och mat Leit ze maachen, déi net musse 24/24 Stonne sinn.

Dorop hoffe mer ganz vill. An ech hoffe wierklech, dass mer haut an engem Joer schonn een décke Schratt méi wäit sinn, wat d'Ausrüstung vun de Parkingen ugeet.

Ech hoffen, dat konnt awer e bëssen äntwerten. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Mir kommen zum Vott. Ech mengen, mir kënnen déi zwee Punkte matenee stëmmen, déi vun der Mise à disposition vum Material an d'Upassung vun den Taxe vum Stationnement.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les modifications/ ajouts au chapitre B6 : Mise à disposition de matériel du Règlement des taxes, tarifs et prix.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les modifications/ ajouts au chapitre G1 : Stationnement du Règlement des taxes, tarifs et prix.*

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 9b), den Drénglechkeetsreglementer. Madamm Charlé, wannechgelift.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. An den temporäre Reglementer an der Circulatioun ass et wéi ëmmer: ganz vill Chantieren, Steeën, Containeren, Fassaden, privat Chantieren, déi an der Gemeng ustinn.

Dann hu mer awer och eng ganz Rëtsch Stroossen, wou Reseausaarbechte gemaach gi vun der Post, wou Verschiddenes muss gespaart ginn.

Verschidde Changementer musse gemaach gi wärend dem Diffbeach-Event am Summer. Och déi sinn hei erëmzefannen.

Méi eng grouss Saach ass d'Demenagement vun de Container, déi aktuell „Um Bock" stinn, déi op de Woiwer gefouert ginn. Do sinn eng Rei Upassungen am Verkéier virzehuelen, ongeféier bis d'Enn vum Schouljoer e Sens unique, a verschidde Parkplazen am Quartier ëm de Bock gi gespaart. Dëst, fir d'Deplacement an och d'Manövréiere vun den Transportcamionen ze erméiglechen.

Hei wéilt ech profitéieren, all de Bierger, awer och soss all Automobilist, ze rappelléieren, datt e Sens unique muss agehale ginn, fir d'Sécherheet vu jiddwerengem ze garantéieren. An anengems profitéieren ech awer och vum Moment, fir all deene betraffene Bierger aus dem Quartier villmools Merci ze soe fir hir Kooperatioun an hiert Versteesdemech elo an dësem kommende Mount.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Charlé. Gëtt et Froen oder Wuertmeldungen zu deem Punkt? Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 10, dat ass eng Informatioun iwwer Changementer an de Kommissiounen.

D'LSAP Déifferdeng deelt mat, dass den Här Fabio Spirinelli d'Madamm Vânia Fernandes an der Loyerskommissioun ersetzt, an dass den Här Sylvain Beidler d'Madamm Rodrigo Cha-

*usagers, qui ne restent parfois qu'une demi-heure, une heure ou une demi-journée.*
*Concernant l'application, elle évoque une rencontre avec une dame ayant développé une application principalement pour la Ville de Luxembourg. Le système fonctionne sur le principe de l'autoinscription : les propriétaires de places indiquent leurs disponibilités et d'autres utilisateurs peuvent louer ces places moyennant un tarif horaire. Cependant, l'intégration dans les parkings existants pose des difficultés techniques, notamment pour la validation des tickets lors du paiement à travers l'application. L'entrepreneuse n'a malheureusement pas rencontré le succès escompté, les parkings n'étant pas équipés pour ce système. L'échevine espère néanmoins une évolution vers des paiements entièrement dématérialisés avec l'application, mentionnant le système Indigo Neo. Elle aspire à des progrès significatifs dans l'équipement des parkings d'ici un an.*
*(Vote)*
*Zenia Charlé présente ensuite les règlements temporaires de circulation, mentionnant de nombreux chantiers privés, des travaux de réseau par la Poste et des ajustements pendant le Diffbeach.*
*Elle détaille particulièrement le déménagement des conteneurs du Bock vers le Woiwer, nécessitant un sens unique et la suppression de places de parking jusqu'à la fin de l'année scolaire pour faciliter les manœuvres des camions. Elle remercie les riverains pour leur coopération et leur compréhension.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *présente les modifications des commissions consultatives.*
*(Vote)*

*Guy Altmeisch passe aux questions.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *prend la parole pour apporter une précision concernant les commissions. Il signale avoir lu les rapports des commissions et avoir remarqué une erreur dans le rapport de la Commission scolaire, où un conseiller est mentionné comme appartenant à un parti dont il n'est plus membre. Il souhaite transmettre cette information pour correction.*
*Il pose ensuite une question concernant le chalet du Thillebierg, que la commune a acheté en novembre dernier. Il constate que le chalet est déjà installé et demande quand il sera mis en service, soulignant qu'il existe un réel besoin pour l'utilisation de tels espaces.*
*Il rappelle que la commune a investi environ 400 000 € dans ce chalet et que son parti aimerait également pouvoir l'utiliser lorsqu'il sera disponible.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique que le problème actuel réside dans l'absence de toilettes, les travaux de canalisation n'étant pas encore terminés. Il évoque la possibilité d'installer temporairement des toilettes mobiles, mais précise qu'il faut dans tous les cas attendre le passage de l'ITM pour vérifier la conformité aux normes.*
*Il indique également vouloir effectuer différents renforcements pour sécuriser le site et rendre l'accès plus difficile, le lieu n'étant pas surveillé en permanence le soir.*
*Il assure travailler pour une mise à disposition aussi rapide que possible, conscient de la forte demande. Des personnes intéressées pour exploiter le chalet les ont déjà contactés, mais il ne peut donner de date précise tant que certains éléments ne sont pas fonctionnels.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *reprend la parole pour compléter les explications, mentionnant qu'ils doivent rendre le chalet plus résistant aux effractions après avoir subi une visite d'invités indésirables ayant causé d'importants dégâts aux vitres. Il insiste sur la nécessité de mieux sécuriser les lieux pour éviter des réparations régulières.*

ves an der Commission de l'environnement ersetzt. Dat ass eng Informatioun vun der Sozialistescher Partei vun Déifferdeng.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives et des groupes de travail.*

Dat gesot, kéime mer zum Punkt 11, de Froen, déi ugemellt goufen. Här Cillien, wannechgelift.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Nee, ech hätt eng Prezisioun nach zu de Kommissiounen. Mee dat ass net schlëmm. Ech kann dat och elo hei maachen. Ech hunn d'Rapporte vun de Kommissiounen duerchgelies, an am Rapport vun der Schoulkommissioun, mengen ech, wier ee Feeler dran.

Do ass e Conseiller vun heibannen an enger Partei ugeschloen, an där en net méi ass. Ech kann Iech dat herno erklären. Also et ass just, fir déi Informatioun weiderzeginn. Menger Meenung no misst dat ee Feeler sinn.

Dann zu menger Fro. Déi betrëfft de Chalet Thillebierg oder besser de Lent' ze Chalet, dee mer do kaf hunn. Dat hate mer jo gestëmmt am November hei, an dee steet jo och schonn op där Plaz, hunn ech gesinn.

D'Fro ass: Wéini gëtt deen a Betrib geholl? Well et ass eng grouss Necessitéit do, am Allgemengen, fir esou Plaze benotzen ze kënnen. Mir hu ronn 400.000 Euro investéiert an dee Chalet a wollte froen, wéini deen a Betrib geholl gëtt. Och mir géifen e vläicht emol gäre benotzen, wann deen dann iergendwann à disposition ass. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Fro, Här Cillien. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

De Probleem à ce stade ass, dass nach keng Toiletten do sinn. D'Kanalisatiounsaarbechte sinn nach net ofgeschloss. Elo kann een natierlech driwwer nodenken, an der Tëschenzäit mobil Toiletten dohinner ze stellen. Mee esou oder esou muss ofgewaart ginn, bis d'ITM laanscht ass. Déi kucken, ob dat alles genormt ass.

En plus wollte mer och nach verschidde Renforten, géif ech soen, maachen, fir dass et e bësse méi schwéier ass, fir do eppes futti ze maache respektiv eranzekommen. Well dat jo awer alles op engem Site ass, deen net esou genau iwwerwaacht ka ginn owes.

Mee mir sinn drun, fir dat esou schnell wéi méiglech zur Verfügung ze stellen, well mer jo wëssen, dass vill Leit dat froen. Mir sinn och scho kontaktéiert gi vu Leit, déi et wëlle bedreiwen, wou mer och gesot hunn, mir kënnen, à ce stade net soen, wéini dat ass. Well verschidde Gegeebenheeten nach net funktionéieren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ass dat okay esou, déi Erklärungen, Här Cillien?

Et ass och esou: Mir mussen dat och méi abrochsécher maachen, well mer haten do schonn eng Visitt vun ongebiedene Gäscht. An do hate mer relativ vill Schued um Glas. Dat muss einfach besser ofgeséchert ginn, fir ze evitéieren, dass mer do all 14 Deeg mussen eng Reparatur maachen. Mir musse kucken, dass mer dat méi securiséiert kréien. An dann dem Här Ulveling seng Erklärungen dobäi.

Da géif ech d'Wuert dem Här Aguiar ginn. Här Aguiar, wannechgelift.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, fir d'Wuert. Här Buergermeeschter. Le nouveau locataire prévu pour les locaux du Klenge Casino viendra-t-il ou pas ? On se posait la question. Et, s'il ne vient pas, est-ce que vous avez d'autres pistes prévues ?

Par ailleurs, on a déjà discuté dans le cadre du conseil communal de la stratégie économique pour la Ville de Differdange. J'aimerais savoir si ces travaux avancent ou pas. Est-ce que vous avez déjà quelque chose en cours ? Ou pourriez-vous nous donner une date afin qu'on puisse avoir un débat au sein du conseil communal concernant cette stratégie économique ? Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir d'Froen. En Deel dovunner kann ech Iech elo mol selwer beäntwerten.

Mir sinn natierlech a Kontakt mam Proprietär. Viru 14 Deeg war ech bei him sur place. An do si mer eis eens ginn, dass verschidde Renovatioune betreffend d'Gebai, wat den Daach ubelaangt a wat d'Etancheitéit iwwer der Keelebunn vun deenen Hubloten ubelaangt, vum Proprietär selwer an d'Rei gesat musse ginn. An hien ass sech där Responsabilitéit och bewosst ginn, an dee wäert a kuerzer Zäit déi Aarbechten och an Ugrëff huelen.

Dee Locataire, dee soi-disant Locataire, mat deem mer bis elo Kontakt haten an och nach a Kontakt sinn, deen hat nach verschidden Detailer gefrot fir säi Business-Plang, zur Consommatioun vun der Heizung, Consommatioun vum Elektreschen. Do hu mer misse beim leschten Utilisateur vum Gebai – dat war keen anere wéi den ONA – nofroen, fir déi Detailer ze kréien. A waren och sur place mat him, fir den État des lieux ze maache vun der aktueller Kichen, wéi se do ass.

Duerno si mer ganz erstaunt erausgaange mam virege Proprietär an och mat deem neie Locataire, well do komme mer awer, wa mer fäerdeg sinn, op eng Investitioun vun no bei 170.000 Euro, fir dat fachgerecht a Relatioun mam Horeca-Secteur a mat de Sanitär-Ufuerderungen, déi do bestinn, an d'Rei ze setzen. Dat wier awer en immensen Invest.

Nodeems de Locataire du säi Businessplang opgestallt hat, hat en eis d'lescht Woch matgedeelt, datt en net méi interesséiert wär. Deen Invest wär ze vill héich, et wär him net méiglech, esou vill Kapital opzebréngen.

Parallel dozou hu mer awer Kontakt opgeholl gehat mat engem Zweeten, deen och interesséiert ass un deem Projet. A wou mer och elo déi Chifferen op den Dësch geluecht hunn a wou mer amgaange sinn ze verhandelen, fir deen dann awer esou ze integréieren an de Projet, fir dass deen de Projet och géif iwwerhuelen.

Wëssend elo genau, wat d'Chiffere si vun enger Mise à jour vun der Kichen an enger Mise à jour vun engem Bâtiment, wat op Charge ass vun dem Proprietär.

A mir sinn och als Schäfferot der Meenung, dass mir musse kucken, wat mir do investéieren a Relatioun mat deenen anere Leit, déi sech musse privat etabléieren. Dass mer do net an en Dossier komme vun enger Concurrence déloyale. Ech erkläre mech: Wann ech deem engen als Gemeng, ech weess net, zegdausend Euro muss bäileeën, fir seng Kichen ze amenagéieren. An deen, dee sech privat etabléiert, dee kritt déi Suen net, dann ass dat fir mech eng Concurrence déloyale. An dann ass dat net gerecht vis-à-vis vun deem, dee sech um private Secteur etabléiere wëll.

Eis steet natierlech och, wéi mer dat virdru gesot hunn, um Fändel geschriwwen, fir déi Maartplaz ze animéieren a fir déi Maartplaz esou attraktiv wéi méiglech ze gestalten – awer ëmmer, wéi gesot, am Respekt och zum Privatmann, deen esou een Invest mécht ouni de Support vun der Gemeng.

Wat Der gefrot hutt, dee Plang, dee mer hätten, fir d'Geschäftswelt ze reanimméieren oder ze aktivéieren oder méi attraktiv ze gestalten. Dir musst wëssen, dass mer do eng Personalëmännerung virgeholl hunn, an dass mer do nei Leit agestallt hunn, fir deem Dossier Folleg ze ginn a fir deen Dossier nei ze beliewe mat neien Iddien a mat enger neier Ekipp.

Dat ass säit engem Mount, wou deen Dossier an neien Hänn ass. A säit engem Mount hu mer och e Freelance-Kontrakt, deen nach bestoung aus Zäiten, wou mir net an der Responsabilitéit waren, gekënnegt. Well mer déi

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *pose ensuite deux questions. La première concerne le nouveau locataire prévu pour le Petit Casino : viendra-t-il ou non ? Dans le cas contraire, existe-t-il d'autres pistes ?*
*Sa seconde question porte sur la stratégie économique pour la Ville de Differdange, sujet déjà discuté au conseil communal. Il souhaite savoir si les travaux avancent et demande une date pour pouvoir débattre de cette stratégie économique au sein du conseil.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond en détail. Il confirme être en contact avec le propriétaire, qu'il a rencontré il y a deux semaines. Ils se sont accordés sur la nécessité de plusieurs rénovations concernant le bâtiment, notamment le toit et l'étanchéité au-dessus du bowling. Le propriétaire a pris conscience de ses responsabilités et entreprendra prochainement les travaux.*
*Concernant le locataire potentiel, celui-ci a demandé des détails pour son plan d'affaires, notamment sur la consommation de chauffage et d'électricité. Après évaluation de l'état des lieux de la cuisine actuelle avec l'ancien propriétaire et le nouveau locataire, l'investissement nécessaire s'élève à près de 170 000 € pour une mise aux normes Horeca et sanitaires. Le locataire a finalement décliné la semaine dernière, jugeant l'investissement trop élevé.*
*Parallèlement, un second intéressé est en négociation.*
*Le bourgmestre souligne l'importance d'éviter une concurrence déloyale vis-à-vis des établissements privés.*
*Concernant la stratégie économique, une réorganisation du personnel a été effectuée avec de nouvelles embauches. Un contrat freelance jugé non rentable a été résilié. Il faut maintenant laisser du temps à la nouvelle équipe pour s'investir dans le dossier avant de présenter un nouveau concept au comité d'accompagnement économique.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *demande des éclaircissements concernant le réfectoire des nouveaux ateliers communaux. Elle a constaté*

*dans un calendrier qu'un évènement politique est prévu fin du mois dans ce réfectoire. Elle note que ce réfectoire peut être isolé du reste du bâtiment, ce qui est positif. Elle suppose que la salle sera louée à l'avenir, comme le Hall O, où se tient actuellement le conseil, ou d'autres salles communales.*
*Elle s'interroge sur l'existence d'un règlement de taxes, qui devrait passer par le conseil communal, ainsi que d'un règlement d'ordre interne. Elle souligne qu'elle n'a trouvé aucune publication sur le site de la commune de Differdange concernant la location de cette salle pour un citoyen ordinaire qui souhaiterait la louer, et demande des précisions à ce sujet.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond que le CID à Niederkorn est en phase finale de travaux. Il reconnait que certaines personnes ne sont pas encore satisfaites, notamment concernant l'ouverture des fenêtres, mais il s'agit de petits problèmes. Il indique que monsieur Ulveling a communiqué les dates d'ouverture et de présentation au public.*
*Concernant le réfectoire, qui n'est pas encore terminé, la commune envisage de le mettre à disposition des associations ou des personnes ayant besoin d'une grande salle, une fois l'ensemble des travaux achevés. Lorsque tout sera terminé, la commune rendra cette location officielle en précisant le nombre de places disponibles.*
*Il explique que le réfectoire mentionné n'est pas achevé, avec des éléments manquants dans la cuisine et des installations sanitaires non terminées. Les utilisateurs doivent actuellement se rendre dans une autre partie du bâtiment pour accéder aux toilettes. Il n'est donc pas possible de fixer des taxes avant de connaitre les équipements de la cuisine, la disponibilité des sanitaires, la superficie et le nombre de places. Une fois terminé, le tout sera taxé, intégré au calendrier des taxes et rendu public.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *réplique que la commune devra travailler rapidement puisque l'évènement qu'elle a vu est prévu le 30 juin, alors que le prochain*

Noutwendegkeet net méi agesinn hunn, wat dee Freelance-Kontrakt eis kascht huet a wat en eis vu Plus-value bruecht huet, dat net méi an engem Equiliber fonnt hunn. Do hu mer dee gekënnegt.

Elo musse mer deene Leit, déi un deem Dossier do schaffen, fir ee Konzept an eng ganz Revalorisatioun vum Zentrum ze kréie vun eiser Geschäftswelt, musse mer deenen och d'Méiglechkeet ginn, fir sech doranner anzeschaffen. An dann do sech ze investéieren, fir Iech dat dann an der Commission d'aménagement économique do kënnen nei ze presentéieren, mat engem neien Elan a mat neie Leit hanner deenen Dossieren.

Ech mengen, dat waren déi Haaptfroen, déi Der hat. Wann nach aner Saache sinn, sinn ech awer gäre bereet, Iech dorop ze äntwerten.

Madamm Pregno, wannechgelift.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Ech hunn an engem politesche Kalenner gesinn, dass Enn dës Mounts ee politescht Evenement am Refectoire vun den neie Gemengenateliere virgesinn ass. Et ass jo esou, dass dee Refectoire ofgeschloss ka ginn, soen elo mol, par rapport, zum Gebai, wat jo eng flott Saach ass.

Wat mech elo just e bësse gewonnert huet: Ech huelen un, dass d'Projektioun ass, dass dee Sall weider soll verlount ginn, souwéi den Hall O, an deem mer elo sëtzen, oder aner Säll an der Gemeng. Ech wollt elo just froen, wéi et do ass mat engem Taxereglement. Dat misst jo eng Kéier duerch de Gemengerot da goen, respektiv e Règlement d'ordre interne. Ech hunn och keng Publikatioun um Site vun der Gemeng Déifferdeng gesinn. Wann ech elo als normale Bierger vun der Gemeng esou ee Sall wéilt lounen, also dee Sall op d'mannst zu Nidderkuer wéilt lounen, fannen ech dozou keng Informatiounen. Kéint Der eis do e puer Prezisioune vläicht diesbezüglech ginn? Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir d'Fro. Dorop äntwerten ech gär. De CID zu Nidderkuer ass an der Phase finale. Do sinn déi lescht Aarbechten amgaangen. Ech weess, dass Leit nach net zefridde sinn, well d'Fënsteren net esou op ginn, wéi se wëllen – dat sinn déi kleng Bobboen. Awer mir sinn an der Phase finale, fir do ofzeschléissen.

Ech mengen, den Här Ulveling hat d'Datumer genannt, wéini d'Ouverture ass a wéini de Publik dat Ganzt virgestallt kritt. An dat doten ass eng Saach vum Refectoire, deen och nach net ganz fäerdeg ass. Wann dat Ganzt ofgeschloss ass, wann dee Bau fäerdeg ass, hu mer geduecht, fir de Veräiner respektiv Leit, déi eng Locatioun brauchen, méi ee grousse Sall froen, de Refectoire zur Verfügung ze stellen.

A wann dat alles fäerdeg ass, dat Éischt, wat mer da maachen, wäerte mer dat offiziell maachen, wou een déi Locatioun ka maachen, wéi vill Plazen do sinn. Well och déi Refectoiren, déi elo haut, wat Dir uschwätzt, zur Verfügung gestallt ginn, déi sinn nach net ganz fäerdeg. Do feelen nach Saachen an der Kichen. An dat ass am Fong geholl just als Versammlungssall geduecht, mee deen ass och nach net ganz ofgeschloss. D'Sanitäranlagen, zum Beispill, sinn nach net fäerdeg. Do musse se an een aneren Trakt kënne goen, fir do op eng Toilette ze goen, soudass mer net kënnen Taxe festleeën, ier mer wëssen, wat fir eng Apparaturen an der Kiche stinn, wéini d'Sanitäranlagen zur Verfügung stinn, wéi vill Meterkaree a wéi vill Still.

Mee wann dat awer eng Kéier fäerdeg ass, wäerte mer dat taxéieren, da wäerte mer dat an deen Taxekalenner aschreiwen an dann deementspriechend och do Taxe froen an dat och public maachen, fir dass dat fir de Grand public zougänglech ass.

Madamm Pregno.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Da musst Der awer elo ganz schnell schaffen, well dat Evenement, wat ech gelies hunn, ass den 30. Juni. Deen

nächste Gemengerot ass de 16. Juli. Dat klappt also schonn zäitlech net iwwereneen, fir dat do virdrun ze maachen. An dann hoffen ech, dass dann déi Leit do net mussen deen Owend op d'Toilette. Oder wéi soll ech dat elo verstoen?

Do ass elo iergendwéi keng logesch Suite an deem, wat Der sot. Well de Gemengenatelier gëtt jo den 18. ageweit. Ech ka verstoen, dass vläicht net alles fäerdeg ass, dat ass jo och oft bei Aweiungen esou, dass vläicht nach eng Gaine feelt oder iergendeppes, mee de 26. ass jo mol da fir de Public op. An dann den 30. gëtt op d'mannst eng Reunioun oder eppes méi Grousses do ofgehalen. Ech weess net, a wéi enger Dimensioun ee sech do befënnt, mee do fannen ech elo Är Äntwert net ganz logesch drop, wat Der mer elo do gesot hunn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Also Dir spillt jo ganz kloer op dat Evenement un, wou de Staatsminister gefrot huet, eng Reunioun kënnen hei ofzehalen am Kader vun der „CSV on Tour" oder wéi et dann heescht. An do ass et jo esou, dass et bis dato ni enger politescher Partei iergendwéi eng Locatioun gefrot ginn ass. Dat wäerte mer och warscheinlech ni maachen.

Vu dass mer, leider, näischt anescht zur Dispositioun haten, hu mer du gesot, da versiche mer et mat deem Sall, gesi mer mol, wéi dat geet, wat do geet, wat net geet. An et ass natierlech ganz kloer esou konzipéiert, schonn dès le départ, dass een dat kann esou oftrennen, dass ee kee Passage kritt an d'ganzt administratiivt Gebai respektiv soss enzwousch.

A wéi gesot, dat hei ass elo eng Aart Testphas, loosse mer soen. D'Leit mussen dann eeben e bësse méi wäit op d'Toilette goen, an deem Fall do, ewéi et vläicht initialement geduecht war. Mee et ass ganz kloer esou konzipéiert, dass mer dat wëllen opmaachen net elo fir all Generalversammlung oder esou, mee fir wa méi gréisser Saache sinn, da maache mer dat op. An do ass och kloer gesot ginn, dass mer dofir een Taxereglement wäerte maachen.

Mee, à ce stade, hu mer eis doriwwer nach keng Gedanke gemaach wat dat soll effektiv kaschten. Mee vu dass d'politesch Parteien dat ëmmer fir näischt haten, brauche mer an deem Fall do dat net.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. D'Madamm Da Silva, wannechgelift.

**ELISABETH DA SILVA (DP):**

Merci fir d'Wuert. Ech hätt zwou Froen. Déi eng geet ëm den Ëmbau vum Gemengegebai. Eis ass opgefall, datt d'Terrassementsaarbechte vum Ëmbau vun der Gemeng schonn zënter e puer Woche gemaach sinn, awer den Ëmbau net richteg virugeet.

An deem Sënn sinn e puer Leit op eis zoukomm mat der Fro, firwat dat dann esou ass. An dëst zanter ongeféier 14 Deeg.

Kann de Schäfferot eis informéieren, ob dëst stëmmt. A falls jo, firwat et esou ass respektiv wéini dës Aarbechten dann elo weiderginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dat kann ech direkt maachen. Si sinn net ganz gestoppt, bannen am Gebai gëtt weider geschafft. Mee, effektiv, baussen ass ee Probleem mat dem Haus Henckes, wou aner Dalle sinn, wéi ugeholl ginn ass, an dat riskéiert anzefalen. Do sinn elo Architekten a respektiv Büroen drop, fir ze kucken, wéi mer dat am beschte stäipen, fir dass dat net weider deterioréiert.

Do gëtt no enger Solutioun gesicht, fir dat ze stabiliséieren, ouni dass do d'Gefor besteet, dass dat zesummefält.

Awer bannen dra geet et weider.

**ELISABETH DA SILVA (DP):**

Merci. Déi zweet Fro betrëfft d'Sonorisatioun am Centre-ville. Mir wësse jo

*conseil communal est le 16 juillet, ce qui ne correspond pas chronologiquement. Elle espère que les participants n'auront pas besoin d'aller aux toilettes ce soir-là. Elle trouve que la réponse reçue est illogique, considérant que l'inauguration des ateliers communaux est prévue le 18, l'ouverture au public le 26, et une réunion importante le 30.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise qu'il s'agit de l'évènement pour lequel le Premier ministre a demandé à pouvoir organiser une réunion dans le cadre de CSV On Tour. Il affirme qu'aucun loyer n'a jamais été demandé à un parti politique et que cela ne sera probablement jamais fait. Faute d'autre local disponible, ils ont accepté d'essayer avec cette salle en phase test.*
*Le bâtiment est conçu pour permettre une séparation sans passage vers la partie administrative. Pour cet évènement-test, les participants devront se rendre plus loin aux toilettes. La salle sera ouverte pour des évènements importants, pas pour toutes les assemblées générales.*
*Un règlement de taxes sera établi, mais la réflexion sur les tarifs n'a pas encore eu lieu. Les partis politiques ayant toujours bénéficié de la gratuité, ils n'auront pas à payer dans ce cas.*

**ELISABETH DA SILVA (DP)** *pose deux questions. La première concerne les travaux de transformation du bâtiment communal. Elle note que les travaux de terrassement sont effectués depuis quelques semaines, mais que la transformation ne progresse pas vraiment depuis environ 14 jours. Des citoyens s'interrogent sur cette situation.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que les travaux ne sont pas complètement arrêtés à l'intérieur du bâtiment. À l'extérieur, un problème est survenu avec la maison Henckes, où des dalles risquent de s'effondrer. Des architectes et bureaux cherchent la meilleure solution pour stabiliser la structure sans risque d'effondrement.*

**ELISABETH DA SILVA (DP)** *évoque ensuite la sonorisation du centre-ville, soulignant l'importance de l'animation du centre urbain pour tous les citoyens, particulièrement lors des festivités, comme les marchés, braderies et animations de rue.*
*À la suite de la braderie de samedi dernier, des membres de l'ACOMM ont signalé que la sonorisation serait défaillante, le matériel étant ancien et inadapté, ne permettant pas de diffuser simultanément musique et messages. Elle demande s'il serait possible d'investir dans un nouvel équipement.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond qu'il faudra prévoir les moyens budgétaires l'année prochaine pour investir dans un nouveau système de sonorisation. Il avoue ne pas connaitre précisément les détails de l'installation actuelle, ni sa localisation exacte ni son propriétaire. Il propose néanmoins d'envisager cet investissement et s'engage à examiner la question pour éventuellement prévoir cette dépense dans le budget 2026.*

**ELISABETH DA SILVA (DP)** *remercie monsieur Ulveling pour cette réponse.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie monsieur Ulveling pour les réponses fournies et constate qu'il a traité toutes les questions notées au début de la séance. Il demande s'il y a d'autres questions et, en l'absence de nouvelles interventions, propose de passer à la séance non publique.*

all, wéi d'Beliewe vum Stadkär eis alleguerten um Häerz läit a wéi vill an deem Sënn och investéiert gëtt, wat jo wichteg ass fir all eis Bierger an der Weiderentwécklung vun eiser Stad. An dëst net nëmmen, awer virun allem, wärend der Fräizäit an de Festivitéiten, wou mer d'Leit jo wëllen all zesummebréngen. Zum Beispill wärend Mäert, Braderien, Stroossenanimatiounen, fir der just e puer ze nennen.

Leschte Samschdeg hu mer jo nach eng Kéier mat der Braderie esou een Zesummekommen erlieft, ënner bloem Himmel – jiddefalls bis 15:00 Auer. A Musek an Animatioun soll an däerf bei esou Evenementer jo net feelen.

An deem Kader sinn e puer Leit vun der ACOMM op eis zoukomm, mat enger spezifescher Doleance: Iwwer d'Sonorisatioun, déi anscheinend schlecht wier. An dëst wier materiell bedéngt. Dat heescht, d'Material wär zimmlech al an net méi adaptéiert.

Dat aktuellt Material erlaabt et zum Beispill net, Musek a Messagen zesummen ze diffuséieren.

Duerfir d'Fro, ech weess, dat si Käschten an d'Zukunft, mee bon: Wär et méiglech a vläicht un der Zäit, an eng nei Anlag ze investéieren?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Da musse mer eis d'nächst Joer dee Budget, d'Moyene ginn, fir do ze investéieren. Ech muss dat nofroen. Éierlech gesot, ech weess elo net, wat fir eng Anlag mer do hunn a wiem seng et genau ass a wou se steet, an esou weider.

Mee et kann een dat awer envisagéieren. Ech huelen dat emol mat an da kucke mer, dass mer vläicht fir de Budget 2026 dann esou eppes do kënne virgesinn.

**ELISABETH DA SILVA (DP):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Äntwerten. Dat ware mol déi Froen, déi ech mer opgeschriwwen hat, wéi mer ugefaangen hu mat eiser Sitzung. Wann elo keng weider Fro méi do wär, da géife mer zur Séance nonpublique iwwergoen.



# VACANCES SCOLAIRES DE SKI

Le service des sports de la Ville de Differdange organise des vacances de ski pour les enfants de 11 à 13 ans résidant dans la commune.

Laissez vos enfants découvrir le plaisir du ski. Le voyage en bus aura lieu du 29 mars au 3 avril 2026 à l'UCPA Les Arcs en France. Les enfants seront encadrés pendant tout leur séjour et apprendront à skier avec des moniteurs diplômés.

Le prix de 436 € comprend tout : le voyage en bus, le séjour en pension complète, le forfait ski, l'assurance, le moniteur de ski et le matériel. En cas de besoin, une aide financière pourra être allouée, notamment aux familles bénéficiant de l'allocation de vie chère.

**Formulaire de préinscription**

# DES ACCOMPAGNATEURS POUR LE PÉDIBUS

Le projet pédibus vise à permettre aux enfants de se rendre en toute sécurité à l'école à pied.

La Ville de Differdange recherche des personnes pour accompagner les enfants à l'école à pied dans les différents quartiers. Les accompagnateurs sont rémunérés selon une convention.

Parallèlement, la commune recherche aussi un pool de remplaçants.

**Responsabilités**

- Établir une relation de confiance avec les parents.
- Respecter les horaires de passage de la ligne de pédibus.
- Respecter le Code de la route et les règles élémentaires de sécurité (surveillance, prévention, gestion des situations d'urgence).
- Accompagner les enfants jusqu'à la cour d'école.

**Compétences requises**

- Esprit d'initiative et sens de l'autonomie.
- Sens prononcé des responsabilités.
- Esprit d'équipe.

**Pièces à joindre**

- Extrait récent du casier judiciaire (bulletins no 3 et no 5).
- Curriculum vitae renseignant l'adresse de résidence complète.
- Lettre de motivation.
- Copie recto verso d'une pièce d'identité en cours de validité.
- Copie de la carte de sécurité sociale.

Les documents sont à envoyer à scolaire@differdange.lu.



# Schadstoffverpackungen

Sicher entsorgen, Alternativen nutzen

Im Haushalt und Garten, beim Reinigen, und Renovieren fallen auch mal Chemikalien an, wie z.B. Spezialreiniger, Farben, Lasuren, Schutzanstriche, lösungsmittelhaltige Kleber, aber auch Öle, Fette und Kraftstoffe sowie Pflanzenbehandlungs- und Schädlingsbekämpfungsmittel etc.

# *Emballages nocifs*

*Éliminer en toute sécurité, utiliser des alternative*

*Dans le ménage et le jardin, au nettoyage, et la rénovation des produits chimiques sont utilisés tels que nettoyants spéciaux, peintures, vernis, revêtements protecteurs, adhésifs à base de solvants, mais aussi huiles, graisses et carburants ainsi que des agents de lutte contre les mauvaises herbes et les ravageurs, etc.*

## Vermeidung

→ Benutzen Sie möglichst schadstoffarme oder -freie Produkte!

→ Achten Sie auf das Label „**Shop Green**“ und auf Umweltzeichen, wie den ‚**blauen Engel**’.

→ Schadstoffe können in die Verpackung ausströmen. Daher sowohl Behälter mit Anhaftungen, wie auch scheinbar leere Behälter richtig entsorgen.

## *Prévention*

→ *Utilisez autant que possible des produits peu ou pas polluants !*

→ *Recherchez le label « **Shop Green** » et les écolabels, comme l’ « **ange bleu** ».*

→ *Substances nocives peuvent s’échapper dans l’emballage. Il convient donc d’éliminer correctement aussi les récipients contenant des résidus que ceux qui semblent vides.*

### Information
### *Informations*

### Ressourcenpotential
### *Potentiel de ressources*

## Auf Symbole achten

## *Attention aux symboles*



Produkte, die Gefahrenstoffe enthalten, sind leicht an den Gefahrensymbole zu erkennen. **Informieren Sie sich über die Bedeutung der Gefahrensymbole !**

*Les produits contenant des substances dangereuses sont faciles à reconnaître grâce aux symboles de danger. **Informez-vous sur la signification des symboles de danger !***

Aus Schadstoffverpackungen können Sekundärrohstoffe zurück gewonnen werden. Ein weiterer Teil wird energetisch verwertet, also unter Gewinnung von Energie verbrannt, oder es wird ein Ersatzbrennstoff hergestellt.


**Korrekt entsorgen**

Mobile Sammlung der SuperDrecksKëscht®
Ressourcencenter

*Il est possible de récupérer des matières premières secondaires à partir d’emballages polluants. Une autre partie est récupérée sous forme d’énergie, c’est-à-dire brûlée pour produire de l’énergie.*

***Elimination correcte***

*Collecte mobile de la SuperDrecksKëscht®*
*Centre de ressources*



● **72,86%**
Zurückgewinnung von Rohstoffen
*Récupération de matières premières*

● **27,14%**
Herstellung eines Ersatzbrennstoffes
*Production d’un combustible de substitution*



# Motoröle

Handeln Sie umweltbewusst

Altöle, die mit anderen Flüssigkeiten vermischt sind, können nicht mehr recycelt werden. Sind sie mit leicht entzündlichen Flüssigkeiten wie z.B. Kraftstoffe oder Lösungsmittel vermischt, kann sich eine explosionsfähige Mischung bilden und ein stoffliches Recycling wird erschwert.

# *Huiles de moteur*

*Agissez dans le respect de l'environnement*

*Les huiles usagées mélangées à d'autres liquides ne peuvent plus être recyclées. Si elles sont mélangées à des liquides facilement inflammables comme des carburants ou des solvants, il peut en résulter un mélange explosif et le recyclage des matériaux devient plus difficile.*

## Vermeidung

- → Vermischen Sie keine pflanzliche und mineralische Öle.
- → Nutzen Sie Altöl nicht als Brennstoff.
- → Verunreinigte Öle und nicht verwertbare Bestandteile aus dem Recyclingprozess können zur Energieerzeugung genutzt werden.

## *Prévention*

- → *Ne mélangez pas non plus des huiles végétales et des huiles minérales.*
- → *N'utilisez pas les huiles usagées comme combustible.*
- → *Les huiles impures et les composants non valorisables issus du processus de recyclage peuvent encore être utilisés pour produire de l'énergie.*

**Kennzeichnen Sie Altöle, die mit Kraftstoffen und Lösungsmittel verunreinigt sind um ein Vermischen mit reinen Altölen zu vermeiden!**

***Marquez les huiles usées souillées par des carburants et des solvants afin d'éviter qu'elles ne soient mélangées à des huiles usées pures!***

### Information
### *Informations*


### Ressourcenpotential
### *Potentiel de ressources*

Lassen Sie Ölwechsel von Fachleuten in Werkstätten mit dem Label SuperDrecksKëscht® fir Betriber durchführen. Hochwertiges Öl schont den Motor, verlängert die Wartungsintervalle und vermeidet so Abfall.

Entsorgen Sie Altöle über die SuperDrecksKëscht® und ihre Partner. Nutzen Sie hochwertige Öle aus Altölrecycling.

*Faites changer l'huile par des experts dans ateliers avec le label SuperDrecksKëscht® fir Betriber. Une huile de haute qualité protège le moteur, prolonge les intervalles d'entretien et évite ainsi le gaspillage.*

*Utilisez les services de la SuperDrecksKëscht® et leur partenaires. Utilisez des huiles de qualité provenant du recyclage des huiles usagées.*



**87,09%**
Zurückgewinnung von Rohstoffen
*Récupération de matières premières*

**7,43%**
Herstellung eines Ersatzbrennstoffes
*Production d'un combustible de substitution*

**1%**
Verunreinigungen werden beseitigt
*Les impuretés sont éliminées*

GmbH & Co KG schirra DER ENTSORGUNGS - SPEZIALIST

KSR